

# INFO °06 21 BLAT

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**

**GEMENGEROTSSÄTZUNG  
VUM 29. JUNI 2021  
A VUM 14. JULI 2021**

# Conseil communal du 24 novembre 2021

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 24 NOVEMBRE 2021



## Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Robert Mangen (échevin, CSV)

Laura Pregno (échevine, déi gréng)

Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)

Guy Altmeisch (LSAP)

Fred Bertinelli (LSAP)

Paulo De Sousa (déi gréng)

Jerry Hartung (CSV)

Pierre Hobscheit (LSAP)

Georges Liesch (déi gréng)

Fränz Meisch (DP)

Erny Muller (LSAP)

Ali Ruckert (KPL)

Christiane Saeul (DP)

Fränz Schwachtgen (déi gréng)

Guy Tempels (CSV)

Eric Weirich (déi Lénk)

Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR [WWW.DIFFERDANGE.LU](http://WWW.DIFFERDANGE.LU).

## INFOBLAT<sup>06 21</sup>

### COMPTE-RENDU DU 29 JUIN 2021

3-31

### COMPTE-RENDU DU 14 JUILLET 2021

33-63

### LA FORÊT POUR TOUS

64

### DEMANDER UN PASSEPORT BIOMÉTRIQUE

65

### DÉCLARER UNE NAISSANCE

66

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange  
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | [www.differdange.lu](http://www.differdange.lu) | [mail@differdange.lu](mailto:mail@differdange.lu)

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Nathalie Flenghi

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé  
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 02/2021**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 29 JUIN 2021

---

## CONSEILLERS PRÉSENTS

|                                                    |                               |
|----------------------------------------------------|-------------------------------|
| Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng)    |
| Tom Ulveling, 1 <sup>er</sup> échevin (CSV)        | François Meisch (DP)          |
| Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)                  | Erny Muller (LSAP)            |
| Robert Mangen, échevin (CSV)                       | Ali Ruckert (KPL)             |
| Laura Pregno, échevine (déi gréng)                 | Christiane Saeul (DP)         |
| Guy Altmeisch (LSAP)                               | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Fred Bertinelli (LSAP)                             | Guy Tempels (CSV)             |
| Paulo De Sousa (déi gréng)                         | Eric Weirich (déi Lénk)       |
| Jerry Hartung (CSV)                                | Nicole Wohl (déi gréng)       |
| Pierre Hobscheit (LSAP)                            |                               |

## ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : procédure d'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Differdange — vote du conseil communal suivant article 14 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;
3. Règlements communaux : règlements temporaires de circulation
4. Changements au sein des commissions consultatives.

# 1. Communications

## CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*ouvre la séance. Elle salue la presse, le service de l'urbanisme, le service des bâtisses et maître Helmingier. Il va être question du PAG, un document décrivant la commune au cours des six prochaines années. Il répond à des questions sur la façon de croître, de vivre et d'habiter.*

*Le développement de Differdange est confronté à un défi considérable en ces temps d'instabilité. La commune doit stabiliser l'accroissement de la population, qui dépasse la moyenne. Or la qualité de vie est importante pour une ville. Differdange est la troisième ville du pays, mais la croissance ne peut pas être le seul critère du futur développement. Le slogan de Differdange a longtemps été «une ville industrielle dans le vert». Aujourd'hui, on pourrait parler de «ville industrielle en transition». L'industrie reste et la nature doit être protégée. La nature est un partenaire à respecter. C'est pourquoi le collège échevinal n'a pas élargi le périmètre de construction. Les maisons familiales et certains quartiers ont été protégés.*

*Differdange compte des réserves naturelles et des zones Natura 2000. Le PAG doit en tenir compte. La politique écologique ne peut pas être négligée. Par exemple en s'assurant que la voirie est adaptée aux différents moyens de transport. C'est que l'on appelle aussi la mobilité douce.*

*Les zones naturelles ne sont pas seulement nécessaires autour de la ville, mais aussi à l'intérieur. C'est ce qui explique le classement de certains terrains en zones de jardin. Differdange a besoin de poumons verts en ville; les derniers étés et les derniers événements climatiques le prouvent. La ville a besoin d'espace et d'air pour augmenter la qualité de vie.*

*Aujourd'hui, il sera question des réclamations privées et des avis du ministère de l'Intérieur et du ministère de l'Environnement. La commune a reçu cinquante réclamations. La procédure a été lancée le 20 novembre 2019. Désormais, il s'agit de passer en revue les réclamations et les avis des deux ministères, sur la base desquels le PAG peut être modifié. Pour le reste du*

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine Mëtten zu dëser e bëssen extraer Zäit fir eise Conseil.

Erlaabt mer hei an eiser Ronn d'Press ze begreissen, eise Service urbanisme mat dem Service construire an de Maître Helmingier.

Mir wäerten haut iwwert de PAG schwätzen oder de Plan d'aménagement général. Dofir hu mer d'Sitzung ugesat. PAG, wat ass dat? E PAG ass een Dokument, an deem mer eis Gemeng an deenen nächste sechs Joer beschreiwen. Wéi wëlle mer wuessen? Wéi wëlle mer liewen? Wéi wëlle mer wunnen? An dat alles mat enger Visioun op zwielef Joer.

Et geet ëm d'Entwécklung vun der Stad Déifferdeng. En Defi, deen a mengen Ae virun allem an dësen onstabelen Zäite grouss ass. Et geet elo ganz kloer drëm, d'Gemeng mat hirem rasante Wuessstem ze stabiliséieren. Mir si wäit iwwert dem Duerchschnitt vum Wuesen. Mir als Stad Déifferdeng leien driwwer. A mir mussen eis elo deenen domadder entstanenen Erausforderungen unhuelen am Sënn vun der Liewensqualitéit. Liewensqualitéit ass ganz wichteg an enger Stad. Mir sinn déi drëttgréisst Stad am Land. Mee Wuessstem dierf net deen eenzege Kritär sinn, no deem mir eis Stad wëllen an Zukunft féieren an organiséieren.

„Déifferdeng, eng Industriestad am Gréngs“ war emol ee Slogan an der Zäit. „Eng Industriestad en transition“ kéint een haut soen: ënnerwee an d'Zukunft. D'Industrie bleift, an op d'Gréngs ronderëm mussen mer gutt oppassen.

Et ass wichteg an enger Stad wéi Déifferdeng, d'Natur als Partner ze gesinn, ze respektéieren an ze schützen. An dat hu mir gemaach, andeems mer de Perimeter net erweidert hunn, wéi et am Koalitiounsprogramm steet, andeems mer méi Terrainen aus dem Bauperimeter geholl hunn, 91 Hektar, wéi mer der dragesat hunn, 17,84 Hektar. Eng reng Extensioun kënnt an deem PAG net vir.

Mir hunn d'Eefamilljenhaiser geschützt an der Optik, net iwwerdimensional ze wuessen do, wou d'Infrastrukturen et

net zouloossen. A fir d'Authentizitéit vu verschiddene Quartieren ze schützen, déi d'Entwécklung vun eiser Stad geprägt hunn an och erëmspigelten. Do schützen mer dann och eise Patrimoine.

Als gréng Stad a Stad am Gréngs ass eis den Ëmweltschutz wichteg. Mir hunn d'Natura-2000-Gebidder an d'Naturschutzgebidder direkt virun eiser Dier. An all deem probéiere mer an eise PAG Rechnung ze droen. Ëmweltpolitik ass ee wichtige Pilier, dee mer net dierfe vernoléisegen, wou mer zum Beispill um Wee sinn ze kucken, wéi mer de begrenzte Stroosseraum besser ënner deene verschiddene Mobilitéitsméiglechkeete kënnen opdeelen. Da géife mer och schwätzen ënner anerem vun der Mobilitéit douce.

Mee Gréngs brauche mer net nëmme ronderëm d'Stad, mee och ëmmer méi an der Stad. Dofir hu mer eng ganz Partie Gäert als Zone jardin klasséiert. Do, wou dann net dierf gebaut ginn. Well mer och eng gréng Long an der Stad brauchen. An dat ëmsou méi dréngend no deene leschte Summeren an no deene leschte Wiederkapriolen.

An iergendengem Interview hat ech gesot: „Mir mussen eiser Stad Raum a Loft ginn, well dat d'Liewensqualitéit an enger Stad erhéicht“. An do wou ech eng gutt an eng flott Liewensqualitéit fannen, do bleiwen ech och gär.

De Mëtte wäerte mer eis an eiser Sëtzung iwwert de PAG ausschliisslech mat de private Reklamatiounen op där enger Säit an den Avisen vum Inneministère an dem Ëmweltministère op där anerer Säit befaassen.

Mir hunn am Ganzen eng Ronn 50 Reklamatiounen erakritt. Wat u sech ee positivt Signal ass, fir esou ee vasten Dossier. De PAG selwer hate mir mat der zweeter Saisine vum 20. November 2019 an d'Prozedur ginn, nodeems mer déi éischt Saisine vum 19. Juni 2019 an déi vum November annulléiert haten an d'Lancement vun enger zweeter Saisine gemaach hunn. Duerno war eise PAG op den Innen- an den Ëmweltministère geschéckt ginn.

Elo hu mir hir Avisen a Suggestiounen erëmkritt. A wéi scho gesot, de Mëtteg befaasst sech de Gemengerot ausschliisslech mat de Reklamatiounen a

# 1. Communications

mat den Avise vun deenen zwee Ministère. Dat heescht, mir kënnen just op Basis vun de Reklamatiounen respektiv vun de Suggestiounen an den Avise vun deenen zwee Ministère eng Modifikatioun virhuelen. Zum Rescht vum Dossier PAG hat de Gemengerot sech schonn den 20. November 2019 prononcéiert.

Ech probéieren Iech elo, d'Virgoensweis ze erläuteren. De Virschlag ass: D'Madamm Pregno hëlt elo Reklamatioun fir Reklamatioun duerch. All Reklamatioun huet eng Nummer. Fir d'Saach ze vereinfachen, wäerte mir mat der Nummer schaffen. Dir hutt d'Dokument jo alleguer kritt, wou all Punkt opgeléicht ass. Ech profitéieren op dëser Plaz all involvéierte Servicer ee risegrouse Merci ze soe fir hir Aarbecht an dësem komplexen a virun allem zäitopwännegem Projet.

Am Virfeld hate mir als Gemengerot schonn zwou Aarbechtssätzungen à dräi Stonnen, fir mat Iech déi eenzel Punkten duerchzegoen. Dofir follgend Propos: Nodeems d'Madamm Pregno all Punkt eenzel virgestallt huet, sollen déi Reklamatiounen ernimmt ginn, iwwert déi Der gär eenzel ofstëmme wëllt, wat mer dann och maache wäerten, an all déi aner géife mer dann en bloc ofstëmme loossen.

Natierlech kënn Dir och Froe stellen, déi mer sammelen. Duerno wäerte mer eng Ënnerbriechung maachen, fir eis als Schafferot ze concertéieren, fir Iech dann eng Äntwert ze ginn.

Wichtig ass nach ze soen, dass d'Memberen aus dem Gemengerot, déi selwer oder wou ee Member vun hirer Famill bei engem Punkt beträff ass, dat am Viraus dem Gemengerot matdeelen an net um Vott deelhuele, bei deem Punkt, wou se beträff sinn.

Wéi et an der Loi communale steet, liesen ech Iech elo den Artikel 20 vir, wéi et am Gesetz steet:

„Article 20: Il est interdit à tout membre du corps communal, au secrétaire et receveur d'être présent aux délibérations du conseil communal et du collège des bourgmestre et échevins sur des objets auxquels il a un intérêt direct, soit personnellement, soit comme chargé d'affaires ou fondé de

pouvoir ou auxquels ses parents ou alliés jusqu'au troisième degré inclusivement ont un intérêt personnel et direct. Cette interdiction s'applique tant aux discussions qu'au vote.“

Als éischte Schratt schloen ech vir, dass d'Madamm Pregno eis déi Nummere matdeelt, déi mer d'office aus dem Vott kënnen huelen. Ass d'Prozedur fir jiddweree kloer? Kënnen mer an deem dote Sënn weiderfueren?

Här Meisch, wannechgelift.

---

## FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech hätt eng kleng Remark ze maache punkto Ordre du jour respektiv Prozedur. Trotz eiser Entrevue mam juristische Beroder virun enger Zäit hei vun der Gemeng hunn ech ee prozedurale Problem. Dofir wollt ech Iech am Virfeld iwwer mäin aktuelle Kenntnissstand informéieren.

Nodeems mer hei am Gemengerot an engem zweete Versuch, et gouf elo just gesot, den 20. November 2019 deen neie PAG an d'Prozedur ginn haten, ass den definitive Vott fir haut dann elo geplangt. Mir kruten d'Informatioun, Dir hutt se elo nach eng Kéier bestätegt, dass haut vun Iech just geplangt ass, iwwert d'Reklamatiounen respektiv d'Avise vun de Ministère ofzestëmmen. Laut mengem Verständnis misst awer duerno nach ee Vott iwwert dee gesamte PAG mat all sengen Annexe stattfannen.

Dat hat mer keng Rou gelooss. Dofir hunn ech dat schrëftlech beim Département juridique vum Ministère de l'Intérieur nogefrot. Hei dann d'Äntwert – ech zitéieren: „Jo. Do hutt Der Recht. De Gemengerot muss och nach eemol duerno iwwert dee gesamte PAG ofstëmme.“

Dofir wollt mer Iech dat matdeelen. Net, datt mer riskéieren, duerch ee Prozedurfeeler, nach méi Zäit ze verléieren. Et wär jo am Fong keng grouss Affär, duerno nach ee Vott ze maachen iwwert dee ganze PAG mat all sengen Annexen. Et wär just eng Deliberatioun méi ze schreiwen. An dee Vott kéint och pro Sektoun gehale ginn, datt verschidde Leit, déi een Interêt direct hunn, awer trotzdeem un engem Deel

PAG, le conseil communal s'est prononcé le 20 novembre 2019.

Madame Pregno va passer en revue les réclamations. Chaque réclamation porte un numéro. Les conseillers communaux disposent d'une liste.

Christiane Brassel-Rausch profite de l'occasion pour remercier tous les services concernés pour leur travail dans ce projet complexe.

Le conseil communal s'est déjà réuni au préalable lors de deux séances de travail de trois heures. Après la présentation de madame Pregno, les conseillers communaux pourront décider quelles réclamations ils souhaitent voter individuellement. Les autres seront votées en bloc. Bien entendu, les conseillers communaux pourront aussi poser des questions, auxquelles le collège échevinal répondra après concertation.

Les conseillers communaux concernés directement ou indirectement par certains points devront le communiquer comme le prévoit l'article 20 de la loi.

Christiane Brassel-Rausch cède la parole à madame Pregno avant de constater que monsieur Meisch a une question.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** voit un problème procédural malgré les entrevues avec le conseiller juridique. Il rappelle qu'aujourd'hui aura lieu le vote définitif du PAG alors que la procédure a été lancée le 20 novembre 2019. Il pense cependant qu'un vote ultérieur de l'ensemble du PAG et de ses annexes est nécessaire après le vote sur les réclamations et les avis. Pour s'en assurer, il a posé la question par écrit au département juridique du ministère de l'Intérieur. On lui a répondu qu'il a raison. Le conseil communal doit approuver l'ensemble du PAG. François Meisch veut éviter de perdre du temps pour un vice de forme. De toute façon, un vote supplémentaire n'a rien de compliqué. Il y aurait juste une délibération de plus à rédiger. Le vote peut aussi se faire par section ou par localité afin de permettre à ceux ayant un intérêt direct de prendre part à une partie de l'approbation.

François Meisch rappelle aux conseillers communaux de ne pas

## 2. Projet d'aménagement général

*participer au vote s'ils ont un intérêt direct jusqu'au troisième degré. Pour le reste, il n'est pas juge et ne sait pas qui a raison.*

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*revient sur les étapes à suivre. Madame Pregno va communiquer le numéro des réclamations pouvant être exclues du vote. Ensuite, le conseil communal procédera au vote séparé des dossiers où certains conseillers communaux sont concernés. Enfin, on passera aux votes individuels comme demandé par les fractions. Les autres réclamations seront approuvées en bloc.*

*Christiane Brassel-Rausch accepte la proposition de monsieur Meisch de voter ensuite l'ensemble du PAG.*

*Avant de passer au PAG, la bourgmestre communique au conseil communal que le loup a fait son retour à Differdange — dans le « Märchewee » pour les enfants.*

*La distribution de sacs de sable s'est bien passée. La commission chargée de définir les causes des inondations et de trouver des solutions est prête à siéger.*

*Pour ce qui est de l'aide aux commerçants, la commune a reçu 110 demandes. Le délai est fixé à demain minuit. Ensuite, il faudra vérifier les dossiers. Des chiffres concrets seront présentés le 14 juillet.*

*Le collège échevinal n'a pas d'autres communications. Christiane Brassel-Rausch cède la parole à madame Pregno.*

### **LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)**

*explique qu'il s'agit de retirer les points au sujet desquels la commune a reçu un avis, mais pas de réclamations. Il s'agit de point 115 du Centre national de recherche archéologique et du point 116 des CFL.*

*Les points 113 et 114 concernent des réclamations ayant été retirées. Le conseil communal n'a donc pas besoin de les soumettre à un vote.*

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*demande au conseil communal d'approuver ces quatre points.*

*(Vote)*

vum Vott kéinten deelhuelen. Oder amplaz vun de Sektione pro Uertschaft. Dat ass dem Gemengerot anscheinend – laut Ministère de l'Intérieur – fräigestallt.

Dann nach: Ech widderhuele just de Rot vun der Madamm Buergermeeschtesch un all Conseiller sech ewechzehalen, wann een Interêt direct besteet. An dat geet souguer bis an den drëtte Grad. D'Alliance inclus. Et geet also richtig wäit. Ech wollt dat just nach gesot hunn, éier mer elo an d'Prozedur ginn. Net, datt mer herno nach eng Kéier vläicht Zäit verléieren.

Wien elo Recht huet – ech si kee Riichter.

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Mir kënnen jo ofstëmmen elo hei, dass mer – ech wollt elo opzielen eis verschidde Schrëtt, déi mer virhuelen. Als éischte Schratt schloen ech vir, dass d'Madamm Pregno eis déi Nummere matdeelt, déi mer d'office aus dem Vott kënnen huelen.

Als zweete Schratt géife mer ee Vote séparé maache vun deenen Dossieren, wou d'Membere vum Gemengerot betraff sinn. Déi mussen dann erausgoen. Déi ginn och opgefuerdert erauszegoen. Vun deene mir elo wëssen. Déi sech bei eis gemellt hunn.

Da géife mer un de Vote séparé vun de Fraktione kommen. Dat heescht, déi vun Iech ugefrot gi sinn. Dat sinn der eng 15 un der Zuel. Da géife mer all déi aner Reklamatiounen en bloc ofstëmmen.

An ech schloe vir, mir huelen dem Här Meisch seng Propos un. Da maache mer nach eng Kéier ee Vott iwwert dee ganze PAG. Kënnen mer domadder esou ëmgoen? Da géif ech ëm d'Handhiewe bidden.

Ier mer zum PAG kommen, ganz kuerz d'Communications du collège des bourgmestre et échevins. Ech wëll Iech matdeelen, dass de Wollef zu Déifferdeng ukomm ass. Um Märchewee ass eng nei Statioun ageweit gi fir d'Kanner.

Eis Initiativ mat de Sandsäck, no den Iwwerschwemmungen, ass gutt ukomm bei de Leit. Et si vill Sandsäck ofgehall ginn. An ech kann Iech och soen, dass d'Kommissioun, déi sech ëm d'Héichwaasser mat de Causes a Léisunge befaasst, esouwäit opgestallt ass.

Déi drëtt Kommunikatioun, dann halen ech op: Eis Aides aux commerçants, déi mer Iech jo virgestallt hunn, dat leeft gutt. Mir hu bis elo 110 Demanden erakritt. Muer den Owend um 24 Auer ass d'Deadline. Da wäerte mer zu de Calculle kommen a kucken: Wéi vill Dossiere si komplett? Feelen nach Saachen? An da wäerte mer héchstwahrscheinlech am Conseil vum 14. Juli Iech ganz konkret Chiffere kënnen nennen an zesumme bestëmmen, wéi mer mat deenen Aidë wäerte virgoen.

Dat si meng Kommunikatiounen. Ech hu meng Kolleegen aus dem Schännerot gefrot. Do sinn elo weider keng Kommunikatiounen ze maachen. Ech géif dann elo zum PAG kommen oder Punkt 2 a géif d'Madamm Pregno bidden, eis déi Nummere matzedeele, déi mer d'office aus dem Vott kënnen huelen.

### **SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, léif Conseillere, léif Press a léif Nolauschterer, als Éischt, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, géife mer déi Punkten eraushuelen, wou een Avis komm ass, mee keng Reklamatioun. Dat ass de Punkt 115 vum Centre national de recherche archéologique an den 116 vun der CFL. Doriwwer brauche mer u sech kee Vott ze huelen. Et ass een Avis ouni Erwäenswäertes dran.

D'Punkten 113 an 114 sinn zwou Reklamatiounen, déi zrëckgezu goufen. Soudass mer och doriwwer kee Vott mussen huelen.

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir stëmmen doriwwer of, dass dat esou ass. Mir géifen awer elo votéieren

## 2. Projet d'aménagement général

iwwert déi véier Punkten: 113, 114, 115 an 116. Dat sinn Avisen.

### JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SECRÉTARIAT COMMUNAL):

Den Här Muller fänkt un.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de prendre acte des avis et observations repris sous les numéros 115 et 116 et de ne pas y réserver de suite.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité de prendre acte du retrait des réclamations reprises sous les numéros 113 et 114.*

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Elo komme mer zu deenen Dossieren, wou Membere vum Gemengerot oder hirer Famill betraff sinn. Do géif ech virschloen, Här Muller, dass mer Iech ofschalten.

### ERNY MULLER (LSAP):

Jo, maacht Dir dat. Ech si frou doriwwer.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Iwwer Videokonferenz. Ech hu vergiess, dat ze erwänen. Soulaang mer Äre Punkt traitéiere bis nom Vott. Da gitt Der erëm bäigeschalt.

### ERNY MULLER (LSAP):

D'accord. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci.

### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dat wier deen éischte Punkt an der Rue de l'Acier. Do geet et ëm d'Demande fir ee Changement an eng Zone „quartier existant plurifamilial IV“ an ëm ee Changement am Text an d'Fro, fir de Biotop ewechzehuelen. De Schäfferot proposéiert, dass d'Zon an de Biotop solle gehale ginn. Den Abschnitt iwwert de Sinistre gëtt adaptéiert iwwert den Text. An et ass esou, dass wann do eppes géif geschéien, da kéinten d'Proprietären u sech dat nammlecht zrëckbaue wéi virum Sinistre.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer zum Vott. Ech stellen d'Fro ganz kloer: Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

*Le conseil communal décide à l'unanimité de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Ech soen Iech villmools Merci. Här Kayl, Dir kënnt den Här Muller erëm bäischalten, wannechgelift. Här Muller, héiert Dir eis?

### ERNY MULLER (LSAP):

Jo. Ech sinn erëm dobäi.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Okay. Villmools merci. Da géif ech elo zum Punkt 103 kommen, wou eisen Informatiounen no den Här Tempels betraff ass. Dee géif ech bidden aus dem Sall ze goen. Wou awer och ee separate Vott ugefrot gi war vun déi Lénk. Madamm Pregno.

### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Am Punkt 103 wäre mer an der Rue de la Gare. Den Avis freet, dass mer déi Surfacen engem Artikel 17 respektiv 21 vum Gesetz vun der Protection de la nature ënnerleeën. Mir wëllen déi

*Christiane Brassel-Rausch passe aux dossiers où des membres du conseil communal sont concernés. Elle demande à monsieur Muller de couper la vidéoconférence jusqu'à ce que ce point ait été traité.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** précise que ce point concerne la rue de l'Acier. Le réclamant demande la transformation de la zone en « quartier existant plurifamilial IV » et la suppression du biotope. Le collège échevinal est d'avis qu'il faut conserver la zone et le biotope. L'alignée sur le sinistre sera adapté pour permettre aux propriétaires de reconstruire leurs habitations comme avant en cas de sinistre.

(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** demande à monsieur Muller de se reconnecter.

Le point 103 concerne monsieur Tempels, qui doit quitter la salle. Déi Lénk a demandé un vote séparé.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** explique que le point 103 concerne la rue de la Gare.

## 2. Projet d'aménagement général

*L'avis demande à la commune de soumettre le terrain aux articles 17 et 21 de la loi sur la protection de la nature. Or Laura Pregno rappelle qu'il s'agit d'une exploitation agricole. Une telle servitude ne permettrait plus à l'entreprise de fonctionner correctement.*

(Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*passé au point 148.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que ce point porte sur la limitation du nombre de logements. En plus, une zone rurale, où se trouve une maison, sera classée zone d'habitation.*

(Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*demande à monsieur Tempels de regagner sa place. Elle passe à 15 votes séparés demandés par les fractions.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'elle présentera un point à la fois. Le point 6 concerne l'intégration de parcelles dans le périmètre de construction. Le collège échevinal suggère d'accepter cette proposition en partie. Il propose de créer une zone «REC 6 hameaux». Cette zone interdit la construction de toute nouvelle bâtisse, mais permet des travaux sur les constructions existantes. De petites extensions restent possibles.*

*La zone peut aussi accueillir des activités artisanales, de la restauration ou une exploitation agricole, ainsi que des constructions pour la famille ou le personnel de l'exploitation. Une aire de stationnement peut aussi y être aménagée. Les zones REC ne permettent pas de réaffectations.*

Propos net unhuelen. Mir befannen eis hei an enger Exploitation agricole. Wa mer esou eng Servitude driwwerleeë géifen, wär et immens schwiereg, esou ee Betrib ze féieren, well allkéiers, wann een och just eppes Klenges wëll modifizéieren oder ëmänneren, muss een allkéiers Étude-environnementale maachen. An domadder léiche mer engem Alldagsbetrib immens Schwierigkeeten an d'Féiss.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Sidd Dir mat der Propos vum Schäfferot averstanen?

---

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

---

Villmools merci. Deen nächste Punkt – den Här Tempels ass nach dobaussen, do ass hien och perséinlech betraff –, dat wär de Punkt 148. Ech géif d'Wuert un d'Madamm Pregno weiderginn.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Do ass d'Fro, fir d'Limitatioun vun der Unzuel vun de Logementer nozekucken. Den Artikel gëtt adaptéiert. En plus gëtt een Haus, wat schonn do ass a wat an der Zone rurale klasséiert ass, an d'Zone d'habitation ëmklasséiert.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

---

Villmools merci. Den Här Tempels kënne mer erëm eraruffen.

Da géife mer elo zu deenen, wann ech richteg gerechent hunn, 15 Votes séparés kommen, déi vun de jeeweilege Fraktiounen ugefrot gi sinn. Ech géif dofir der Madamm Pregno d'Wuert ginn. Iwwert déi mer elo wuel verstaneen eenzel ofstëmmen. Fir duerno déi, déi bleiwen, en bloc alleguer zesummen ofzestëmmen. Merci.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech wäert allkéiers e Punkt eenzel virstellen. Dat heescht ee Punkt an da komme mer zum Vott.

Deen éischte Punkt, wou ee separate Vott gefrot ginn ass, dat ass de Punkt Nummer 6. Do ass d'Demande, fir déi Parzellen an de Bauperimeter ze huelen. De Schäfferot proposéiert, där Demande deels entgéintzekommen. Mir proposéieren eng Zone REC ze maachen, nämlech eng Zone REC-6 „Hameaux“, well dat jo u sech een Haus ass, wat en dehors vum Haaptduerf läit.

Am Dossier, deen Der haut ausgedeelt krut, gesitt Der d'Spezifizitéit vun der Zone REC-6, wou all nei Konstruktioun, ausser déi déi besteënd ass, verbueden ass. Natierlech alles, wat Entretien, Amélioratiounen a kleng Aarbechten un de Gebaier, déi schonn do sinn, un de Konstruktiounen, déi do sinn, ass erlaabt. Och kleng Extensioun si méiglech.

Wat an där Zon méiglech ass a wat de Moment deels schonn do ass, dat ass eng artisanal Aktivitéit, Restauratioun, landwirtschaftleche Betrib. Dann natierlech d'Konstruktiounen, wou d'Proprietären, d'Memberen aus der Famill oder och d'Personal vun der Exploitatioun kënne wunnen. An och Parkméiglechkeeten, also en Aire de stationnement, parage, eng Parkplaz.

All Changement vun der Affektatioun ass an enger Zone REC net erlaabt.

Dat wäeren d'Explikatiounen fir de Punkt 6.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, wannechgelift.

# 2. Projet d'aménagement général

## ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt am Numm vun der LSAP-Fraktioun eppes dozou soen. Ech soen dat elo allgemeng vun eiser Säit aus, well mer dat jo gefrot hunn, fir dat erauszehuelen. Dat ass souwuel gëlleg fir de Punkt 6, 7 an och 8. Ech wëll dat awer elo hei soen, well dat och fir de 6 relevant ass.

Wéi d'Madamm Pregno gesot huet, hunn d'Proprietären eng Demande agreecht fir hir Parzellen an eng Zone constructible klasséiert ze kréien. De Schäfferot proposéiert elo haut, fir se an eng Zone REC spéciale anzestufen, mat folgendem Wuertlaut – sou war et emol: „accepter des travaux sur le site, sont toutefois accepté des agrandissements“. Dat ass liicht ëmgeännert ginn. An deem Dokument, wat mer haut kritt hunn, gëtt méi prezisiéiert, wat do genau ka gemaach ginn.

Mee do geet ëmmer nëmme vu ganz minimalen Agrandissementer rieds. Mir als LSAP fannen dës Formulierung ze vill restriktiv. Dat hëlt de Betriber all Perspektiv vun enger zukünftiger Entwécklung. Mir hate virduun ee Fall, do hu mer gesot: Et ass ee Betrib, do muss awer eng Perspektiv bleiwen. Dat hei gesi mir änlech. Duerfir hätte mir hei léiwer gesinn, wa mer ee feste Perimeter definéiert hätten, an deem eng Extensioun, am Kader vun den Aktivitéite selbstverständlech, hätt kënne stattfannen. Leider ass dat net gemaach ginn.

Mir leeën elo praktesch eng Servitude iwwert dat Ganz. Et kënnen zwar verschidde Saache gemaach ginn, awer an engem ganz geréngen Mooss. Mir verstinn, dass mir an engem geréngen Perimeter leie wéi an deem éischte Fall. Mee trotzdeem hätte mer léiwer gesinn, wa mer deene Betriber iwwer een anere Wee méi Spillraum ginn hätten. An dofir kënne mir dat do als LSAP net matdroen. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech hat vergiess, déi Ufro ass vun der LSAP komm a vun der DP. Also de Punkt 1. Här Meisch, wannechgelift.

## FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech schléisse mech un, Dir Dammen an Härn aus dem Gemengerot. Eng Partie Reklamatiounen an Ureegung vu Bierger respektiv Ministère goufen ugeholl, anerer net.

Ech schwätzen och elo direkt iwwert d'Punkte 6 bis 8, da brauch ech net dräimol dat selwecht ze zielen. Bei de Reklamatiounen betreffend dem Vesquenhaff, dem Bäckleck an dem Bache Jang si mir anerer Meenung wéi dat, wat hei proposéiert gëtt. Et geet drëms, fir bestoend Situatiounen ze regulariséieren. An do sollt een all betrafte Bierger d'selwecht behandelen.

Ee Beispill: Dem fréiere Buergermeeschter, dem Roberto Traversini säin Haus beim Naturschutzgebitt zu Nidderkuer, gëtt an eng HAB-1-Zon klasséiert. An aner änlech Fäll, wéi beispillsweis déi genannten Objete Vesquenhaff, de fréiere Bäckleck an de sougenannte Bache Jang net. Déi solle mat enger neier Zone REC spéciale ofgespeist ginn. Woubäi nach ferm Zweiwel bestinn, dass dat vum Ministère iwwerhaupt esou approviiert wäert ginn. Fir eis ass dat net korrekt. An ongerecht iergendwéi. Dofir kënne mir an dësen dräi Fäll, also dës plus déi zwee nächst – ech huelen un, datt dat déi zwee nächst sinn – dem proposéierte Klassement net zoustëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Liesch, wannechgelift.

## GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt emol soen, dass mer dem Schäfferot felicitéiere fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet, fir eng Léisung ze fannen. Mir si jo fortgaange vun enger Situatioun, wou déi betreffend Punkten – an ech huelen dann och déi Punkten, déi hannendru komme mat – eigentlech an der Zone verte sinn. Wou nach ëmmer d'Méiglechkeet gelooss hätt, dass déi Betriber, vun deenen hei geschwat gouf, nach ëmmer hätte kënne weider

ERNY MULLER (LSAP) a des remarques à faire concernant les points 6, 7 et 8 au nom des socialistes.

Les propriétaires demandent de classer leurs parcelles comme zones constructibles. Le collège échevinal préconisait, quant à lui, une zone REC spéciale « acceptant les travaux sur le site, mais pas les agrandissements ».

Le document d'aujourd'hui est plus précis puisqu'il est question d'agrandissements minimes.

Erny Muller trouve cela trop restrictif, car les entreprises ne pourront pas se développer. Or elles ont besoin de perspectives. Les socialistes préconisent de définir un périmètre fixe permettant des extensions dans le cadre des activités.

Le collège échevinal veut soumettre ces parcelles à une servitude ne permettant que peu de changements. Il faudrait laisser aux entreprises une marge de manœuvre plus grande.

FRANÇOIS MEISCH (DP) s'associe à ce que vient de dire monsieur Muller. Seule une partie des suggestions des citoyens et des ministères ont été retenues.

François Meisch fait référence aux points 6, 7 et 8. Les démocrates ne sont pas du même avis que le collège échevinal en ce qui concerne le Vesquenhaff, le Bäckleck et le Bache Jang. Il s'agit de régulariser des situations et chaque citoyen devrait être traité de la même façon.

François Meisch rappelle que le terrain de la maison de l'ancien bourgmestre Roberto Traversini est classé zone Hab 1, mais pas le Vesquenhaff, le Bäckleck et le Bache Jang. Il doute que le ministère le permette.

Pour les démocrates, c'est une injustice. C'est pourquoi ils n'approuveront pas le classement proposé.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) félicite le collège échevinal d'avoir trouvé une solution. Les terrains en question se trouvent dans une zone verte permettant aux entreprises d'exister et de s'agrandir à condition qu'il s'agisse d'une activité agricole. En revanche, les demandes doivent être adressées au ministère de l'Environnement au

## 2. Projet d'aménagement général

*lieu de la commune. La procédure est donc plus complexe et plus longue.*

*La solution proposée par le collège échevinal facilite la procédure. Les propriétaires passeront par la commune. Ils obtiendront donc une réponse bien plus rapidement.*

*Georges Liesch ne sait pas ce qu'en pensera le ministère. Mais la solution proposée résout le problème.*

*Contrairement à monsieur Muller, les écologistes ne pensent pas que l'on freine les entreprises. Les constructions restent possibles dans le cadre d'activités agricoles. Ainsi, l'exploitation agricole a le droit de construire une grange. Les constructions peuvent même être destinées à l'habitation pour les membres de la famille ou le personnel. La porte est donc ouverte même s'il faudra éviter les abus. À commune de procéder aux contrôles nécessaires.*

*Georges Liesch salue la solution trouvée.*

---

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*demande à madame Pregno de présenter les points 7 et 8 puisque monsieur Muller et monsieur Meisch les ont abordés.*

---

### **LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)**

*constate que les points 7 et 8 sont similaires au point 6. Il s'agit d'intégrer des parcelles au périmètre de construction. Le collège échevinal propose d'en faire une zone « REC 6 hameaux ».*

*(Votes)*

---

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé au point 11.*

existéieren an och nach sech kéinte vergréisseren.

Dat ass alles an enger Zone verte absolut méiglech, wann een eng Aktivité agricole mécht. Dat eenzezt ass: D'Demandé ginn iwwert den Ëmweltministère amplaz iwwert d'Gemeng. Dat heescht, dass d'Prozedure vläicht e wéineg méi schwéierfällig an e bësse méi laang daueren.

Déi Solutioun, déi elo hei fonnt ginn ass, erlaabt jiddefalls deene betraffene Leit hei, vill méi kuerz Weeër ze hunn. Déi ginn iwwert d'Gemeng an net iwwert den Ëmweltministère. Dat erlaabt de Leit, vill méi schnell eventuell eng Äntwert ze kréien a vill méi séier kennen ze reagéieren.

Ob elo dat heite vum Ministère akzeptéiert gëtt oder net, dat kënne mir net jugéieren. Ech mengen, dat läit um Ministère. Ech fannen d'Iddi, déi hei generéiert gouf, fir dës Problem ze léisen, op jidde Fall ganz gutt. Déi mir och ënnerstëtzen.

Mir sinn net der Meenung, wéi den Här Muller gesot huet, dass d'Leit géifen ausgebremst ginn. Well am Text, dee mer jo haut kritt hunn, bei den Erklärungen jo awer steet, dass Konstruktiounen méiglech sinn, wa se zum Beispill eng Exploitation agricole hunn. Dat heescht, ech soen elo mol einfach, wann ee Bauerebetrib decidéiert, eng Scheier ze bauen, well en déi brauch, dann ass dat am Kader vu senger Exploitation agricole. Also passt dat jo do dran. Dann dierf déi och gebaut ginn.

Des Weidere stinn hei nach Konstruktiounen, déi destinées à l'habitation sinn. Dat heescht fir d'Propriétaires, d'Membere vun der Famill an d'Personnel vun der Exploitatioun, déi also do schaffen, dierfe Konstruktiounen gemaach ginn, fir déi Leit do wunnen ze loossen. Do maache mer eng Dier op. Wou ee muss natierlech och kucken, dass do keen Abus gemaach gëtt. Dass och wierklech just Leit do wunnen, déi och do schaffen. Net, dass aner Sachen op eemol lafen, déi am Fong näischt mat der Exploitatioun vum Betrib ze dinn hunn.

Mee dat ass, mengen ech, herno eng Kontrollsaach, déi d'Gemeng muss

maachen. Jiddefalls fanne mer déi Léiung, déi hei fonnt ginn ass, ganz begreissenswäert a kennen dat och esou stëmmen.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Da géife mer zum Vott kommen. An ech froen elo de Gemengerot, ob Der averstane sidd, vu dass den Här Muller elo vun deenen dräi Punkte geschwat huet, vu dass den Här Meisch vun deenen dräi Punkte geschwat huet, ob mer d'Punkte 6, 7, 8, nodeem d'Madamm Pregno se nach eng Kéier géif virstellen, zesumme kennen huelen. Sidd Der domadder averstanen? Ech bieden em d'Handhiewen. Okay.

Da géif ech der Madamm Pregno elo d'Wuert ginn, fir d'Punkte 7 an 8 nach virstellen. An da géife mer zum Vott vun deenen dräi kommen. Ech soen Iech Merci.

---

### **SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. D'Punkte 7 an 8 ass u sech déi nammlecht Demande wéi am Punkt 6. Et gëtt gefrot, Parzellen an de Bauperimeter ze huelen. Mir proposéieren, et an eng Zone REC-6, eng Zone REC „Hameaux“, wéi ech virdru scho sot, mat all den Dispositiounen, wéi Der se am Dokument fannt, ëmzeklasséieren.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide avec 12 voix oui, 6 voix non et 1 abstention de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

---

Villmools merci. Da géife mer zum Punkt Nummer 11 kommen. Dat ass vun déi Lénk gefrot ginn. Ech géif

## 2. Projet d'aménagement général

d'Wuert direkt weiderginn un d'Madamm Pregnò.

### SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Hei ass eng Demande, eng Reklamatioun, fir déi minimal Längt vun enger Fassad erofzesetzen an domadder och, wann een elo géif nei bauen, eng Superficie minimale vun 1,5 Ar erofzesetzen. Mir sinn der Meenung, dass mer dat net sollte maachen, well mer soss riskéieren, d'Problematik ze kréien, dass vill kleng Haiser gebaut géife ginn, virun allem do, wou kënnen Haiser ofgerappt ginn. An da géif ee grousst Haus ofgerappt ginn, fir méi klenger ze bauen.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Weirich, wannechgelift.

### ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. De Grond, firwat ech dat hei gefrot hunn, dropgesat ze kréien, war op Basis vun der Reklamatioun. Merci vun dëser Plaz, dass mer déi alleguerten op d'Cloud gesat kruten. Et war super interessant, déi zousätzlech Informatiounen an d'Raisonnementer hannendrun ausféierlech liesen ze kënnen.

Hei ass haaptsächlech de Problem, dass zwee respektiv souguer méi ënnerschiddlech Bauterrainen zesummegeleucht ginn a se an d'Reglement vun engem Lotissement kommen. An d'Lotissement gesäit effektiv vir, dass bei enger Maison unifamiliale annerhallwen Ar minimum Surface muss sinn a bei bifamiliale zwee Ar. An deen anere Volet ass dat mat der Breet vu 7 Meter minimum. Hei am Projet ass et awer esou, duerch een onglécklechen Ëmstand, dass zwee Bauterrainen zesummegeleucht ginn, dass do d'Reglementatioun vun de Lotissementer applizéiert gëtt, obwuel eigentlech net schrecklech vill feelt. Beim Projet, ëm deen et hei geet, si mer bei 1,43 Ar. Et missten der annerhallef sinn. A bei der Breet si mer bei 6,40 Meter. An et misste 7 Meter sinn, laut dem Gesetz,

der Reglementatioun iwwert d'Lotissementer.

Dat heescht zum engen ass et schued, dass dat mat de Lotissementer applizéiert gëtt. An op där anerer Säit ass et schued, dass déi Baulück, déi doduerch awer entsteet, dee Bauterrain, deen doduerch entsteet, dass do Terrainen zesummegeleucht ginn, dass deen net ka bebaut ginn. Aktuell sinn, wéi een et och am Dossier gesäit, zwou Garagen do. Ech fannen et absolutt berechtigt, dass d'Garagen ewechkommen, fir nozeverdichten, fir do Wunnraum ze bauen. Och wann de Risk besteet, dass vläicht hei an do e bësse méi kleng Haiser entstinn. Dowéinst hunn ech och gefrot, d'Punkten 123 an 124 separat ofstëmmen ze loosson.

Et gëtt zwee Avise vum Interieur, wou et och ëm déi Breet geet vun deene 7 Meter, wou si froen, dass 5 Meter applizéiert ginn an esou weider an esou fort. Dat heescht, an deenen zwee Punkten 123 an 124 freet de Ministère och, dass mer d'Mindestbreet oder d'Maximalbreet no ënne revidéieren, fir eng beschränkt Utnutzung vum Bauland ze erméiglechen. A vu dass mer de Perimeter net erweideren, wat ech och absolutt begrëssen, musse mer awer iergendwou an eng Richtung goen, fir innerurban nozeverdichten. An dat hei ass ee Projet, deen an déi Richtung geet, d'Punkten 123 an 124. An dat ass de Grond, firwat ech gefrot hunn, dat separat ofstëmmen ze loosson. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, da komme mer zum Vott. An d'Fro ass: Akzeptéiert Dir d'Propos vum Schäfferot fir den Dossier Nummer 11?

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui, 1 voix non et 1 abstention de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Villmools merci, monsieurs, dames. Da gi mer iwwer zum Dossier Nummer 38,

### LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

*constate qu'il est question de réduire la longueur minimale d'une façade ainsi que la superficie minimale pour une nouvelle construction. Le collège échevinal n'est pas d'accord, car il veut éviter que de grandes maisons ne soient remplacées par de petites maisons.*

### ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)

*remercie le collège échevinal d'avoir fourni tous les documents concernant cette réclamation. Les informations étaient intéressantes et lui ont permis de mieux comprendre les raisonnements.*

*Quand plusieurs terrains constructibles sont rassemblés, ils font partie d'un lotissement. Or, d'après le règlement sur les lotissements, une maison unifamiliale doit avoir une surface minimale de 1,5 a et une maison bifamiliale une surface minimale de 2 a. La largeur doit être de sept mètres au minimum.*

*Dans ce cas-ci, il est question de deux terrains constructibles, qui deviennent donc un lotissement. Or le terrain fait 1,43 a au lieu de 1,5 a avec une largeur de 6,40 m au lieu de 7 m. Eric Weirich trouve dommage que l'on applique le règlement sur les lotissements, ce qui a pour conséquence que l'on ne peut pas construire sur ces terrains. Il pense que les deux garages actuels doivent être démolis et remplacés par des logements même si les maisons seront un peu plus petites.*

*Le ministère de l'Intérieur demande que la largeur soit réduite à cinq mètres pour ce qui est des points 123 et 124. Car si la commune ne veut pas élargir le périmètre de construction, elle doit proposer une autre solution. Ce point-ci est similaire aux points 123 et 124.*

*(Vote)*

### CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

*passé au dossier 38.*

## 2. Projet d'aménagement général

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** explique que le réclamant souhaite qu'une clé pour le nombre de places de stationnement soit définie lors de la création de surfaces commerciales, de bureaux ou d'entreprises. Le collège échevinal propose un emplacement par soixante mètres carrés de surface scellée brute. Cette clé ne vaut pas pour les constructions existantes.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** signale que cette question a été débattue au sein de la commission des bâtisses. Celle-ci craint que la clé ne dissuade les commerçants — surtout dans le centre-ville.

D'un autre côté, le ministère de l'Intérieur préconise une diminution du trafic en limitant le nombre de places de stationnement. Il propose un emplacement par 45 m<sup>2</sup>.

(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au dossier 39.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** constate que le réclamant demande une augmentation du nombre de places de stationnement par logement pour étudiant. Actuellement, une place par dix logements est prévue. Le collège échevinal propose de passer à trois emplacements par dix logements. Les étudiants recourent de plus en plus à la voiture. Il serait utopique de croire le contraire.

(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au dossier 40.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** précise que ce point porte sur le nombre d'emplacements pour séniors.

deen och vun déi Lénk agereecht ginn ass. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Am Dossier 38 ass et esou, dass de Reklamant freet, dass wann nei Surface-commercialen, Büroen oder Entreprisë kreéiert ginn, dass e Parkplazschlüssel définiert gëtt. Mir proposéieren, dass een Emplacement pro 60 m<sup>2</sup> surface scellée brute gemaach gëtt. Hei muss een natierlech oppassen, dass et ugewannt gëtt bei neie Konstruktiounen. Bei Konstruktiounen, déi schonn existéieren, respektiv Commercen, déi et scho gëtt, gëtt kee Parkschlüssel imposéiert. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschter. Hei sinn zwee Elementer, déi maachen, dass ech gefrot hunn, fir dat dote separat ofstëmmen ze loossen. Zum engen hate mer dat dote beschwat an der Bautekommissioun. Wou mer awer gemengt hunn, dass dat awer eng zimblech Hemmnis wär fir nei Commercen, eng Parkplaz pro 60 m<sup>2</sup> surface construite brute. Dat hemmt einfach d'Entwécklung an d'Usiidlung vun neie Betriber. Zemools am Zentrum vun Déifferdeng.

An op där anerer Säit ass och de Ministère de l'Intérieur der Meenung an eng Richtung ze goen, fir manner Trafick ze hunn, sollt ee manner Parkplazen erméiglechen. Si schwätze vu maximum engem Emplacement pro 45 m<sup>2</sup>. An dat sinn d'Grënn, firwat ech gefrot hunn, dat heite separat ofstëmmen ze loossen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Da komme mer zum Vott. Akzeptéiert Dir d'Propos vum Schäfferot?

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Villmools merci. Fir den Dossier Nummer 39 ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Pregno.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Am Dossier 39 freet de Reklamant, dass d'Unzuel vu Parkplaze bei Studentewunnengen an d'Luucht gesat gëtt. Aktuell ass et eng op zéng. Eng Parkplaz, een Emplacement op zéng Logementer. Mir proposéieren eng Erhéijung op dräi Unitéiten. Deemno dräi Emplacementen fir zéng Studentewunnengen. Einfach aus deem Grond, well mer mierken, dass och e Student ëmmer méi op den Auto zrëckgräift a mer dem Parkproblem an der Stad net méi meeschter ginn, wa mer dat net maachen. Et ass eng Utopie ze mengen, dass d'Studenten haut keng Autoen hätten.

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Da komme mer zum Vott. Akzeptéiert Dir d'Propos vum Schäfferot?

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Villmools merci, monsieurs, dames. Den Dossier Nummer 40. Madamm Pregno wannechgelift. Och vun déi Lénk.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Hei geet et och ëm Emplacementen. Et geet awer net ëm d'Unzuel pure et dure vun den Empla-

## 2. Projet d'aménagement général

cementer. Et geet ëm d'Formulatioun. Am Text gëtt geschwat vun Nombre d'emplacement pour séniors. Mir wëllen dat ersetzen duerch Logements encadrés et subventionnés, wou een Emplacement op zéng Unitéite Logement virgesi gëtt. Dat, fir méi e vaste Panel u Logements encadrés ze decken, well do och zum Beispill Wunnengen drënner falen, wou kéinte Schüler logéiert ginn. Déi dann natierlech och encadréiert sinn. Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

---

### **ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech gesinn dat an. Mee ech hunn hei e bëssen esou d'Gefill, wéi wa mer eis an den Definitiounen vun deene verschiddene Wunnforme verléieren. Mir schwätzen hei vu Logement encadré, Logement subventionné. Deen nächste Punkt, dee mer duerno wäerte beschwätzen, geet et ëm d'Chambres meublées an esou weider an esou fort. A mir hate jo an enger vun den neteffentleche Sëtzunge gesot, dass mer eng global Definitioun fanne missten/sollten, fir alles wat net Maison unifamiliale ass. An hei gi mer awer elo a verschiddene Punkten op verschidde Weeër mat verschiddenen Unzuelen u Parkplazen. Ech froen eng separat Ofstëmmung, well mer dat einfach ze konfus ass. Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Mir géifen dann zum Vott kommen. Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

---

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

---

Villmools merci. Da kéim de Punkt Nummer 43, och vun déi Léink eraginn. Madamm Pregno, wannechgelift.

---

### **SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Hei ass d'Demande vum Reklamant, am Dossier mat der Nummer 43, fir Restriktiounen fir Chambres meublées dobäizesetzen. Mir proposéieren, een Emplacement fir zwou Chambres meublées dobäizesetzen, respektiv een Emplacement fir Logement intégré. Ech huele vläicht e bëssen aus, well ech mengen, dat ass een Thema, wou ëmmer vill Diskussionsbedarf ass. An et ass wichteg, dass een doriwwer diskutéiert. Mir hunn och ganz laang am Schäfferot mat de verschiddenen Acteuren iwwerluecht an diskutéiert.

Am Endeffekt si mer eis bewosst, dass déi Léisung, déi mir proposéieren, net déi beschten Decisioun ass. Et ass fir de Moment déi bescht, déi mer kënnen huelen. Mee et ass sécherlech an nächster Zukunft net déi bescht, déi et wäert kënnen ginn.

Mir si momentan mat der Situatioun konfrontéiert, dass mer keng aner legal Basis hunn, fir d'Chambre-meubléeën anzedämmen. Mir hunn de Problem hei zu Déifferdeng, dass mer wäit iwwer 500 Chambres meublées aktuell hunn. A mir mierken dat all Dag – oder virun allem eis Leit um Terrain, mierken all Dag, dass mer zu enger Zerstéckelung vun de Baute kommen, well déi a Chambres meublées ëmgewandelt ginn. Mir sinn eis bewosst, dass fir een Deel vun der Bevëlkerung Chambres meublées en adequat Logement an enger bestëmmter Phas vun hirem Liewen ass.

Mir wëllen awer, dass déi Leit, déi op dat Logement ugewise sinn, an deem Logement ënner anstännege sanitäre Konditiounen liewen. Ënner anstännege Liewenskonditiounen. An och ënner enger anstänneger Salubritéit. Fir deene Leit eng gewëssen Dignitéit ze ginn. Well, egal aus wéi engem soziale Milieu ee kënnt, brauch een déi a muss och d'Gemeng déi kënnen garantéieren.

A fir dass mir déi kënnen garantéieren, musse mir d'Chambres meublées, déi aktuell do sinn, kontrolléieren. Mir

*Elle voudrait remplacer la formulation par « nombre d'emplacements pour logements encadrés et subventionnés ». Il est question d'un emplacement par dix unités. La nouvelle formulation permet par exemple d'inclure les étudiants.*

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** a l'impression de se perdre dans la définition des différentes formes d'habitation. Ici, il est question de logement encadré et de logement subventionné. Tout à l'heure, il sera question de chambres meublées. Or, lors de la séance non publique, le conseil communal avait prévu de trouver une définition pour tout ce qui ne fait pas partie des maisons unifamiliales. Tout cela est confus. (Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au point 43.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** signale que ce point concerne des restrictions pour les chambres meublées. Pour ce qui est des emplacements, le collège échevinal en propose un pour deux chambres meublées et un pour un logement intégré.

Pour Laura Pregno, ce point est important. Le collège échevinal en a longuement discuté avec les différents acteurs. Le collège échevinal est conscient que la solution proposée n'est pas idéale. Mais pour le moment, c'est la meilleure.

Le collège échevinal ne dispose pas de moyens légaux pour limiter le nombre de chambres meublées. Differdange en compte 500 et on assiste à un morcellement des bâtisses pour les transformer en chambres meublées.

Une chambre meublée peut être un logement adéquat pour une partie de la population à un moment donné. Mais ces chambres doivent offrir des conditions sanitaires acceptables. Les locataires doivent vivre de façon digne. La commune doit pouvoir le leur garantir, quelles que soient leurs origines sociales. C'est pourquoi elle veut se donner les moyens de contrôler ces chambres. Mais il faut du temps pour tout contrôler et remettre en état les chambres le cas échéant. Le service du logement effectue des contrôles.

## 2. Projet d'aménagement général

*En attendant, le collège échevinal veut freiner la création de nouvelles chambres.*

*Apparemment, le gouvernement est en train de préparer une nouvelle loi. C'est une bonne chose, car la commune ne peut pas résoudre ce problème toute seule.*

*Differdange est une ville pour tous et doit disposer de différentes formes de logement. La mixité est nécessaire. Mais la cohésion sociale est aussi importante. D'un côté, le collège échevinal limite les chambres meublées; de l'autre, il protège les maisons unifamiliales pour éviter les morcellements. Il s'agit d'un processus. Laura Pregno précise que cette décision n'est pas définitive. Le PAG peut être modifié à tout moment.*

*Elle rappelle que le règlement des bâtisses fixe des conditions pour l'aménagement des chambres meublées.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** remercie madame Pregno pour ses explications, qui éclairent la situation. Il trouve aussi qu'une pause est nécessaire pour éviter les abus. En effet, la loi permet de demander un loyer proportionnellement plus élevé s'il s'agit d'un bien meublé. Certains en profitent; d'autres en souffrent.

Eric Weirich salue la création du service du logement. Il soutient le fait que l'office social soit impliqué dans les contrôles. Il est aussi content d'entendre que la position du collège échevinal peut évoluer au fil du temps. Mais il regrette la dureté des restrictions. Certes, 500 chambres meublées, c'est beaucoup. Mais en exigeant une place de stationnement pour deux unités, seuls des promoteurs pourront se permettre de créer de telles chambres. Cela va devenir un problème pour les personnes dans le besoin.

Eric Weirich doute par ailleurs qu'augmenter le nombre de places de stationnement soit le seul moyen dont dispose la commune. Il rappelle l'existence de la loi de 2019 sur la salubrité et l'hygiène permettant à une commune d'effectuer des contrôles et de prendre des mesures.

ginn eis d'Moyenen. Mee et ass ee laange Prozess, dee mer amgaang sinn opzeschaffen. Mir wëllen elo eng Paus aleeën, fir de Marché net weider opzemaache fir Chambres meublées, fir eis déi néideg Zäit ze ginn, fir déi ze kontrolléieren an déi an d'Rei ze kréien, déi aktuell do sinn.

En attendant maache mer eis Aarbecht. Eise Service Logement an all eis Servicier um Terrain sinn drun.

Déi Paus oder dee Wand, dee mer wëllen eraushuelen, dat gesi mer och esou, dass dee fini ass an enger Zäit. Mir waarden a mir kruten och gesot, dass um nationale Plang och äifreg un engem Gesetz geschafft géif, wat dat soll regléieren. Mir denken och, dass do muss eng national Regelung kommen. Dass d'Gemeng net eleng kann an der Verantwortung sinn, fir dee Problem ze léisen. Well mir kënnen et just bis ee bestëmmte Punkt maachen.

Mir sinn als Déifferdeng eng Stad fir all Mënsch. Mir wëlle verschidde Wunnformen hunn. Mir wëllen eng gewësse Mixitéit hunn. Mir wëllen eng gewëssen Diversitéit hunn, awer och eng gewësse Cohésion sociale. Wa mer probéieren, Saachen ze schützen an an hirer Unzuel ze limitéieren, da limitéiere mer zwar hei d'Chambre-meubléeën, mee mir hunn och d'Eefamilljenhaiser op där anerer Säit jo och an hirer Zuel u sech protegéiert, fir dass och do net zerstéckelt gëtt. Dat heescht mir gesinn dat als Prozess. An dat hei ass eng Etapp an engem laange Prozess, dee mer elo ugefaangen hunn. Dat soll net ëmmer esou bleiwen. Dat ass jo all Moment mat enger Modif PAG ze änneren.

Hannendrun, denken ech, kommen an engem Bautereglement nach d'Konditiounen, wéi déi Chambres meublées sollen ausgesinn. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och, Madamm Pregno, fir déi zousätzlech Informatiounen. Dat gëtt deem Ganzen natierlech e bëssen eng aner Nues. Ech gesinn dat och iergendwou an, dass mer mussen eng Paus aleeën. Dat ass richtig. Well et gëtt Abus um Marché mat deene Chambres meublées. Et gëtt nämlech eng Lück am Gesetz, dass, wann een et als miwweléiert verlount, een net 5 % maximal Loyer froe kann, mee 10 %. Do gëtt et definitiv Abusen. An et sinn och ganz vill Leit, déi dorënner leiden, wou deenen dee leschte Su aus der Täsch gezu gëtt. Dat heescht, ech gesinn absolut an, fir do eng Paus anzeleeën.

Ech sinn och frou, dass mer eis e Service Logement ginn hunn. An dass och eisen Office social implizéiert ass, fir déi kontrolléieren ze goen. An dass och eng Ouverture do ass, fir dat heite vläicht méi spéit iwwer eng Modification ponctuelle du PAG eng Kéier nozeschéissen, d'Positioun e bëssen ëmzeännern, dass eng Ouverture do ass, fir verschidde Wunnformen zu Déifferdeng ze erméiglechen.

Mee op där anerer Säit fannen ech et awer en zimmlech haarde Cut. Mir hu 500 Chambres meublées. Dat sinn der scho vill. Mee ech fäerten, dass mat där restriktiver Mesure, enger Parkplaz pro zwee Zëmmeren, de facto elo guer keng nei Chambre-meubléeë wäerte méi entstoen. Well dat natierlech och eng käschtenopwänneg Saach ass. An dat warscheinlech just vu Promoteure ka gedroe ginn.

An ech fäerten einfach, dass mer Leit, déi am Besoin sinn, duerch déi Paus, déi mer eis ginn – wat ech awer novollzéie kann –, kuerzfristeg Wunnraum entzéien. Et ass dat, wourun ech mech stéieren. An dass deen eenzeg legale Wee, dee mer als Gemeng hunn, wou ech net ganz dermat averstane sinn, ass, iwwert de Wee vun de Parkplazen ze regléieren. Mir hu säit 2019 d'Gesetz iwwert d'Salubrité, d'Hygiène an esou weider an esou fort.

Op Basis vun deem Gesetz kënnen haut scho Kontrolle gemaach ginn. A wann déi net an der Rei sinn, kann eng Gemeng Decisiounen huelen, fir d'Situatioun ze verbesseren. Et gëtt e Bail-à-

## 2. Projet d'aménagement général

loyer-Gesetz vun 2006, wou e maximale Loyer festgeluecht ass vu 5 % vum Capital investi. Dat heescht, et gëtt haut scho legal Mesuren, déi warscheinlech net perfekt sinn, déi amgaang sinn iwwerschafft ze ginn, déi gëtt et haut schonn. An ech wär léiwer op de Wee gaangen, dass mer dat wat mer elo hunn, benotzen, vum Gesetz hier, en sachant, dass déi Gesetzter nach iwwerschafft an nach verschäerft ginn, dass och nach nei Wunnforme geschaf ginn, wéi WGen an esou weider an esou fort.

Dat fannen ech schued. Ech wäert mech dann enthalen amplaz dogéint ze stëmmen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Liesch, wannechgelift.

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Et ass just eng Reklamatioun an deem Punkt, mee et weist duerch den interessanten Debat, dee mer elo hei grad féieren, dass et ee Punkt ass, deen, mengen ech, ville Parteien um Häerz läit.

D'Madamm Pregno huet eis erkläert vun der Volontéit vum Schäfferot, fir Diversitéit ze kréien an déi vill Wunnformen. Den Här Weirich huet sech och dozou geäussert. Dat ass genau dat, wat mir och wëllen, déi Villfalt vu Wunnformen, déi et méttlerweil gëtt. Dat solle mer hei zu Déifferdeng wierklech massiv ënnerstëtzen, wou et nëmme geet.

Op där anerer Säit däerfe mer awer och net naiv sinn an an d'oppend Messer lafen. Zemools wa mer scho vun eise Servicer drop opmierksam gemaach ginn, wat am Moment um Terrain ofleeft. Ech si ganz no bei der Argumentatioun vum Här Weirich, fir dat ze maachen. Eis gefält dat hei och net genial, mee mir gesinn awer och net, wéi mer et aneschtens kéinte maachen.

Dir hutt geschwat vun der Salubritéit. Dat hu mer eis och iwwerluecht. Mee dat limitéiert am Fong just, dass déi Zëmmeren e gewëssene Standard

mussen hunn. Dat wär schonn net schlecht, mat alle Kontrollen. Mee d'Madamm Pregno huet jo gesot, an dorëms geet et jo, fir dat, wat do ass, déi 500 Wunnengen, ze kontrolléieren. Wat eng Heedenaarbecht ass. An do gräift jo dann d'Salubritéit bei deenen.

Dat léist awer net de Problem vum exorbitante Loyer, deen dann do erakënnt. Och wann deen iergendwou nach vläicht gedeckelt ass, wësse mer, dass dat an der Praxis kaum ugewannt gëtt. Et kënnt kaum ee Locataire op d'Gemeng, fir ze soen, dass en do ze vill Loyer bezilt. Well en eigentlech scho frou ass, dass en iwwerhaupt eppes huet. An da kaum géint säi Proprietär probéiert ze stänkeren: „Ech bezuelen do ze vill Loyer“. Och wann et ee Moyer wär, an der Realitéit, fäerte mir, gräift deen doten net.

Dat ass ee ganz haarde Cut. Mir gesinn dat och esou. Mee mir sinn awer hei ganz bei der Madamm Pregno, déi gesot huet, et ass een haarde Cut, bis d'Gesetzgebung eng aner ass, déi eis erlaabt, aner Moyenen ze huelen.

Mir sinn och zouversichtlech, dass um nationale Plang de Gesetzesprojet, deen an der Maach ass, a wou jo och eng Loyersdeckelung virgesinn ass, dass dat eis wäert eng aner Méiglechkeet ginn. Soudass mer mat enger Modif PAG zäitno vläicht eng aner Solutioun hunn. Mee fir eis schéngt dat hei deen eenzege Moyer ze sinn, dee mer hunn. Och wann et eis net gefält. Mee et ass deen eenzegen, dee mer hunn. D'Alternativ wär einfach näischt ze maachen. Dat géife mer op jidde Fall net begrëssen, fir ze soen, mir loossen et einfach lafen. Duerfir wäerte mer dëse Punkt matstëmmen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Ruckert an dann den Här Muller.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei ausdrécklech soen, dass ech déi Léisung, déi de Schäfferot virschléit,

*Les lois ne sont peut-être pas parfaites, mais elles existent. Eric Weirich aurait préféré y recourir en attendant qu'elles soient renforcées. C'est dommage.*

*Il s'abstiendra lors du vote.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)**

*constate que ce point semble tenir à cœur à de nombreux partis.*

*Le collège échevinal souhaite promouvoir la diversité et créer diverses formes d'habitations. Les écologistes voient les choses de la même façon. Il faut soutenir ce projet.*

*Parallèlement, il ne faut pas se montrer naïfs compte tenu de ce qui se passe sur le terrain. Georges Liesch partage les arguments de monsieur Weirich, mais ne voit pas comment procéder différemment. Monsieur Weirich a parlé de salubrité. Cela reviendrait à s'assurer que les chambres meublées atteignent un certain standard. Or madame Pregno souhaite contrôler les 500 chambres existantes. Il s'agit d'un travail énorme incluant le contrôle de la salubrité.*

*Pour ce qui est du loyer, même s'il existe un plafond, il n'est pas appliqué et les locataires ne se plaignent pas, car ils sont contents d'avoir un endroit où vivre. C'est pourquoi ce que propose monsieur Weirich ne fonctionne pas sur le terrain.*

*Les mesures proposées par le collège échevinal sont restrictives. Mais il s'agit d'une solution temporaire en attendant que la loi change. Georges Liesch suppose que la nouvelle loi prévoira un loyer plafonné permettant à la commune de modifier le PAG. Il n'est pas satisfait de la solution proposée, mais c'est la seule à défaut de ne rien faire.*

---

**ALI RUCKERT (KPL)** *soutient la proposition du collège échevinal même si c'est une décision de repli.*

## 2. Projet d'aménagement général

*De toute façon, cela n'a rien à voir avec les différentes formes de logement. Les personnes vivant dans les chambres meublées ne le font pas volontairement, mais parce qu'il n'y a pas assez d'appartements publics.*

*Ali Ruckert rappelle que l'ancien bourgmestre avait fait des contrôles accompagné par la télévision. Mais en vérité, la commune n'a pas les moyens de contrôler 500 logements dans la durée. C'est la loi qui doit changer. Car les locataires ne vivent pas seulement dans de mauvaises conditions; ils sont exploités. C'est pourquoi il faut prendre une décision maintenant.*

*Ali Ruckert approuvera ce point, mais il pense qu'il faut limiter fortement ce genre de logements. Les personnes dans le besoin doivent pouvoir recourir à des appartements adéquats — notamment des appartements publics. C'est là que se trouve la vraie solution.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** rappelle qu'il est question de chambres meublées et que celles-ci doivent correspondre à un certain standard.

*La commission des bâtisses est confrontée à des cas où l'on veut transformer des maisons unifamiliales entières en chambres meublées. Parfois, les nouvelles maisons sont construites d'office comme deux appartements pour éviter qu'elles ne soient classées comme maisons unifamiliales. Le PAG doit apporter une réponse. Prescrire un certain nombre de places de stationnement va permettre dans une première phase de limiter les reclassements.*

*Erny Muller est d'accord avec ce qu'ont dit les orateurs précédents. Mais actuellement, la commune n'a pas le choix.*

*Il est nécessaire de fixer un standard minimum pour les chambres meublées — par exemple à travers le règlement des bâtisses. Celui-ci doit être mis à jour rapidement afin d'améliorer la situation des locataires des chambres meublées.*

ënnerstëtzen. Och wann et eng Verleeënheetsléisung ass, well engem d'Hänn gebonne sinn an anere Froen.

A mengen Ae geet et guer net drëm, d'Villfalt vun der Wunnkultur ze garantéieren. Well et misst ee jo awer wëssen, dass déi meescht Leit, déi an deene Situatiounen wunnen, dat net fräiwëlleg maachen. Mee se maachen et, well net genuch Wunnengen do sinn, well net genuch ëffentlech Wunnengen do sinn. Dat ass deen eigentleche Problem. A wien d'Situatioun zu Déifferdeng kennt, weess, wéi schro dat heiansdo ass.

Et kann een eng Kontroll maachen. Ech wëll drun erënneren de virege Buergermeeschter, deen hat eng Kéier mat der Televisioun eng Kontroll ugefrot. Eng Kéier ass et esou gemaach ginn, fir op de Problem hinzeweisen. Mee wéi huet et dann ee Mount méi spët ausgesinn? D'Gemeng huet dach guer net déi Moyenen, fir déi 500 Wunnengen seriö iwwer laang Zäit ze kontrolléieren. Do muss wierklech ee Gesetz kommen, fir dass dat anescht gereegelt gëtt.

Well déi Leit, déi ginn net nëmme gequëtscht, dacks op deem Wunnraum, wou se sinn, si ginn och nach, wat de Loyer ugeet, schrecklech ausgebeut. An do ass et, wou ee muss usetzen. Dofir soen ech och, dat hei ass eng Verleeënheetsléisung.

Ech wäert awer derfir stëmmen. Mee, wéi d'Kommunistesch Partei dat gesäit, missten déi Wunnengen staark ageschränkt ginn. Staark ageschränkt, fir wierklech déi Leit, déi just de Besoin hunn, fir esou ze wunnen, an déi aner Leit, dass déi eng uerdentlech Wunneng kréien a besonnesch vun der ëffentlecher Hand eng Wunneng zur Verfügung gestallt kréien. Dat kann d'Léisung sinn. Dat hei ass eeben eng Verleeënheetsléisung, déi mer dann haut unhuelen. Mee dobäi kann et natierlech net bleiwen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Muller, wannechgeeft.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Och als LSAP si mir der Meenung, dass aner Wunnformen musse gereegelt ginn a sinn. Mir schwätzen hei speziell iwwert d'Chambres meublées, wou e gefuerderte Standard onbedéngt muss agehale ginn.

Ech wëll eng aner Erfahrung abréngen. Um Niveau vun der Bautekommissioun gesinn a stelle mer fest, dass neierdengs versicht gëtt, Eefamilljenhaiser opzekaafen, fir dës komplett a Chambres meublées ëmzefunctionéieren. An dat selwecht geschitt, andeems Einliegerwunnengen d'office an Eefamilljenhaiser ageplangt ginn, fir esou aus enger Maison unifamiliale eng bifamiliale ze maachen. Dat heescht praktesch zwee Appartementer an op dës Manéier d'Klasséierung vun de Maisons unifamiliales ze ëmgoen. Heirop muss eise PAG eng Äntwert hunn.

Hei gëtt elo proposéiert, als Konditioun, eng gewëssen Unzuel u Parkplaze virzeschreiwen, wat dann, géif ech soen, an enger éischter Phas eventuell d'Ëmklasséierung soll erschwéieren. Dat ass jo d'Zil. Well mer fir de Moment keng aner Méiglechkeet hunn. Ech sinn d'accord mat allen Iwwerleeungen, déi meng Virriedner gemaach hunn, fir op een anere Wee ze goen. Mee dat ass leider am Moment net méiglech.

Et ass wichteg, dass Konditiounen betreffend engem minimale Standard – an et ass schonn ugeschwat ginn – vun de Chambres meublées, onbedéngt musse festgeluecht ginn. Dat ka jo iwwert d'Bautereglement geschéien. Dat ass haut net um Ordre du jour. Mee et ass awer wichteg, dass dat esou schnell wéi méiglech nogereecht gëtt am Bautereglement, dass d'Konditiounen weesentlech verbessert gi fir déi spéider Locatairë vun deene Chambres meublées.

D'LSAP stëmmt dës Punkt mat.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgeeft.

# 2. Projet d'aménagement général

## JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo vill gesot ginn. Ech denken, mir sinn eis alleguerten zimmlech eens iwwert d'Grondproblematik. D'CSV schléisst sech dem Gros vun de Wierder un, insbesonnesch dat, wat d'Madamm Pregno am Virfeld gesot huet, fir dat hei ze stëmmen. D'Chambres meublées, mat der bestoender nationaler Gesetzeslag heizou, gëtt an der leschter Zäit immens vu verschiddenen Investore mëssbraucht, fir op d'Käschte vun de scho sozial schwache Leit maximale Profit erauszuschloen. Iwwert d'Liewenskonditiounen vu munche vun dëse Wunnraim net ze schwätzen.

Als CSV si mer och net glécklech iwwert dës Léisung. U sech gëtt versicht, ee soziale Problem ze léisen, andeems een de Parkraum definéiert. Iwwerspëtzt kéint ee mat dëser Moossnam soen, et wier okay, wann d'Leit op néng Meterkaree zesummegepercht musse wunnen, soulaang all zweeten eng Plaz fir säin Auto huet. Wat natierlech net de Fall ass, därff sinn an heimat och kloer net d'Intentioun ass.

Viru ronn zwou Wochen hate mer zesumme vill driwwer geschwat an Alternative versicht ze fannen. Ënner anerem Initiativen, déi an anere Gemengen ënnerholl ginn. Leider ass déi national Gesetzeslag am Moment esou, datt all aner sënnvoll lokal Moossnam soit per Gesetz net ofgeschéiert ass oder just am Bautereglement ka festgehale ginn. An dorunner schafft d'Gemeng elo, bis de PAG ofgeschloss ass.

Wann och mat ganz vill Bauchwéi, stëmmen mer dës Reegelung mat, well se emol a ganz ville Fäll wäert verhënnere, datt weiderhi vill Eefamilljenhaiser massiivst a winzeg kleng Chambres meublées ëmfonctionéiert kënnen ginn, wou de Liewensstandard net priméiert. An esou Demanden kommen, wéi mir jo elo héieren hunn, immens vill op der Gemeng eran. Mat dëser Reegelung kréie mer e bësse Paus. Esou kommen an een Haus da vläicht Chambre-meublée just nach mat véier Unitéiten amplaz vun zéng Unitéiten oder méi.

Mer hoffen, datt d'Bautereglement séier nokënnt, wou d'Chambres

meublées hei zu Déifferdeng ee klore Kader gesat kréien. Well, dat soll een dann och an dësem Kontext soen, den Här Liesch hat et scho gesot: Och d'Chambres meublées, wann déi uerdentlech sinn, dann ass d'ës och eng flott alternativ Wunnform. Zum Beispill Wunngemeinschaften. Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, da komme mer zum Vott. An d'Fro: Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäffert?

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Villmools merci. Ech ginn d'Wuert direkt weider fir den Dossier Nummer 46, och vun déi Lénk erageeicht. Do geet et ëm een Avis vum Interieur.

## SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Am Punkt 46 freet den Interieur fir d'Unzuel vun Emplacements, déi gefrot gi bei Neibauten, erofzesetzen. Aktuell ass et esou, dass mer 1,5 Emplacement pro Logement froen. Dat ass relativ schwieereg ze handhaben an der Realitéit, well et ass natierlech schwieereg en halleft Emplacement virzegesinn. Dat ass ëmmer Jongléiers mat Zuelen. An d'Realitéit um Terrain ass esou, dass grouss oder déi méi grouss Appartementer vu méi Leit bewunnt ginn an déi méi Leit dann natierlech och méi Autoen hunn. An an deene méi klengen Appartementer éischter een oder zwee Leit dra wunnen, deementspriechend dann och manner Autoen.

Dat ass wierklech eng Demande vun eise Servicer um Terrain fir d'Aarbecht ze erliichteren an och méi transparent ze maachen. Dofir schloe mir vir, respektiv schloe si vir, a mir ënnerstëtzen déi Demande, eng Parkplaz, een Emplacement pro Unitéit ënner oder

*JERRY HARTUNG (CSV) s'associe à ce qui vient d'être dit. Les chrétiens sociaux approuveront les propositions de madame Pregno.*

*Certains investisseurs abusent des chambres meublées et de la situation légale actuelle pour faire des bénéfices sur le dos des personnes démunies. Les conditions de vie sont parfois déplorables.*

*Les chrétiens sociaux ne sont pas contents de la solution proposée. Le collège échevinal essaie de résoudre un problème social en utilisant l'espace de stationnement. En exagérant, on pourrait dire qu'il est acceptable que les gens vivent dans neuf mètres carrés à condition que chaque second ait une place de stationnement. Mais ce n'est pas l'intention de la commune.*

*Il y a deux semaines, le conseil communal a réfléchi à des alternatives. Malheureusement, d'autres mesures communales ne reposeraient pas sur une base légale et devraient être retenues dans le règlement des bâtisses. C'est pourquoi le CSV approuvera ce dossier même si c'est à contrecœur. Il s'agit d'éviter le morcellement de maisons unifamiliales en chambres meublées minuscules. Les demandes sont nombreuses. Cette réglementation permettra de les limiter.*

*Jerry Hartung espère que le règlement des bâtisses fixera rapidement un cadre pour les chambres meublées. Car comme l'a dit monsieur Liesch, elles peuvent faire partie des formes d'habitation alternatives.*

*(Vote)*

*CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au point 46.*

*LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique que le ministère de l'Intérieur souhaite baisser le nombre d'emplacements pour les nouvelles constructions. Actuellement, ce nombre est fixé à 1,5, ce qui pose problème, car il est difficile de prévoir un demi-emplacement.*

*Dans les faits, plusieurs personnes vivent dans les appartements plus grands et elles ont plusieurs voitures. Une ou deux personnes occupent les appartements plus petits. La modification dont il est question simplifiera le travail des services*

## 2. Projet d'aménagement général

communaux sur le terrain. C'est pourquoi le collège échevinal propose de créer un emplacement par appartement de soixante mètres carrés ou moins, et deux emplacements par unité supérieure à soixante mètres carrés.

(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

passé au point 66.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** précise qu'il s'agit d'une demande du ministère de l'Intérieur concernant une servitude d'urbanisation dans le parc de la Chiers sous le ruisseau. Cette servitude n'est pas nécessaire, car les cours d'eau sont protégés par la loi sur la protection de l'environnement et de l'eau.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** remercie madame Pregno pour les explications. Toutefois, il ne comprend pas l'avis du ministère de l'Environnement. D'après cet avis, une servitude est prévue uniquement en amont et non pour tout le cours d'eau. Et ce, sur tout le territoire de la commune. Le ministère préconise, quant à lui, une servitude sur tout le cours d'eau. Eric Weirich ne comprend ni ce que dit la loi ni pourquoi le ministère de l'Environnement revient explicitement sur ce point.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

répond que le collège échevinal devra en discuter pendant la pause avec les services concernés. Elle propose de répondre à la question tout à l'heure et passe au point 66.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** constate que les mêmes remarques valent pour les points 65, 67 et 68.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

réplique que monsieur Weirich n'a introduit ses remarques que pour le point 66.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** répond que oui.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

passé au point 76 un avis du ministère de l'Intérieur.

gläich zu 60 m2 surface brute an zwee Emplacementen pro Unitéit, déi méi grouss ass wéi 60 m2. Dat ass de Virschlag an d'Propos vum Schäfferot. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Da komme mer zum Vott. Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui, 1 voix non et 1 abstention de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Villmools merci, monsieurs, dames. Madamm Pregno, op Demande vun déi Lénk den Dossier Nummer 66.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Hei ass d'Demande vum Interieur fir eng Servitude d'urbanisation am Parc de la Chiers ënnert de Floss ze setzen. Do ass et esou, dass alles, wat Cours d'eau ass, schonn ausféierlech mam Naturschutz- a mam Waasserschutzgesetz geschützt ass. Soudass et net néideg ass, nach eng Kéier eng Servitude d'urbanisation dropzesetzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och Madamm Pregno fir déi zousätzlech Erklärungen. Mee da verstinn ech den Avis vum Environnement net. Ech hu mech bei dëser Interventioun op hiren Avis baséiert, dee mer jo och virleien haten. An an deem soe si, dass wat elo d'ganz Gebitt vun der Gemeng ugeet, just Servituden en amont virgesi sinn an net op dee ganze Cours d'eau. Esou hunn ech déi Demande, den Avis

vum Environnement verstanen, dass op déi ganz Cours-d'eau misst eng Servitude kommen.

Ech verstinn net – dat ass elo fir mech e bësse konfus, wat d'Gesetz seet a wisou den Environnement dat dann explizit an den Avis schreift. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Ech denken, dat do ass vläicht eng Fro, déi mer an der Ënnerbriechung kënne kläre mat eise Servicer an Iech duerno eng Äntwert ginn.

Dat heescht, dee Punkt géife mer reportéieren. Dat ass de Punkt Nummer 66.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Just et betrëfft och nach d'Punkte 65, 67 an 68. Et ass an deene véier Punkten, wou allkéiers déi selwecht Remarque sinn. 65 bis 68 betrëfft et.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Weirich, also Dir hutt eraginn de 66 eleng, gell?

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Jo dat stëmmt. Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay. Dat géife mer dat no der Ënnerbriechung nohuelen. An da komme mer zur Nummer 76. Dat ass och een Avis vum Interieur. An ech ginn der Madamm Pregno d'Wuert.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Do ass d'Demande vum Interieur, fir zousätzlech e Mobilitéitskonzept op d'Rue des Chemins de fer ze setzen. Mir sinn der Meenung, dass wann ee wëll e Mobilitéitskonzept maachen, dass dat ab engem bestëmmte Moment och Sënn maache

## 2. Projet d'aménagement général

muss. Dann dierf een dat net just op eenzel Strooss setzen, mee op méi Stroossen, respektiv op ee ganzen Deel vun engem Quartier. An et misst een et an engem Projet iwwer eng méi grouss Zon setzen oder och maachen. An dofir wäerte mer déi Reklamatioun hei net unhuelen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Just kuerz. Dat ass okay esou fir mech mat deenen zousätzlechen Erklärungen. Dat war am initialen Dokument net esou erkläert.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Dat heescht dat ass awer esou an der Rei fir mech. Merci.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Da komme mer zum Vott. Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

---

Villmools merci, monsieurs, dames. Madamm Pregno, dat ass den Dossier Nummer 103 och vun déi Lénk eraginn.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Deen hate mer schonn. Do wou Conseilere betraff waren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

O pardon. Deen hate mer schonn. Da si mer elo um Dossier 107.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Genau. Villmools merci. Do geet et ëm eng Demande an der Rue Dalscheidt, fir op déi Parzell eng zousätzlech Servitude d'urbanisation ze maachen, fir alles, wat Nuisance-sonoren ass, ze evitéieren. Do ass et esou, dass op der Kaart vum Zonage vum Kaméidi déi Zone mat Kaméidi eebe scho geholl ginn ass. Soudass et kee Sënn mécht, nach eng Kéier esou eng Servitude driwwerzeleeën.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och, Madamm Pregno, fir déi zousätzlech Erklärungen. Ech hunn et awer esou am Avis vum Environnement erausgelies, dass de Rapport, deen ënnerlät dem Rapport environnemental, dass deen net déif genuch gräift, an dass et prématuré wier, fir déi dote Parzell an eng HAB-1 ze klasséieren. Well déi Ëmweltetüden net déif genuch gräifen.

Dowéinst hunn ech gefrot, fir dat hei separat votéieren ze loossen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Da komme mer zum Vott. Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** explique que le ministère demande la mise en place d'un concept de mobilité dans la rue du Chemin-de-Fer. Or, elle est d'avis qu'un concept de mobilité doit faire sens. Il ne sert à rien d'en mettre en place un dans une rue. Il faut un projet pour toute une zone. C'est pourquoi le collège échevinal n'accepte pas cette réclamation.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** répond que le document initial ne contenait pas d'explications. Désormais, il comprend la décision du collège échevinal. Il approuvera ce point. (Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au point 103.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** réplique que le conseil communal a déjà traité ce point tout à l'heure.

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** s'excuse et passe au dossier 107.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** précise qu'il s'agit de mettre en place une servitude dans la rue Dalscheidt pour éviter les nuisances sonores. Or cette rue fait déjà partie des zones où le bruit est à éviter. Il est donc inutile de placer une servitude.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** croit avoir compris que d'après l'avis du ministère de l'Environnement basé sur le rapport environnemental, il serait prématuré de classer cette parcelle en zone Hab 1. (Vote)

## 2. Projet d'aménagement général

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé au point 123.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** signale que déi Lénk a aussi demandé un vote séparé pour ce point. Il s'agit de baisser le recul avant. Les détails se trouvent dans le dossier. Dans la pratique, la façade d'une nouvelle construction principale située entre deux constructions principales existantes doit se trouver à l'intérieur de la bande d'alignement des façades voisines. Autrement, le recul doit être compris entre quatre et huit mètres.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** constate que les reculs retenus sont les reculs en vigueur. L'explication laisse à désirer. Le ministère de l'Intérieur parle, quant à lui, de « mieux cerner l'espace rue » et d'« utiliser rationnellement le sol ». En d'autres termes, le ministère demande de réduire la largeur afin de mieux profiter des terrains constructibles.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** répond que la décision du collège échevinal a été prise sur le conseil des services communaux. La proposition du collège échevinal est celle qui s'adapte le mieux à la situation sur le terrain.  
(Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*passé au point 124.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** explique que cette demande concerne la baisse du recul latéral. Normalement, celui-ci est de trois mètres. Il devrait pouvoir descendre à 1,90 m si le voisin se trouve à moins de 3 m de la limite de la parcelle. La logique est la même que pour le dossier 123: il faudrait construire de façon plus dense.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Villmools merci. Da komme mer zur Nummer 123. Madamm Pregno.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Den 123 ass och vun déi Lénk als vote séparé gefrot ginn. Do ass d'Demande, fir de Recul avant erofzusetzen. Där Demande droe mir keng Rechnung. Aus dem Grond – an do hutt Der och nach Spezifizitéiten am Dossier vun haut. Ech kann Iech dat vläicht eng Kéier virlesen a beliichten. do steet: „Lorsque la construction principale projetée s'inscrit entre deux constructions principales existantes, si sur les deux parcelles voisines desservies par la même voirie, la façade avant est édifiée à l'intérieur de la bande d'alignement déterminée par la façade avant des constructions principales voisines.“ An an all aner Cas de figure ass de Recul avant tëschent véier an aacht, also véier Meter minimum an aacht Meter maximum.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Eng aner Erklärung, déi ech gelies hunn, dass déi Recullen, déi mer hei festhalen, einfach déi sinn, déi en vigueur sinn. Wat, wéi ech fannen, e bësse kuerz gräift als Erklärung. An den Interieur schwätzt awer vu „mieux cerner l'espace rue“, vun enger „Utilisation rationnelle du sol. Dowéinst hunn ech gefrot, dass dat heite separat ofgestëmmt gëtt. Well Den Interieur freet, dass dat manner breet ausfällt, fir dass ee méi baue kann. An dass d'Bauland besser soll benotzt ginn. An och nach eng Kéier mat der Iddi Baulücken. An et ass Question urbaine. Dowéinst meng Ufro. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech kann e puer Explikatioune ginn. Et ass op Urode vun eise Servicer, och um Terrain, dass mer dat net geännert hunn an esou bäibehalen, wéi mer et hunn, well mer immens komplex a vill verschidde Bauformen hei zu Déifferdeng hunn an dat doten am beschten adaptéiert ass op den Déifferdenger Terrain. Just nach als zousätzlech Erklärung.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Merci, Madamm Pregno. Da géife mer zum Vott kommen. Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

Villmools merci. Madamm Pregno, ech ginn d'Wuert direkt weider, fir d'Nummer 124 och op Ufro vun déi Lénk.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Hei ass eng Demande fir de Recul latéral erofzusetzen. Och an dësem Fall hale mer déi Zuele bäi, déi mer schonn hunn. Am Text, deen Der haut krut, ass ze liesen, dass deen op dräi Meter ass. Respektiv wann den Noper manner wéi dräi Meter vun der Limitt vun der Parzell ewech ass, dass een de Recul latéral op 1,90 m erofsetze kann.

Och hei kann ech verstoen, dass dat an där nammlecher Logik agereecht ginn ass wéi den 123, vum méi dichte bauen. Mir müssen eis awer och bewosst sinn, dass schonn immens dicht bebaut ass zu Déifferdeng. Mir hunn immens vill Citéen, wou ganz no openeeg gebaut ass.

## 2. Projet d'aménagement général

An dass een, fir alles wat Neibauten ugeet, e bësse Loft och soll behalen an deem dichten Tissu urbain, dee mer awer schonn zu Déifferdeng hunn.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Pregno. Da komme mer zum Vott. Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

---

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

---

Villmools merci. Madamm Pregno, da wiere mer beim leschte separate Vott. Den Nummer 133.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Hei ass och ee Vote sépare vun déi Lénk gefrot. Ech denken, och ëmmer an där nämmelech-ter Logik wéi déi zwee virdrun. Do ass d'Demande am Avis vum Interieur fir d'Distanz oder d'minimal Distanz tëscht der Haaptkonstruktioun an engem Abris de jardin erofzesetzen. Aktuell sinn dat fënnf Meter. A mir proposéieren och, déi fënnf Meter bäizebehalen. Einfach aus deem Grond, well mer ganz vill Beispiller hunn, wou d'Gaardenhaischen immens no um Haus ass. An dat natierlech och fir alles, wou d'Dicht och emol negativ ass. A virun allem natierlech och fir d'Nopere kann negativ Konsequenzen hunn, wann un d'Haapthaus nach direkt ee Gaardenhaischen nokënnt. Dofir froe mer Är Ënnerstëtzung. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Mir géifen dann zum Vott kommen. Akzeptéiert Der d'Propos vum Schäfferot?

---

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention de faire siennes les propositions faites par le collège échevinal.*

---

Ech soen Iech alleguer villmools Merci, och fir Är Mataarbecht a fir Äert Engagement. Et ass elo zwanzeg op sechs. Ech géif soen, mir zéien eis zéng Minuten zrëck, fir eis iwwer Är Fro, dat heescht de Punkt Nummer 66, nach eng Kéier ze concertéieren. Da géife mer zum Vott komme vun deem Punkt, wa mer Iech d'Erklärunge ginn hunn. An da géife mer nach eng Kéier zum Vott vum ganze PAG kommen.

Villmools merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, villmools merci. Ech géif der Madamm Pregno direkt d'Wuert ginn, fir op den Dossier Nummer 66 zrëckzekommen, wou et ëm een Avis vum Interieur geet, dee mer reportéiert haten, wou mer elo probéieren, Iech eng Explikatioun ze ginn an driwwer ofzestëmmen.

---

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

op d'Laangzäitchantieren, déi geplangt ginn, dass mer do géifen awer iergendwéi Strofen drop setzen, wann déi Zäiten iwwerschrott ginn. Well hei si mer awer elo bei enger Iwwerschreidung vun net nëmmen een, zwee, mee bal dräi Méint méi laang wéi iwwerhaupt geplangt war. Soulaang mir keng Strofe matabezéien an de Cahier de charges, soulaang maachen d'Entrepreneure mat eis a mat de Leit, déi do ronderëm wunnen, wat se wëllen. Well ech fannen et traureg, dass mer Deeg hunn, wou Chantiere mat zwee, dräi Leit nëmme besat sinn, wou mer dee Koup Aarbecht gesinn, dee nach virun eis steet virum Congé collectif. Ech hoffe just, dass se do e bësse méi aktiv ginn, zum Wuel vun de Bierger.

Eng aner Saach, déi mer wierklech um Häerz och läit, wat mer opgefall ass a wat immens geféierlech ass, dat ass d'Verlängerung vun der Rue de Hussigny, wa mer Direktioun Lasauvage fueren. 2019 sinn do d'Beem ëmgehae ginn, duerch de Wandfall, deem do war. Dat war jo eng akut Gefor, déi do besäitegt ginn ass. Déi Beem sinn ëmgehae ginn an et si Stäck stoe bliwwen vun enger Héicht zwëschen 50 cm a 70 cm. An déi Stäck sinn ni ofgemulcht ginn.

Wat soe wëll: Elo ass d'Gras ronderëm esou héich, dass een de Stack net méi gesäit. Wann een op där Streck fiert an et wëll een engem Bus oder engem méi schwéiere Camion auswäichen, da gesäit een de Stack net. Et ass een der Meenung, dass een an d'Gras géif fueren. Och bei enger Vitess nëmme vun 20 oder 30 km an der Stonn, an et geréit een ee Stack, da läit een zwee Meter méi déif an der Wiss, déi riets dovunner ass. An da wëll ech net de Schued, de mënschleche Schued oder de kierperleche Schued gesinn, deem do entsteet. Dat ka liewensgeféierlech sinn.

Dir wësst, wou ech mengen: D'Héisinger Strooss bis ganz erop an da bei der Kapell riets eran, déi 180°-Kéier, fuere mer op d'Kopp, an da si riets déi Beem ewechgemaach ginn, wou déi Wiss ass, e bësse méi déif läit se. Am Fong geholl hannen op der Héicht vum Bécckle, wann een uewen um Plateau ass.

Dat ass immens geféierlech. Ech hunn och, wéi ech et festgestallt hunn, ech war bal selwer dra gerannt, ech géif net

wëlle gesinn, wann ee Motorradfuerer drarennt, deem engem Bus auswäicht. Well esou ee Stack gëtt net no.

Ech sinn och bei Ponts et Chaussées intervenéiert a beim Fierschter. An déi hu mer versprochen, déi géifen do eppes maachen am Laf vun dëser Woch nach. Ech wär awer frou, wann ech géif mierken, datt bis d'nächst Woch näischt geschitt wier, dass ech kéint op d'Mathëllef rechnen vum Schäfferot, fir dass mer dat awer zugonschte vun eisen Awunner kéinte reegelen. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Da géife mer zum Vott kommen. Pardon. Här Bertinelli, wannechgelift.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hat mech virdu gemellt. Mee Dir waart net do. Et ass net schlëmm.

Ech wollt och dem Verkéiersschäfte soen, och ee leidege Problem, net vill besser, déi Koordinatioun tëschent deene staatlechen Instanzen, der Ponts et Chaussées an der Gemeng, wat déi eenzel Chantieren ugeet, dat muss besser koordinéiert ginn.

Viru 14 Deeg hunn ech probéiert, op d'Collectrice ze kommen. Do sinn ech bis bei de Rond-point komm. An dunn huet d'Strooss mech an d'Woiwer Strooss gefouert. Do war awer Einban. All déi Autoen, déi op d'Autobunn wollte fueren, sinn an d'Cité Henri Grey geleet ginn, wou se dann no villem Ierger an d'Zolwer Strooss komm sinn. An no der Zolwer Strooss war och ee Schantjen. Soudatt keen duerchkoum.

Do sollt een awer eis Leit drop opmierksam maachen da wéinstens, wa se wëssen, datt déi Schantercher do sinn um Wee vun der Bielesser Strooss, dann eng Ëmgeeung ze maachen oder Leit ze weisen, net alles an een Dénge ze drainéieren. Woumat mer ëmmer Staue produzéieren. Ech mengen déi Koordinatioun sollt een ufroen.

## 4. Commissions consultatives

D’Ponts et Chaussées huet jo och bestëmmt gesot, datt se d’Autobunn géifen zoumaachen zu Déifferdeng. A mir wësse jo, datt mer dräi Schantercher hunn. Een an der Zolwer Strooss, een an der Woiwer Strooss. Da muss een d’Deviatioun schonn op der Héicht vun der Michel Rodange, beim CID maachen, datt d’Leit net bis dohinner fueren.

Dat soll just eng Ureegung gewiescht sinn. Ech weess, datt dat fréier net gutt geklappt huet mat de staatlechen Instanzen. Mee mir sollten déi Problemer do probéieren ze evitéieren, andeem mer vläicht am Virfeld méi mat deene Leit schwätzen. Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Da géife mer elo zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver les règlements temporaires de circulation.*

---

Villmools merci. Mir wieren da beim véierten a leschte Punkt. Do geet et ëm Changementer an de Kommissiounen. An hei geet et ëm d’Jugendkommissioun. Do géif vun der DP d’Madamm Martine Eischen vun der Madamm Olja Kaiser ersat ginn.

---

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

---

An domadder soen ech Iech villmools Merci. A mir gesinn eis erëm de 14. Juli. Villmools merci a schéinen Owend. Merci.

*Il suppose que l’Administration des ponts et chaussées avait annoncé la fermeture de l’autoroute. Compte tenu des autres chantiers, il aurait fallu prévoir une déviation à hauteur de la rue Michel-Rodange.*

*Fred Bertinelli sait que la coordination avec les instances étatiques est complexe. Mais il faut essayer d’éviter ces problèmes.*

*(Vote)*

---

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé aux commissions consultatives. Le DP remplace madame Martine Eischen par madame Olja Kaiser au sein de la commission de la jeunesse.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch clôture la séance.*



# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 14 JUILLET 2021

---

## CONSEILLERS PRÉSENTS

|                                                    |                               |
|----------------------------------------------------|-------------------------------|
| Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng)    |
| Tom Ulveling, 1 <sup>er</sup> échevin (CSV)        | François Meisch (DP)          |
| Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)                  | Erny Muller (LSAP)            |
| Robert Mangel, échevin (CSV)                       | Ali Ruckert (KPL)             |
| Laura Pregno, échevine (déi gréng)                 | Christiane Saeul (DP)         |
| Guy Altmeisch (LSAP)                               | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Fred Bertinelli (LSAP)                             | Guy Tempels (CSV)             |
| Paulo De Sousa (déi gréng)                         | Eric Weirich (déi Lénk)       |
| Jerry Hartung (CSV)                                | Nicole Wohl (déi gréng)       |
| Pierre Hobscheit (LSAP)                            |                               |

## ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Enseignement fondamental:
  - a. Plans de développement scolaire pour les écoles de Differdange, Fousbann, Niederkorn, Oberkorn et Woiwer (PDS);
  - b. Plans d'encadrement périscolaire (PEP) 2021-2022;
  - c. Changements d'affectation au cours de l'année scolaire 2020-2021;
  - d. Règlement d'ordre interne de l'école Mathendahl.
3. Structures d'accueil: règlements d'ordre interne des sites 2021-2022.
4. Cours de langues pour adultes: organisation pour l'année scolaire 2021-2022.
5. Office social de Differdange: compte de l'exercice 2019.
6. Actes et conventions:
  - a. Nouvelle convention de collaboration avec Valorlux dans le cadre de la collecte sélective des PMC;
  - b. Avenant au contrat de bail avec le CIGL ainsi qu'un contrat de bail d'un espace de création au 1535° Creative Hub et notification d'une résiliation de contrat.
7. Règlements communaux:
  - a. Règlement portant sur les modalités d'attribution d'un subside et mérite scolaire;
  - b. Règlements temporaires de circulation.
8. Syndicats intercommunaux:
  - a. Adhésion de la Ville de Luxembourg au syndicat Minett-Kompost et adoption des nouveaux statuts;
  - b. Changement de la répartition des heures de congé politique.
9. Changements au sein des commissions consultatives.
10. Questions.

# 1. Communications

## **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*ouvre la séance du 14 juillet 2021. Monsieur Meisch est en retard. Monsieur De Sousa quittera ponctuellement la séance. Monsieur Liesch participe par vidéoconférence. Monsieur Hobscheit a introduit une question, qui sera traitée à la fin de la séance.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a aussi une question.*

## **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*en prend note. Elle passe aux communications et signale que la commune a reçu 131 demandes d'aide aux commerces. Elle ne dispose pas encore des chiffres définitifs et plutôt que d'avancer des résultats provisoires, elle reviendra sur ce point en septembre. Le cas échéant, le budget pourra être revu à la hausse. Le plan pluriannuel financier doit être envoyé au ministère de l'Intérieur avant le 31 juillet. Le conseil communal dispose des documents à ce sujet.*

*Christiane Brassel-Rausch explique qu'une première réunion avec Nouma a eu lieu au Hall O sous le régime du CovidCheck. Quarante-six propriétaires étaient également présents. L'objectif était de permettre aux propriétaires de se rencontrer et de rencontrer le groupe de travail de Nouma. Les participants ont été répartis sur plusieurs tables en fonction de la langue. Cela a facilité la participation. La bourgmestre rappelle que tout cela est nouveau pour la commune. Les locataires seront également intégrés au processus le moment venu. Les activités et les règles ne seront pas définies par la commune, mais par les propriétaires et les locataires. Jusqu'à présent, les retours des propriétaires sont positifs. Les activités qu'ils ont proposées sont similaires à celle auxquelles avait pensé le groupe de travail. C'est une bonne chose.*

*La commune souhaite créer une ASBL gérée de façon autonome par les propriétaires, mais dans laquelle la commune serait représentée par deux personnes disposant du droit de veto.*

*La prochaine réunion avec les propriétaires aura lieu le 29 septembre.*

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot haut vum 14. Juli 2021. Ech erlabe mer den Här François Meisch ze entschëllegen, dee Retard kritt an e bësse méi spéit komme wäert. Den Här De Sousa wäert punktuell erausgoen aus dësem Gemengerot an erëmkommen. Iwwer Videokonferenz ass den Här Georges Liesch bäigeschalt. An et ass eng Fro erakomm vum Här Hobscheit de 16. Juni. Wann Der averstane sidd, huele mer wéi üblech déi Fro zum Schluss vun der Séance publique.

Den Här Muller.

## **ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt och eng Fro stellen.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Hie mellt och eng Fro un.

Da géif ech direkt zum Punkt 1 kommen, d'Matdeelunge vum Schäfte-rot. Ech fänken u mat eisen Ënnerstëtzung fir de Commerce. Bis elo si genau 131 Dossieren erakomm. Déi gi wierklech a ganz akribescher Aarbecht opgeschafft. Ech hunn elo – och wann ech d'leschte Kéier gesot hat, ech géif hoffen, mir kéinten Iech déi haut presentéieren – nach net déi definitiv Zuelen a Chifferen, fir Iech déi virzeleeën. Mir hate geduecht, mir géifen et hikeréien, mee amplaz vun engem Provisorium, géife mer Iech am September dat definitiivt Resultat matdeelen a gegebenefalls, wann et esou ass, besteet d'Méiglechkeet doriwwer ofzestëmme budgetsmeisseg, fir d'Zomm ze erhéien. Ech bieden ëm Äert Versteesdemech.

Dir hutt an Ärem Dossier eng Mise à jour vum PPF, dem Plan pluriannuel de financement, op den 30. Juni vun dësem Joer. Dee muss bis den 31. Juli op den Interieur geschéckt ginn. Mir deelen Iech dat mat am Sënn vun der Transparenz.

Mir haten eng éischt Reunion mat de Proprietären aus dem Gravity an dem

Nouma. Dat ass déi Societét, déi dee Projet begleet. Fir d'éischt wëll ech Iech e puer Zuelen als Informatioun ginn. Insgesamt ware 46 Proprietären do, eis Ekipp vun der Gemeng an Nouma, déi dat Ganzt begleet. Vun insgesamt 30 Appartementer, déi mer verkaf hunn, ware Persoune vu 26 Appartementer vertrueden. D'Reunion huet hei am Hall O ënner de Konditiounen vum CovidCheck stattfonnt, well et wichtig war, dass d'Leit ouni Mask konnten zesummekommen. Dëst war am Aklang mam Zil vun deem Owend. Dat heescht, eng éischt Kontaktopnam, e géigesäitegt Kenneléiere vun de Proprietären ënner sech an dem Aarbechtsgrupp vu Nouma.

Punkto Organisatioun ass ze erwänen, dass d'Leit de Sproochen no op verschiddenen Dëscher verdeelt waren. Dat huet d'Kommunikatioun op den Dëscher natierlech immens gefuerdert, wat bei dësem participative Prozess, deen elo nei ass, vun deem Owend immens wichtig war. Déi Method ass net nëmmen nei fir d'Proprietären, mee och fir d'Gemeng. D'Locatairë wäerten och ab engem gewëssene Moment mat an de Prozess geholl ginn.

Dat grousst Prinzip vum participative Prozess ass, dass d'Aktivitéiten, d'Reegelen an alles, wat déi Appartementer ugeet, net vun der Gemeng vun uewen erof definéiert solle ginn, mee zesumme mat de Proprietären a mat de Leit, déi an deem Haus wunnen.

D'Leit hunn alleguerde gutt drun deelgeholl. En gros hu mer wierklech e positive Retour vun deene verschiddene Proprietäre kritt. Et gouf festgestallt, datt d'Iddi vun den Aktivitéiten déi selwecht si wéi déi, déi mir am Fong am Aarbechtsgrupp festgehalten haten. Dat, wat mir eis virgestallt hunn, stëmmt iwwerenee mat de Virstellunge vun de Proprietären. Dat ass jo ëmmer scho gutt.

Dir wësst, dass et eng Iddi gëtt, eng ASBL ze grënnen, déi duerno autonom vun de Bewunner regéiert gëtt, mee wou d'Gemeng awer duerch Représentanten héchstwahrscheinlech vun zwee Leit, e gewëssent Vetorecht behält an och d'Iwwersiicht vum ganze Gebai huet.

# 1. Communications

Déi nächst Versammlung mat de Proprietäre wäert, wann d'Konditiounen et erlaben, den 29. September stattfanen. Souvill zu Nouma an dem Gravity-Projet.

Ech wëll Iech driwwer informéieren, dass mer am Moment amgaange sinn an all eise Strukturen – dat heescht Maisons relais, Crèchen, Kornascht, Bësch-Crèche a Bësch-Schoul – gemeinsam Richtlinnen auszuschaffen op der Grondlag vun enger gemeinsamer Visioun. Dat ass an deem Sënn elo wichtig ginn, well no annerhallwem Joer, wou d'Leit sech net konnte gesinn an net konnte matenee schwätzen, awer Dealer gebréckelt sinn. Et geet drëm, fir déi ganz Communautéit vun deene Maison-relaisen erëm zesummenzeféieren.

D'Visioun ass déi hei: D'Kand a senger Individualitéit an d'Kanner an hirer Diversitéit stinn am SEA Déifferdeng am Mëttelpunkt. Déi Visioun soll souwuel eis als Responsabel wéi all déi Leit, déi um Terrain schaffen, guidéieren. Déi Richtlinne goufe gemeinsam mat alle Responsabele vun den Haiser, Maisons relais a Crèchen ausgeschafft. Déi sollen dann och um Terrain gelieft ginn, fir eng gemeinsam Qualitätssécherung an den Haiser sécherzestellen.

Déi Richtlinnen ëmfaassen am Groussen zwee Dealer: den Aarbechtskader an de pedagogesche Kader. Dat heescht, d'Aarbecht als Pedagogin.

Den Aarbechtskader ëmfaasst d'zentral Missioun, wou d'Kanner am Mëttelpunkt vun eiser Aarbecht an de Strukturen stinn. De konkreten Optrag souwéi d'Ëmsetzung dovunner. D'Leitlinn ass: Mir si fir d'Kanner do. Dat professionellt Handeln: Mir si Virbild. A mir bewahren natierlech de Secret professionnel. Do orientéiere mer eis ganz kloer um Contrat de travail.

Des Weideren ass dat Ganz eng Teamaarbecht. Dat gëtt och thematiséiert a virun allem, wem sot Der et, wäert och un der Kommunikatioun geschafft ginn. Och do.

Am zweeten Deel steet dat pedagogesch Schaffen am Zentrum. Hei gi wichteg Aspekter ugeschwat wéi d'Villfalt an d'Diversitéit souwuel bei de

Kanner wéi och beim Personal. Dat Ganz ganz kloer als Ressource. Dat heescht: Wat kënne mer gewannen doduerch, dass mer esou villfältig sinn?

D'Kand steet am Mëttelpunkt. Dat ass d'Verständnis vum Bild vum Kand nom nationale Rahmenplan zur non-formalen Bildung vum Ministère. Zum Beispill ass et ganz wichtig, datt mer d'Kanner do ofhuelen, wou se sinn. Mir akzeptéiere se och esou. Mir huelen d'Kand eescht a sengen Emotiounen, a sengem Handeln an awer och a senger Kompetenzen. Eis Missioun ass – ech schwätzen ëmmer am Numm vun deene Leit, déi um Terrain an de Maison-relaise schaffen – eng aktiv Beobachtung an eng aktiv Interaktioun vum Kand a mam Kand. An dem Kand aktiv nolauschten.

Dës Richtlinnen, Wäerter a Missiounen sollen d'Responsabel an dat ganz Personal um Terrain kréien, fir et am Alldag ëmzesetzen, fir eng gemeinsam Visioun ze hunn. Déi Richtlinne wäerten no dësem Conseil op den Terrain goe fir eng intern Evaluatioun. Si ginn ausgedeelt un d'Leit allegueren um Terrain. An no enger Proufphas, no engem Trimester, ginn d'Richtlinnen nach eng Kéier evaluéiert an et gëtt gekuckt, ob dat internt Dokument, wat et am Moment ass, soll adaptéiert ginn, fir dass mer dat Dokument mat de Richtlinnen dann am Januar finaliséieren an Iech am Gemengerot presentéiert ginn. Eng flott Initiativ vun eise Leit.

D'Summervakanz – ech schwätzen nach ëmmer vun de Maison-relaisen – geet vum 16. Juli bis de 14. September. Et sinn insgesamt 701 Kanner an eise Maison-relaisen ageschriwwen. Wéi et während der Vakanzzeit mat de Schnelltester fir d'Kanner geet, ass am Moment nach net ganz richteg gewosst.

Während der grousser Vakanz kritt dat ganz Personal, dat an de Maisons relais an an de Crèche schafft, erëm zwee Tester d'Woch. Hei ass och d'Personal vum Nettoyage an aus der Kichen abegraff. Bei där Geleeënheet ass et wichtig ze erwänen, dass mer dee leschte Covidfall an eise Strukturen den 8. Juni haten. Dat confirméiert, dass eis Mesurë gräifen a sech an den Haiser un déi sanitär Virgabe gehale gëtt. Wat ganz wichtig ass.

*Les maisons relais, les crèches, le foyer de jour et le campus en forêt vont se donner des règles sur la base d'une vision commune. Les employés ne sont pas vus depuis longtemps et il faut donc rapprocher la communauté des structures d'accueil. Les enfants doivent être au centre des structures d'accueil dans leurs individualités et dans leurs diversités. Les lignes de conduite ont été élaborées par les responsables des maisons relais et des crèches et servent de gage de qualité. Elles concernent à la fois le cadre professionnel et le cadre pédagogique.*

*Christiane Brassel-Rausch répète que l'enfant est au centre. Les employés sont des modèles. Ils doivent se comporter de manière professionnelle et respecter le secret professionnel. L'accent est également mis sur le travail d'équipe et la communication.*

*Pour ce qui est du volet pédagogique, Christiane Brassel-Rausch souligne l'importance de la diversité, aussi bien chez les enfants que le personnel. Les émotions, les actions et les compétences des enfants doivent être prises au sérieux. Le personnel doit écouter activement les enfants et interagir avec eux.*

*Les lignes de conduite vont être évaluées par les gens sur le terrain. Après une phase de test d'un trimestre, le document pourra être adapté le cas échéant.*

*En été, les maisons relais accueillent 701 enfants du 16 juillet au 14 septembre. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas encore comment les tests rapides seront gérés. L'ensemble du personnel disposera de deux tests par semaine. Le dernier cas de COVID-19 dans les structures d'accueil remonte au 8 juin. Cela démontre que les mesures fonctionnent.*

*Les grandes vacances commenceront par deux semaines de vacances loisirs. Les enfants pourront se rendre à la maison relais à partir de 13 h 45. Cette année, le slogan est « Le Luxembourg autrefois et aujourd'hui ».*

*En ce qui concerne le campus du Mathendahl, le bureau de contrôle viendra sur place le 10 septembre pour décider quels locaux pourront être utilisés par la maison relais. La*

## 2a. Plans de développement scolaire

*commune est confrontée à des problèmes de livraison de matériel. Si nécessaire, les enfants devront rester dans les salles de classe.*

**TOM ULVELING (CSV)** signale aux conseillers communaux que l'ouverture officielle de Diffbeach est prévue le 29 octobre à 19 h.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** s'étonne de la date.

**TOM ULVELING (CSV)** s'excuse. Il s'agit du mois de juillet. Le programme est destiné aux petits et aux grands — particulièrement ceux qui n'iront pas en vacances.

Tom Ulveling passe au CHEM, du conseil d'administration duquel il fait partie. L'ouverture de l'Hôpital du sud a été reportée d'un an à cause de problèmes avec l'architecte. De nouveaux services vont s'établir à Niederkorn en attendant. Il s'agit d'un service de chirurgie ambulatoire, la gériatrie aiguë, la médecine interne, l'orthopédie prothétique de semaine sans réanimation, la chirurgie du dos et du rachis sans réanimation, une polyclinique programmée, un plateau d'endoscopie, un service de radiologie, un laboratoire du sommeil, un laboratoire biologique et la médecine de l'environnement. Les urgences seront ouvertes de 8 h à 20 h. Cependant, les personnes dans un état grave seront dirigées vers l'hôpital à Esch.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au point 2a, le plan de développement scolaire pour les campus de Differdange, Fousbann, Niederkorn, Oberkorn et Woiwer.

D'grouss Vakanz fänkt dëst Joer nees mat zwou Woche Vacances loisirs un. All Kand aus der Gemeng kann nomëttes ab 13.45 Auer an eis Maison-relais kommen. Dëst Joer steet d'Vacances loisir ënner dem Motto: Lëtzebuerg – fréier an haut.

Da kommen ech op de Mathendahl ze schwätzen. Do si jo déi zéng Säll. De Kontrollbüro kënnt den 10. September. Eréischt da wësse mer genau Bescheed, wéi eng Raimlechkeete sech fir d'Maison relais erginn. Dat hänkt natierlech, Dir wësst et, un der Quarantän vun den Entreprises awer och un de Liwwerschwieregkeeten. Mir hunn awer mat der Direktioun ofgemaach, dass wa Problemer sinn, d'Kanner dierfen an de Schoulsäll bleiwen. Dat heescht, dass do kee Problem ass.

Dat ass elo vu menger Säit aus alles vu Kommunikatiounen, wat ech hätt. Ech géif dann d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, zwou Saachen. Ech géif Iech bieden, den Datum vum 29. Oktober owes um 19.00 Auer fräi ze halen. Do wäerte mer déi offiziell Ouvertür vum Diffbeach maachen. Diffbeach, ee flotte Programm fir Jonk an Al.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den 29. Oktober?

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, pardon, Juli. Hat ech Oktober gesot? Entschëllegt. Juli. Also dëse Mount.

Ee flotte Programm fir Jonk an Al, wou jiddweree sech erëmfënnt. Dat gëtt ganz flott. Haaptsächlech déi Leit, déi net kënne fortgoen, fannen dann hei zu Déifferdeng awer ee kleng Programm vir.

Déi aner Informatioun am Kader vum CHEM, wou ech jo am Verwaltungsrot sinn. D'Südspidol ass praktesch ëm ee

gutt Joer zréckgesat ginn, well et verschidde Problemer gëtt mam Architekt. Et ass eng nei Affektatioun fir de Site Nidderkuer virgesinn. Mer wäerten nei Servicer kréien. Dat ass elo mol vum Verwaltungsrot esou festgehalen. Dat gëtt viraussichtlech en place gesat. Dat wäert awer nach e puer Wochen, respektiv Méint daueren, bis dat alles funktionéiert.

Déi Servicer, déi mer an Zukunft wäerten zu Nidderkuer erëmfannen, sinn: eng Identification médicale et une mission locale. Et ass geduecht, dass mer zu Nidderkuer eppes Medezinesches behale fir eis Populatioun. Et kënnt ee richteg Service vun der Chirurgie ambulatoire, eng Aart Day Clinic, installéiert. Eng Geriatrie aiguë, ee Service de médecine interne an ee Service d'orthopédie prothétique de semaine ouni Reanimatioun.

D'Chirurgie du dos et du rachis wäert och kënne gemaach ginn. Déi ganz schwierig Fäll, wou ee muss duerno an d'Reha goen, ginn allerdéngs zu Esch gemaach.

Dann eng Poliklinik programmée chirurgicale et médicale. Et wäerten Urgencë méiglech si vum 8.00 bis 20.00 Auer am Dag. Et sief gesot, deene Leit, déi wierklech ganz eescht Problemer hu wéi zum Beispill Suspicioun op Häerzinfarkt, ass allerdéngs geroode sech direkt op Esch ze dirigéieren, well do de Plateau vill méi grouss ass. Do ka vill méi interventionnel direkt geschafft gi wéi zu Nidderkuer.

Da kënnt e Plateau d'endoscopie, e Service de radiologie, e Labo du sommeil, e Labo biologique, also een normale Labo, an och d'Ëmweltmedezin. Dat alles wäert zu Nidderkuer stationéiert sinn, bis dann dat neit Südspidol opgeet.

Dat wollt ech Iech matdeelen. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Da géife mer zum Punkt 2a kommen, deem berühmte PDS, Plan de développement scolaire, fir all eis Sitten: Déifferdeng, Fousbann, Nidderkuer, Uewerkuer a Woiwer. An der Schoulkommissioun ass erwäant

## 2b. Plans d'encadrement périscolaires

ginn, dass mer elo net méi vu Schoule schwätzen, vu dass d'Zesummenaarbecht sech gefestegt huet. Mir hate virun der Pandemie ugefaangen. Wann d'Pandemie eppes Guddes hat, dann ass et, dass déi Zesummenaarbecht koherent ginn ass tëschent den Enseignanten esou gutt wéi de Leit an de Maison-relais. Mir schwätzen ëmmer méi vu Campusse wéi vu Schoulen. Campus beinhalt souwuel d'Schoul wéi d'Maison relais.

Et ass an der Schoulkommissioun ganz kloer ervirgehewe ginn: ee grouse Merci un d'Gemeng fir d'ënnerstëtzung, virun allem wat d'Informatik ubelaangt, woumat mer hinne gehollef hunn. An ech hu mech richteg doriwwer gefreet.

De PDS, de Plan de développement scolaire, war fir all Schoul fir eng Referenzperiod vun dräi Joer opgesat ginn vun 2018 bis 2021. Dee géif elo dëst Joer op Echeance kommen. Wéinst der Pandemie huet awer de Ministère de Schoule fräigestallt, ob se, nodeems se e Bilan gezunn hu vun den Objektiver, déi se sech gesat hunn, an de Projeten, déi lancéiert goufen, alles erreecht hunn a sech nach nei Ziler géife setzen oder ob de PDS mat eventuellen Adaptatiounen géif fir 2021 bis 2024 bäibehale ginn.

Et ass wierklech eng flott Duerstellung vun allem, wat si an de Schoule maachen. Si gi sech jo Ziler, déi si an dräi Joer wëllen erreechen. All Campus huet seng Eegenschaft. Déi eng si méi op Beweegung ausgeriicht. Dat kënnt Der gesinn an Ären Dossieren. Aner Campussen – dat huet mech elo immens gefreet – ginn op de Wee vun der Zukunft. Si féieren d'Kanner un d'Medien. Dass ee Computer net nëmmen eppes ass, wou een drop ka spillen a consomméieren, mee woumat een och aktiv kann eppes léieren. Dat ass ze begreissen.

An da géif ech Iech froen ob mer deen esou kënne mathuelen?

Et gëtt keng Wuertmeldung. Da géife mer direkt zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans de développement scolaire pour les écoles de Differdange, Fousbann, Niederkorn, Oberkorn et Woiwer (PDS).*

---

Villmools Merci. Da si mer beim Enseignement fondamental. Do geet et ëm dee berühmte PEP. Dat heescht, dass um Campus am Fong d'Zesummenaarbecht vun der Schoul an der Maison relais soll regéieren.

Wéi all Joer gëtt et dann och fir d'Joer 2021/2022 e Plan d'encadrement périscolaire, fir de Campus am Kannerbongert wéi och fir déi aner fënnef Schoulcampussen. D'Bësch-Klass funktionéiert vun Ufank u mat enger ganz enker Zesummenaarbecht vu Schoul a Maison relais. Si hunn dëst Joer all Stull besat. Et si 37 Kanner ageschriwwen.

Mir schwätzen, wéi gesot, bewusst vu Campus an net vu Schoul. Eebe just fir déi enk Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison relais ervirzehiewen.

Et gëtt e puer Changementer bei de Responsabele vun eise Maison-relais, bedéngt duerch, entre autres, eng Institutioun hei an der Gemeng, d'Madame Claudine Bintener an natierlech och duerch déi nei, déi bäikomme wäerten um Site Mathendahl.

Am PEP gëtt opgeléicht, wat an der Tëschenzäit kuerz virun der Crise sanitaire an am Laf dovunner alles geschitt ass, fir d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddenen Acteuren ze ënnerstëtzen an ze fërderen. An och wéi nei Kollaboratiounen entstane sinn.

Dir wësst, dass mer elo sou wäit scho sinn, dass d'Léierpersonal punktuell an d'Maison relais geet, fir Aktivitéiten ze ënnerstëtzen, an ëmgedréit, dass Educatoren aus de Maison-relais an den Enseignement fondamental ginn, fir géigesäiteg Aktivitéiten ze ënnerstëtzen.

Mer hunn ee provisoresche Planning bei der Lasep ugefrot, fir ze gesinn wat fir d'Rentrée alles geplangt ass vun hirer Säit.

Här Hobscheit.

*La commission scolaire souhaite que l'on ne parle plus d'école, mais de campus étant donné la collaboration entre les écoles et les maisons relais. S'il fallait retenir un point positif de la pandémie, ce serait que la coopération entre les deux institutions s'est améliorée. C'est pourquoi parler de campus est pertinent.*

*La commission scolaire remercie la commune pour son soutien, particulièrement dans le domaine de l'informatique.*

*Le dernier plan de développement scolaire portait sur trois ans. Il arrive à échéance cette année. Compte tenu de la pandémie, le ministère a proposé aux écoles de fixer de nouveaux objectifs si ceux de 2018-2021 ont été réalisés ou d'adapter l'ancien PDS si tous les objectifs n'ont pas pu être atteints. Les écoles se donnent des objectifs à atteindre en trois ans. Certaines mettent l'accent sur l'exercice physique. D'autres veulent préparer les enfants à l'avenir en leur montrant qu'un ordinateur ne sert pas seulement à jouer et à consommer, mais aussi à apprendre.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe à l'enseignement fondamental et plus particulièrement au PEP, le plan d'encadrement périscolaire. Il s'agit de régler la collaboration entre les écoles et les maisons relais sur les cinq campus scolaires et le Kannerbongert où 37 enfants sont inscrits. Christiane Brassel-Rausch répète qu'il convient de parler de campus pour souligner la coopération entre l'école et la maison relais.*

*Il y a des changements concernant les responsables des maisons relais. La bourgmestre mentionne notamment madame Claudine Bintener, une véritable institution à Differdange.*

*Le PEP dresse un état des lieux de ce qui a été fait pour renforcer la collaboration avant et pendant la crise. Ponctuellement, les enseignants participent à des activités dans la maison relais et des éducateurs participent à des activités dans les écoles.*

*La commune a aussi demandé un planning à la Lasep pour savoir ce qu'elle a prévu pour la rentrée.*

## 2b. Plans d'encadrement périscolaires

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP)** *demande à madame Brassel-Rausch si elle a terminé.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP)** *remercie tous ceux ayant contribué à élaborer le document.*

*Même si l'école et la maison relais fonctionnent différemment, elles ciblent la même personne: l'enfant. La collaboration entre les deux structures s'est constamment améliorée au fil des ans.*

*Dans le dossier, il est question d'un vademécum du ministère de l'Éducation nationale définissant la collaboration entre l'école et la maison relais. Où en est ce document? Il est censé remplacer le PEP communal.*

*Le Mathendahl prévoit une salle de réunion commune. La collaboration fonctionnant bien, les sites peuvent être planifiés différemment.*

*Pour les socialistes, il est important d'intégrer les activités de la Lasep. Pierre Hobschuit remercie à nouveau ceux qui ont élaboré le document. Le LSAP approuvera le PEP.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *remercie à son tour tous ceux ayant travaillé aux documents du point précédent, de celui-ci et des deux suivants.*

*Il salue le fait que l'on parle désormais de campus. Ce terme montre qu'il est question d'une unité et non de deux structures.*

*Malheureusement, le PEP reste nécessaire, car l'école et la maison relais continuent à être considérées comme deux entités séparées par le ministère. C'est pourquoi il est important que le PEP de la commune définisse les points de rencontre, qui autrement ne surviendraient que par hasard. Le PEP montre ce qui est réalisable et dans quelle direction aller.*

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):**

Wann Der fäerdeg waart.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):**

Ech wollt kuerz e puer Wuert dozou soen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):**

Ech wollt virun allem alle Bedeelegten, déi un deem Dokument matgeschafft hunn, Merci soen. Et ass en extreem wichtegt Dokument. Och wa Maison relais a Schoul ënnerschiddlech funktionéieren, hu se am Endeffekt, a wéi ech et hei geschriwwen hunn, d'nämmlecht Zilpersoun. Dat ass d'Kand. Et geet ëm d'Kand. D'Kooperatioun tëscht de Schoulen an de Maison-relais huet sech iwwert déi lescht Jore kontinuierlech verbessert. Dat ass absolutt ze begreissen. Doriwwer si mir als LSAP ganz frou.

Am Text geet rieds vun engem nationale Vademecum, dee vum Educatiounsministère ausgeschafft soll ginn, fir der Zesummenaarbecht tëscht der Schoul an der Maison relais e bësse méi ee Kader ze ginn. Wësst Der, wou dat Dokument drun ass? Wéi laang muss mer op dat Dokument waarden? Well wann ech richteg verstanen hunn, géif dat Dokument am Fong dee kommunale PEP ersetzen.

Et ass flott ze gesinn, dass am Mathendahl direkt un ee gemeinsame Reuniounssall geduecht gëtt. Well déi Zesummenaarbecht sech elo esou verfestegt huet, gëtt dat engem ganz aner Méiglechkeeten, wann een nei Sitte plangt, fir ganz anescht un d'Saacherunzgoen. Duerfir fannen ech et ganz flott a ganz wichteg, dass mer kucken,

wéi mer d'Aktivitéite vun der Lasep an déi Zesummenaarbecht integréieren.

Ech wëll am Numm vun der LSAP alle Bedeelegten, déi un dësem Dokument matgeschafft hunn, e grouse Merci ausschwätzen. Mir stëmmen dëse PEP mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Hobschuit. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt dat och beim Punkt virdru maachen. D'Ronn gouf net opgemaach. Hu geduecht, dat kënnt bestëmmt nach. Mir wollten zu dësem, zum viregen an och zu deenen nächsten zwee Punkte mol fir d'éischt jiddwerengem Merci soen, deen un dësen Dokumenter matgeschafft huet. Mir schléissen eis deem un.

Mir fannen déi Iddi, fir vu Campussen ze schwätzen, ganz begreissenswäert. Well dat an der Langue véhiculaire, an der Ëmgangssprooch, weist, dass dat eng Unitéit soll sinn an net ëmmer nëmmen déi zwou Strukturen eenzel, Schoul a Maison relais. Duerfir ass dat scho ganz flott, wa mer vu Campusse schwätzen. Dat weist, dass déi Saachen zesummegehéieren.

De PEP, dee mer jo schonn eng Rei Joren an der Gemeng kennen, ass leider nach ëmmer noutwendeg, wann een dat esou dierf soen, well déi Zesummenaarbecht tëscht Maison relais a Schoul nach ëmmer an zwou Entitéite geduecht gëtt. Och vun uewen erof wësst dat ëmmer nach net esou zesummen, wéi mer eis dat virstellen.

Ëmsou méi wichteg ass et dann, dass eng Gemeng Déifferdeng e PEP huet, deen déi Schnëttstellen definéiert, déi soss iergendwéi esou als Terrain vague do leien an einfach da funktionéieren, wa se duerch Zoufall funktionéieren. De PEP weist genau, wat machbar ass. Wou soll et higoen? Wéi wëll eng Schoul mat der Maison relais zesummeschaffen an och wéi ee Schwéierpunkt gëtt se sech?

## 2b. Plans d'encadrement périscolaires

Effektiv, wéi den Här Hobscheit gesot huet, gëtt geschwat vun engem nationale Plang. Ech hunn et net esou verstanen, wéi wann dat e PEP géif iwwerfléseg maachen. Ech mengen, dass dat och éischter net gutt wär. Well mir gesi jo an deene PEPen, dass et ënnerschiddlech Besoinen an Ufuerderunge gëtt. Wann een Nidderkuer kuckt, Déifferdeng kuckt, Fousbann kuckt, gëtt et jo Ënnerscheeder. An esou een nationale PEP, wann et dann dat soll sinn, kann deem jo eigentlech net gerecht ginn.

Ech fanne schonn, dass et eng national Saach sollt ginn, wou ee sech eens ass iwwer ganz vill Saachen. Mee dass awer all Schoul oder all Campus – kommt mir nennen et direkt esou – awer d'Méiglechkeet huet, seng Spezifikatiounen erauszeschelen an ze kucken, wou d'Besoin sinn. Vlächtt sinn dat ganz anerer wéi an enger anerer Gemeng. Mir gesi jo scho bei eis an der Gemeng, dass et vu Lokaltéit zu Lokaltéit anerer sinn.

Jiddefalls nach eng Kéier ee grouse Merci un all déi Leit, déi hei matgeschafft hunn. An natierlech stëmme mir dat och erëm eng Kéier mat.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Meisch.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, e gutt Zesummespill tëscht Schoul a Maison relais ass extreem wichteg, fir e qualitativ héichwärtet Encadrement vun eise Kanner ze garantéieren. An eiser Gemeng gëllt dat fir déi fënnef Schoulcampussen Déifferdeng, Fousbann mat Annex Lasauvage, Nidderkuer, Uewerkuer a Woiwer, mat deene jeeweilege Maison-relais. Dobäi kënnt nach de Campus Kannerbongert oder d'Bësch-Schoul. Dat sécherlech nach vill méi an Zäite vun enger sanitärer Kris, wou leider Dag fir Dag méi Informatiounen eraplatzen, mir lues a lues de Virus besser kenneléieren, eis mussen upassen a versiche beschtt méiglech domadder ze liewen.

Nieft sozioedukativen Aktivitéiten, Appui pédagogique, Lasep, Liesklub, Hörklub an eng Rei aner Projeten, gëtt an dësem Dokument de Kader gesat fir eng optimal Betreung. Och eis Vakanzenaktivitéiten, Vacances loisirs, eis zuelräich lokal Veräiner, an dësem Fall haaptsächlech Kultur a Sport, souwéi eis Musekschoul sollen a musse beschttens agebonne ginn a bleiwen.

D'Schoul ännert sech. D'Zäiten ännere sech. Dat spillt och an dësem Kontext. Et gëtt sécherlech net méi einfach. Doduerch muss d'Offer permanent ugepasst ginn, fir se de Besoin vun de Kanner unzepassen. Soudass all d'Kanner sech kënnen entfalten, kee Kand op der Streck bleift a beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet op ee gudde Start an d'Liewe kritt. D'Detailer dozou goufen all genannt, respektiv mir hu se gelies.

Mir bleift nach just Merci ze soen. Merci, de Schoulpresidenten, de Responsabele vun de Maison-relais, den Enseignanten, den Educateuren, de bedeelegte Servicer an alle Leit, déi beim Ausschaffe vun dësem Plang bedeelegt waren a wäerte sinn an esou eise Kanner eng beschtt méiglech Offer an en ideale Kader an Encadrement bidden. Dee Merci gëllt och fir all déi aner Punkten an dësem Beräich, déi nach um Ordre du jour haut stinn.

Ze hoffe bleift, dass de Virus eis net nach eemol dertëscht wäert funken. D'Demokratesch Partei stëmmt de Plan d'encadrement périscolaire mat. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hartung.

---

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der CSV begrësse mer dës ugestriefte verstärkten Zesummenaarbecht vun der Maison relais an eise Schoulen, wéi se hei am PEP virgesinn ass. An och schonn an deene leschte Joren esou ugestrieft gouf.

D'Zesummenaarbecht mat der Schoul an der Maison relais, also op de Campussen, ass wichteg, fir eng gutt Prise en

*Monsieur Hobscheit a parlé d'un plan national. Georges Liesch ne pense pas qu'il remplace le PEP. Si tel était le cas, ce serait une mauvaise nouvelle, car tous les établissements n'ont pas les mêmes besoins.*

*Georges Liesch mentionne Nieder-korn, Differdange et le Fousbann. Un plan national ne pourrait pas tenir compte des différences. Certes, un plan national est nécessaire. Mais chaque campus doit pouvoir spécifier ses propres besoins. Toutes les localités ne sont pas pareilles.*

*Georges Liesch remercie une nouvelle fois tous ceux qui ont élaboré le PEP.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** estime qu'une bonne collaboration entre l'école et la maison relais est importante pour garantir un encadrement de qualité des enfants. Il rappelle que la commune compte cinq campus scolaires — Differdange, Fousbann et Lasauvage, Nieder-korn, Oberkorn et Woiwer — auxquels s'ajoute le campus Kannerbongert. La coopération est encore plus essentielle en temps de crise sanitaire, quand les informations peuvent évoluer d'un jour à l'autre.

Le document fixe le cadre d'un encadrement optimal. Les activités de vacances, les associations locales et l'école de musique doivent être intégrées.

L'école évolue en permanence. C'est pourquoi l'offre doit être adaptée aux besoins. Chaque enfant doit pouvoir s'épanouir et bien commencer sa vie.

Les détails figurent dans le dossier. François Meisch remercie les présidents d'école, les responsables des maisons relais, les enseignants, les éducateurs et les services qui ont contribué à réaliser ce plan. Il espère que le virus ne mettra pas à mal toutes les idées. Les démocrates approuveront le PEP.

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** salue la collaboration entre les écoles et les maisons relais au nom des chrétiens sociaux. Cette collaboration sur les campus garantit une bonne prise en charge des enfants. Les échanges sont importants puisque les enfants sont les mêmes.

*Jerry Hartung mentionne l'appui pédagogique, les activités socioéducatives, la LASEP, l'art à l'école...*

*Ces activités ont lieu au moment où les enfants se trouvent en maison relais. Les éducateurs peuvent aussi contribuer à rendre le passage de la maison relais à l'école plus fluide.*

*Jerry Hartung rappelle que de plus en plus de projets et de fêtes sont organisés ensemble par l'école et la maison relais. L'objectif est de rapprocher tous les partenaires: les enseignants, les éducateurs, les enfants, les parents. Il s'agit aussi d'utiliser l'espace de manière optimale et de garantir un passage fluide entre les deux institutions.*

*Le CSV approuvera le plan d'encadrement périscolaire.*

*(Vote)*

## **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé au point 2c, les changements d'affectation au cours de l'année scolaire 2020. Il s'agit des modifications réalisées au cours de l'année dans les écoles par rapport aux listes approuvées par le conseil communal.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe au règlement d'ordre interne de la nouvelle école Mathendahl, qui entrera en service en septembre. Le ROI fixe les règles de fonctionnement de cette école de quartier. Le ROI est bien présenté. Il a été validé par les services communaux et les maisons relais. Le document a été élaboré ensemble par la maison relais et l'école.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *confirme que la mise en page du document est agréable. Le document est clair, bien illustré, facile à lire... C'est une bonne chose.*

*En plus, il a été élaboré par les deux entités du campus, l'école et la maison relais. Les socialistes approuveront le ROI.*

charge vun de Kanner ze garantéieren. Schliisslech handelt et sech jo ëm déi selwecht Kanner. Dofir ass den Austausch an d'Zesummenaarbecht esou wichteg.

Hei sinn Aktivitéiten, wéi beispillsweis den Appui pédagogique, déi sozioedukativ Aktivitéiten, d'Lasep, d'Art à l'école an esou weider, vun der Schoul festgehalen, déi jo ausserhalb der Schoulzäit an deemno an där selwechter Zäit vun der Maison relais lafen. Ëmgedréit och, wou d'Educatricen an d'Educateuren aus der Maison relais an dem Precoce déi éischt Zäit méi laang kënnen bleiwen, fir den Iwwergang fir d'Kanner an d'Schoul méi roueg a fléissend ze gestalten. Wat jo och eng gutt Saach ass.

Ervirzesträichen ass, datt ëmmer méi gemeinsam Initiativen entaméiert ginn. Sou zum Beispill de Vëlosprojet, dee souwuel vun der Schoul wéi vun der Maison relais ëmgëtt gëtt. Datt gemeinsam Fester organiséiert ginn. Schliisslech geet et jo grad drëms, all d'Partner – d'Schoul, d'Maison relais, d'Kanner an d'Elteren – zesummenzebréngen, datt d'Raim optimal genotzt ginn fir béid Strukturen an, wat immens wichteg ass, datt d'Iwwergäng tëscht deenen zwou Institutionen kloer gereegelt sinn. Wat jo immens wichteg fir d'Sécherheet vun de Kanner ass.

D'CSV stëmmt de Plan d'encadrement périscolaire mat a seet och de Responsabele vun der Schoul an de Maison-relais Merci.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans d'encadrement périscolaire (PEP) 2021-2022.*

Villmools Merci. Da komme mer zum Punkt 2c). Dat ass éischter eng technesch Saach. Do geet et ëm d'Changes d'affectation au cours de l'année scolaire 2020. Dat sinn déi Change-

menter, déi am Laf vum Joer gemaach gi sinn an de Schoule par rapport zu deene Lëschtchen, déi mir a virege Conseile guttgehalen hunn.

Ech denken, mir kënnen direkt zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier les changements d'affectation au cours de l'année scolaire 2020-2021.*

Da si mer beim Punkt 2d). Do geet et ëm den ROI, de Règlement d'ordre interne vun där neier Mathendahl-Schoul. Et ass eng Quartier-Schoul, déi am September a Betrib soll geholl ginn a wäert geholl ginn. Si huet sech hiren eegene Règlement d'ordre interne ginn an opgesat. Si gi sech hir Reegelen, wéi si wäerte funktionéieren an Zesummenaarbecht mat Schüler, Enseignanten an Elteren. Wat ech ganz flott fannen. Et ass eng flott Presentatioun vum ROI.

Deen ROI ass och vun eise Leit an de Maisons relais validéiert ginn. Dir wësst, dass dee Projet zesummen ausgeschafft ginn ass, gëllt? Souwuel mat de Leit vun der Maison relais wéi vun der Schoul ausgeschafft ginn. Do hu mer wierklech eng nei Spuer opgemaach, wéi den Här Hobscheit gesot huet. A mir wäerten dann och an Zukunft op där Spuer bleiwen.

Här Hobscheit.

## **PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Just ganz kuerz. Dir hutt et scho gesot. Dat Dokument huet eng ganz flott Opmaachung. Effektiv, wann een esou eppes ausschafft an et mécht een dat e bësse mat Biller, e bësse lieserlech an e bësse flott opgemaach, fannen ech dat eng ganz flott Saach. Et ass wichteg, dass et esou een Dokument gëtt. Zemools wann en neie Campus entsteet. An dat gouf hei gemaach. An och wéi Der gesot hutt an Zesummenaarbecht tëscht béiden Entitéiten, Schoul a Maison relais. Duerfir ass dat hei absolutt begrëssenswäert. Mir stëmmen dat mat. Merci.

# 3. ROI des structures d'accueil

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Hei hu mer d'Reglement vum Fonctionnement vun eiser schéiner neier Schoul am Mathendahl virleien. Do kënne mer eis just de grouse Komplimenter uschlësse fir déi flott Ausaarbechtung. D'Messages, wéi d'Schoul fonctionéiert, si kuerz a bëndeg gehalen, schéin iwwerschaubar a grafesch regroupéiert. A virun allem sinn d'Messages positiv formuléiert. En zimmlech ausféierlecht a komplett Dokument.

D'Wärter baséieren op Responsabilitéit, Respekt an Toleranz. An dese Grondgedanken ass dat ganz Reglement opgesat. Wou sech d'Zesummenaarbecht, d'Kollegialitéit, d'Kommunikatioun an d'Wäertschätzung eraus-schienen.

Flott fanne mer och, datt déi ganz Schoul geleeëntlech zykeluwwergräifend Aktivitéit fir d'Kanner ubitt. Well nieft dem sozialen Aspekt vun Zesummeschaffen, léieren d'Kanner vill am Kontakt mat an duerch aner Kanner.

Ofschlëssend nach ee Punkt, wou ech positiv iwwerrascht gouf an awer sech eng Fro opdrängt, wéi ech de Punkt vum Schoulhoraire gelies hunn. D'Schoul Mathendahl fänkt an hält fënnf Minutten éischter op, fir datt d'Elteren Zäit hunn, fir vun enger Schoul bei déi aner ze kommen. Dat ass eng gutt Saach. An der Vergaangenheet gouf esou eppes och scho vun anere Schoulen op anere Sitte gefrot, fir den Elteren oder den Nunuen entgéintzekommen. Ech denken zum Beispill, wann ech elo just zu Nidderkuer bleiwen, un de Precoce beim Spidol. Mee dat ass bestëmmt och zu Uewerkuer, bei deenen zwee grouse Gebaier, wou sech déi Fro stellt. Hei wollt ech elo d'Fro stellen, ob dat hei eng Ausnam ass oder ob dat generell an der nächster Schoulorganisatioun mat de Schoule gekuckt gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, hei huet et sech erginn, well Der den Elteren de Wee musst loossen, wa se dat eent Kand an där enger Schoul hunn an dat anert an där anerer, fir d'Kanner net eleng do stoen ze loossen. An dass se och matzäit an d'Schoul kommen. Dat huet sech einfach aus der Praxis esou erginn.

Wéi et op anere Sitten ass, kann ech Iech elo net global äntweren. Dat wäerte mer da gesinn, wann deen nächste Site entsteet.

Merci, Här Hartung.

Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement d'ordre interne de l'école Mathendahl.*

---

Elo komme mer zum Punkt 3, engem wichtege Dokument, dem Règlement d'ordre interne vun all de Sitte fir 2021-2022. Ech soen awer ganz kloer, datt am Moment d'Bësch-Crèche, d'Maison relais, d'Bësch-Schoul an de Kornascht feelen. Am September wäerten déi an de Conseil kommen. Dee Moment géif dann och déi definitiv Organisatioun vun de Maison-relais an de Gemen-gerot komme mat den definitive Chifferen. Net dass mer elo erëm Chifferen hunn, déi mer dann am Hierscht erëm missten adaptéieren.

Wat ass wichteg an deem ROI? Dee gëtt d'Grondreegele vir fir alles wat Aschreiwung ass a ganz wichteg Saachen. En ass an enger neier Opmaachung. Mir hu probéiert, d'Infoen nach méi iwwersichtlech ze maachen. Mir hu probéiert se méi kuerz ze maachen, méi kompakt ze maachen. A virun allem, wéi Der gesitt, sinn déi wichteg Punkte ganz geziilt erausgehewen an deem ROI.

Et sinn d'Reglementer vun der Maison relais. Dat heescht, d'Verhale vun den Elteren, vun de Kanner a vum Personal. Et geet och ëm d'Admissiounskrittären an dass mer um Wee bleiwe vun der elektronescher Aschreiwung. Dat huet relativ gutt, wann net ganz gutt

**JERRY HARTUNG (CSV)** s'associe aux compliments concernant la présentation. Les messages sur le fonctionnement de l'école sont courts, clairs et bien regroupés. Ils sont formulés de façon positive. Bref, le document est complet et transparent.

Les valeurs mises en avant sont la responsabilité, le respect et la tolérance. Il est également question de collaboration, de collégialité, de communication et de valeurs. Les activités ne se limitent pas à certains cycles. C'est important, car les enfants apprennent beaucoup au contact des autres.

Jerry Hartung a été agréablement surpris par le fait que l'école du Mathendahl commence et se termine cinq minutes avant pour laisser le temps aux parents de déposer leurs enfants dans différentes écoles si nécessaire. Or d'autres campus seraient peut-être intéressés par un système similaire. Jerry Hartung mentionne le précoce de Niederkorn ou les deux établissements d'Oberkorn. Le Mathendahl est-il censé rester une exception?

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

répond que la décision du Mathendahl est la conséquence de ce qui arrive sur le terrain. Elle ne sait pas comment les autres campus comptent s'organiser.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au règlement d'ordre interne de tous les campus pour 2021-2022. Il manque le campus en forêt et le Kornascht. Leurs ROI seront présentés en septembre avec les chiffres définitifs de l'organisation des maisons relais.

Les ROI fixent les règles concernant les inscriptions par exemple. La nouvelle mise en page rend les informations plus claires. L'accent est mis sur les points les plus importants. Il y est notamment question du comportement des parents, des enfants et du personnel. Les critères d'admission y sont repris.

# 4. Cours de langues pour adultes

*L'inscription en ligne s'est bien passée. Dorénavant, toutes les inscriptions à la maison relais, au foyer vacances et aux vacances-loisirs se feront par voie électronique.*

*Le congé collectif est indiqué pour les trois prochaines années. Le document contient aussi toutes les adresses et les numéros importants. Il sera mis en ligne après la séance du conseil communal. Les parents seront informés par écrit.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** répète qu'il trouve la mise en page du ROI vraiment chouette et claire. Il salue le fait que les informations soient communiquées d'une manière aussi agréable. Il n'est pas nécessaire d'imprimer le ROI des milliers de fois puisqu'il peut être téléchargé. Les socialistes remercient tous ceux ayant contribué à son élaboration. (Vote)

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe au point 4, les cours de langues pour adultes.

*Cette année, 234 certificats ont été attribués. La remise des diplômes a été faite en présentiel. La commune s'est tenue à des règles strictes sous le régime du CovidCheck. La bourgmestre a promis aux diplômés de leur offrir trois verres l'année prochaine.*

*Differdange est active dans le domaine des cours du soir malgré les difficultés. Madame Brandenburger avait prévu de tenir une partie des cours en ligne. Cela s'est bien passé et l'expérience sera reconduite cette année.*

*Les cours de luxembourgeois sont prisés. La seule différence par rapport à l'année dernière sera que les cours pour obtenir la nationalité seront intégrés au cursus luxembourgeois normal, le programme étant le même. Christiane Brassel-Rausch souligne le fait qu'il est difficile de trouver des enseignants ayant l'agrément du ministère.*

geklappt elo an der Pandemie. Mir wäerten eis lues a lues opstellen, fir sämtlech Aschreiwunge fir d'Maison-relaisen an awer och fir d'Foyer-vacancen an d'Vacances loisirs online ze maachen. Doru si mer amgaang ze schaffen.

Ganz wichtig: Hei ass de Congé collectif dra fir déi nächst dräi Joer. Soudass d'Eltere sech och kënne riichten, wéini se eng Maison relais brauchen a wéini net. A wat och ganz wichtig ass, Adressen an Nummere vun de Kontakter, déi eventuell gebraucht ginn.

Den ROI kënnt och op eisen Internet-site no dësem Conseil. D'Leit kréien nach alleguerten ee Begleetbrëif geschéckt vum Contrat d'accueil. An deem Brëif fannen d'Leit de Link fir eise Site um Internet, fir den ROI ze fannen. An déi Leit, déi keen Zougang zum Internet hunn, kréien e sur demande natierlech och op Pabeier geschéckt.

Här Hobscheit.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Och hei, wëll ech just soen, och wann ech mech vläicht haut widderhuelen, datt ech dat do extreem flott opgemaach fannen. Ech fannen et extreem iwwersiichtlech. An ech sinn extreem frou, dass mer op de Wee ginn, fir eis déi Méi ze maachen, fir esou Informatiounen flott gebündelt de Leit zur Verfügung ze stellen.

Dat do ass elo näischt wat ee muss Dausend mol drécke loossen, fir ausdeelen. Dat do ass eppes, dat kann een online ganz einfach zur Verfügung stellen. An déi Leit, déi et gedréckt brauchen, kréien et gedréckt. Mee ech fannen dat do ganz flott gemaach. Ganz lieserlech. Ganz iwwersiichtlech. An duerfir wëll ech all deene Leit, déi un deem Dokument matgeschafft hunn, am Numm vun der LSAP ee grouse Merci ausschwätzen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement d'ordre interne des sites 2021-2022.*

Ech hunn haut ee kleng Monolog, gesinn ech. Am Punkt 4 geet et ëm d'Cours de langues pour adultes. Dat sinn eis Owescoursen.

Op der éischter Säit gesitt Der, dëst Joer sinn 234 Zertifikater erausgaangen. Dat si Leit, déi een Zertifikat fir d'Presenz an de Coursë kritt hunn. Mir hunn déi Zertifikater ausgedeelt an eng Remise de diplômes de certificats gemaach am Presentiel. Dat huet gutt geklappt, muss ech soen. Mir hunn eis strikt un d'Reegele gehalen. Covid-Check. D'Leit sinn a kleng Gruppen op d'Bün komm. Leider hu se kee Patt kritt. Mee ech hunn hinne versprochen, si géifen dann d'nächst Joer dräi Patt kréien. Well ech hat hinnen d'lescht Joer scho versprochen gehat, si géifen dëst Joer ee Patt kréien. Mir hatten d'Leit duerno heem geschéckt. Mee dat war awer wichtig am Sënn vun der Gesondheet vun all Mënsch.

Mir sinn eng ganz aktiv Gemeng, wat déi Owescoursen ubelaangt. Malgré tout gëtt et awer mol kleng Bemollen. D'Madame Brandenburger hat dat in weiser Voraussicht gutt geplangt. Si hat en Deel e-Learning gemaach a si hat en Deel Presentiel gemaach. Dat hat gutt geklappt. A si mécht dat och fir d'nächst Joer esou, well jo nach kee richteg weess, wéi et leeft.

Lëtzebuergesch ass am Bilan immens positiv opgefall. Doru wäert och näischt geännert ginn. Dat eenzelt, mir maachen d'Nationalitéitscoursen net méi extra. Déi ginn an déi normal Lëtzebuergesch Coursen integréiert. Et ass schwéier, Enseignanten ze fannen, well déi jo een Agrément vum Ministère müssen hunn. Et gëtt ëmmer méi schwéier, där ze fannen, well d'Zuel vun de Leit am Laf vun der Zäit ëmmer méi kleng gëtt. Et ass deen nammlechte Programm. Déi ginn an déi normal Sproochecoursen agebonnen.

Wat de Bilan vum Franséischen, vum Engleschen a vum Italieneschen ausgesäit, deen ass net esou gutt. Do wäerte mer reduzéieren. Dat, well Schüler aus-

# 4. Cours de langues pour adultes

bliwwe sinn am Laf vum Joer an et och schwierig ass, Ensegnanten ze fannen.

Am Italieneschen, zum Beispill, sinn an zwee Course sechs Leit respektiv véier Leit iwwreg bliwwen. A vu dass et schwéier ass, iwwerhaupt eng Demande nach ze kreéieren, wäerte mer déi 2021/2022 net maachen.

Englesch och. Do wäert just en éischte Cours stattfannen an der Hoffnung, dass mer déi Debutante kënne mat an dat zweet Joer huelen.

Wéi gesot, et si vill Zuelen. Dir hutt se alleguerten an Ärem Dossier. Wat fir Iech vläicht vu Belaang ass, dass mir elo festgeschriwwen hunn, dass zéng Leit sech mussen an ee Cours ageschriwwen hunn an awer och bezuelt hunn, fir dass de Cours organiséiert gëtt. D'Präisser sinn nach ëmmer ganz sozial. Dat ka kee Grond sinn, firwat d'Leit net drun deelhuelen, well mer leie wäit ënner dem Duerchschnitt vun deem, wat de Ministère freet.

Mir maachen een Opruff un déi Leit, déi eis héieren: Déi, déi en Agrément vum Ministère hunn, mellt Iech fir Coursen ze halen.

Madamm Wohl.

---

## NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Virop soen ech der Madamm Brandenburger villmools Merci fir dee komplett verständlechen Dossier, dee se preparéiert huet.

Wéi ech awer d'Lëscht vun de Course gesinn hunn, war ech enttäuscht. Et huet mer u Villfalt gefeelt. Ech wunne säit 1989 hei an der Gemeng. Ech hunn déi Broschür ëmmer mat vill Interêt gelies. Schued, dass keen Italienesch, Portugisesch a Spuenesch ugebuede gëtt, fir mol gängeg Sproochen ze erwähnen. Am Institut National des Langues gehéieren déi Sproochen nach ëmmer zu deenen néng, déi ugebuede ginn. Och am LGE an op der Uni.lu si se weiderhin am Programm. Hei géife mer awer eng aner Populatioun usprechen.

Flott wier et, wa mer géifen dru schafen, fir d'Sproochenugebuet nees unzekuerbelen, statt et ze reduzéieren an dat als selbstverständlech unzegesinn. Et si

jo Leit, déi eng Sprooch opfrësche wëllen. Schued, dass a kenger Sprooch Konversatiounscoursen ugebuede ginn, wou een zu engem Thema kéint Stellung huelen a wou een iwwert de schouleschen Aspekt eraus kéim an den Austausch fërdere kéint.

Ech hat gelies: « Presque plus de demandes » fir d'Italienesch. Wa kee Cours ausgeschriwwen gëtt, kann och kee sech méi umellen.

2018/2019 hat ech mech selwer an en Italienesch-Cours hei an der Gemeng ageschriwwen. An et gouf eng grouss Liste d'attente. Ech stelle mer d'Fro, wisou déi Demanden op eemol net méi existéieren. Ech hu keng Äntwert drop. Warscheinlech funktionéiert e Cours besser, wa méi Niveauen ugebuede ginn. An zur gläicher Zäit. Déi eng schwätzen dervun, déi aner kréie Loscht, déi eng fuere weider, déi aner réckelen no.

Eng nei Sprooch léieren, brauch Zäit an Ausdauer. Déi Ausdauer ass eis duerno och an aneren Domäne profitabel. Dat solle mer net ënnerschätzen. Eng nei Sprooch erlaabt eis ze reesen, ze entdecken, aner Kulture kennenzeléieren a se ze appreciéieren. Hannergrënn vu Geschicht, Kultur a Politik kennenzeléieren. Eng nei Sprooch a seng intellektuell Beräicher. Eng nei Sprooch ass eng Beräicherung um perséinleche Plang, zum Beispill a punkto Selbstvertrauen. Mir drécken eis och verschidden aus, jee nodeem wéi eng Sprooch mer grad schwätzen. Eng nei Sprooch ze léieren, mécht eis méi reaktiv, hëlleft eis eis besser ze konzentréieren, hëlleft d'Demenz an der Gesellschaft ze reduzéieren.

D'Offer u Coursen, déi d'Leit aus perséinlechem Interêt wielen oder wiele kënnen, ass dës Kéier moer. Mir ginn och aus perséinlechem Interêt an de Kino oder an den Theater. An da si mer frou, wa mer de Choix hunn. D'Echangen tëscht de Leit an engem Sproochecours si wichteg. D'Integratioun mécht sech net nëmmen am Sport um Fussballterrain. Dofir mengen ech, dass et wichteg wär, dat nach eng Kéier ze consideréiere fir déi Joren duerno.

De Presentiel soll, menger Meenung no, Virrang hunn. Och wann den Online selbstverständlech aner Virdeeler kann

*Le bilan pour le français, l'anglais et l'italien est plus mauvais. Il y a peu d'étudiants et peu d'enseignants. Seules quatre et six personnes ont fréquenté les cours d'italien. En 2021-2022, ils seront supprimés, la demande étant trop faible. Pour ce qui est de l'anglais, la commune n'organisera qu'un cours pour débutants en espérant que certains poursuivront leurs études l'année prochaine.*

*Tous les chiffres se trouvent dans le dossier. Parmi les nouveautés figure le fait que dorénavant, seuls les cours avec dix étudiants au minimum seront organisés. Les prix sont sociaux. Ils ne sont donc pas la raison pour laquelle les gens ne s'inscrivent pas.*

*Pour ce qui est du manque d'enseignants, Christiane Brassel-Rausch lance un appel à ceux ayant l'agrément du ministère.*

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** remercie madame Brandenburger pour le dossier qu'elle a préparé. Toutefois, elle est déçue de la liste des cours. Elle habite à Differdange depuis 1989 et regrette qu'il n'y ait plus de cours d'italien, de portugais et d'espagnol. Ces langues figurent pourtant au programme de l'Institut national des langues, du LGE et d'uni.lu.

*Pour Nicole Wohl, il faut promouvoir les cours au lieu de réduire l'offre. Car il y a sans doute des gens qui veulent rafraîchir leurs connaissances. Elle trouve dommage que la commune ne propose pas de cours de conversation.*

*De toute façon, si la commune ne propose pas de cours d'italien par exemple, personne ne peut s'inscrire. Nicole Wohl s'était inscrite à un tel cours en 2018-2019. La liste d'attente était longue. Elle ne comprend pas pourquoi il n'y aurait plus de demandes aujourd'hui.*

*Pour se lancer dans l'apprentissage d'une langue, il faut de l'endurance. Mais elle permet de voyager, d'apprendre à connaître des cultures... Elle nous rend plus réactifs, améliore la concentration et permet de réduire les cas de démence.*

*Nicole Wohl répète que cette année, l'offre communale est maigre. Or les gens choisissent une langue en fonction de leurs intérêts et*

# 4. Cours de langues pour adultes

*veulent avoir du choix. Sans oublier que l'intégration ne se fait pas seulement sur un terrain de foot, mais aussi à travers la langue.*

*La plupart des cours doivent être tenus en présentiel, même si les cours en ligne peuvent avoir des avantages.*

*Les écologistes comprennent que le luxembourgeois et le français sont les cours les plus importants. Ils approuveront donc le programme. De toute façon, madame Brandenburger, malgré son expérience, ne peut rien faire s'il manque des enseignants. À quoi sert-il d'avoir des conditions qui ne permettent plus aux communes de trouver des titulaires? Il serait temps de prendre des mesures sans pour autant baisser la qualité. Les cours de langue font partie de l'intégration et de la culture.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** constate que les cours de langues rencontrent un vif succès. Elle rappelle qu'ils sont aussi fréquentés par des non-résidents et même des personnes de l'étranger travaillant à Differdange.

*Les inscriptions pour 2021-2022 se font en ligne comme l'année dernière. Un jour après l'ouverture des inscriptions, trois cours de luxembourgeois étaient déjà pleins.*

*Les cours en ligne sont maintenus. Les cours en présentiel auront lieu dans le nouveau bâtiment de l'EIDE. Si les écoles devaient fermer à nouveau, ils seraient tenus en ligne.*

*Les enseignants doivent disposer d'un agrément du ministère. Il devient de plus en plus difficile d'en trouver. Or la demande est forte — surtout pour le luxembourgeois et le français. Les gens sont motivés à apprendre le luxembourgeois, car c'est une langue importante dans la vie de tous les jours. Elle permet aux étrangers de communiquer avec les Luxembourgeois.*

*Le français est utile pour le travail. L'apprentissage de l'anglais est davantage un passe-temps même si la langue gagne en importance grâce à l'EIDE.*

*Christiane Saeul remercie madame Brandenburger pour son engagement — tant dans le volet adminis-*

*trationnel que dans le volet pédagogique. A besonnesch an dëser Situatioun, denken ech, dass dat ganz gutt organiséiert ginn ass.*

Als déi gréng si mer natierlech d'accord, dass Lëtzebuergesch a Franséisch déi wichtegst Course sinn um professionellen a soziokulturellen Plang. Mir stëmmen dëse Punkt. Vu dass d'Onlinecoursé jo live sinn, hunn ech mer just gesot, dass vläicht verschidde Leit, déi an der Restauratioun schaffen, wierklech Loscht hunn, d'Sprooch besser kennenzeléieren — eis Sprooch léieren, d'Franséisch amelioréieren —, fir duerch vläicht eng aner Plaz ze sichen.

Schlussendlech ass et awer esou, dass d'Madamm Brandenburger, trotz hirer laanger Erfahrung, kee Cours kann organiséieren, fir deen d'Enseignante feelen. Wat hu mer dovun wann d'Konditiounen fir d'Erlabnis ze kréien, Sproochecoursen ze halen, esou sinn, dass mer keng Enseignante méi hunn oder keng Sproochecoursé méi hunn an der Gemeng oder an anere Gemengen? Et misst jo méiglech sinn, um nationale Plang, Ännerungen ze proposéieren, vläicht och haaptsächlech fir Konversationscoursen oder Allgemeng, ouni elo dofir d'Qualitéit erofzesetzen. Sproochecoursé verbannen ech perséinlech mat Integratioun a mat Kultur. Méi wéi mat Schoul. Ech soen Iech Merci.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul.

## **CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, zu eise Sproochecoursé fir Erwuessener fir d'Joer 2021-2022. Wéi schonn an de vergaangene Joren, fannen dës Sproochecoursé fir Erwuessener hei an der Gemeng eng grouss Resonanz bei eise Leit. Net nëmmen. Et sinn och Awunner aus anere Gemengen, déi sech aschreiwen an d'Clienten aus den Nopeschlänner, déi zu Déifferdang schaffen.

Fir dëst neit Schouljoer 2021/2022 ass d'Aschreiwung erëm wéi d'lescht Joer online iwwert de Site vun der Gemeng.

Dës huet Succès. Well den Dag no deems de Site opgoung, ware schonn dräi Lëtzebuergesch Coursen ausgebucht.

Vu dass d'Onlinecoursen d'lescht Joer en immense Succès haten, ginn déi dëst Joer bäibehalen. D'Coursen am Presentiel Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch ginn am neie Gebai vun der EIDE gehalten. Wann natierlech d'Schoulen erëm zoumaachen, mussen och dës Coursen online gehale ginn.

Fir dës Coursen ofzehalen, gëtt en Agrément ministériel gefrot. Vu Joer zu Joer gëtt et ëmmer méi schwierig, Enseignante mat Agrément ze fannen, well d'Demande méi grouss ass, wéi Enseignanten disponibel sinn. Haaptsächlech am Lëtzebuergesch an am Franséischen. Hei zu Déifferdang.

D'Motivatioun mécht beim Lëtzeburger Cours den Job. Dee Cours ass wichteg fir d'alldeeglecht Liewen, zum Beispill an engem Veräin, an der Politik a fir Mammen a Pappen am Schoulhaff. Dass eis auslännesch Matbierger och d'Méiglechkeet hunn, zesummen ze kommunizéieren mat de Lëtzeburger.

Fir d'Franséisch ass et haaptsächlech de Beruff. A beim Englesche waren et méi Hobbyfrënn. Duerch d'international Schoul, d'EIDE, wäert dëst awer erëm méi opkommen.

Ech wéilt dovunner profitéieren, fir der Madamm Brigitte Brandenburger Merci ze soe fir hiren Asaz bei der Aarbecht, ob dat fir den administrative Volet ass oder fir d'Coursen, déi si hält. Net ze vergiessen: Merci den Enseignanten, déi Coursen halen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Da ginn ech d'Wuert un den Här Tempels an duerno un Iech, Här Hobscheit. Här Tempels.

## **GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech ginn elo net méi weider an den Detail. Dir hutt ganz gutt virgedroen, wéi d'lescht Joer

# 4. Cours de langues pour adultes

ofgelaf ass a wat d'nächst Joer um Plang steet.

Mir haten d'leschte Kéier an eiser Fraktioun driwwer rieds, ob et net vläicht sënnavoll wär, verschidden aner Sproochcoursen unzibidden. Natierlech misst ee kucken, dass genuch Leit nofroen, fir ee Cours unzibidden. Zum Beispill Italienesch oder Spuenesch, wat och elo grad hei am Sall gesot ginn ass.

Leider hu mer e bësse Problemer, fir Proffen ze fannen. Dat gött warscheinlech net esou einfach, well dat relativ restriktiv ass, wat ee muss kënnen. Trotzdem soe mir der Madamm Brandenburger an hirer Ekipp villmools Merci fir hiert Engagement.

Natierlech stëmmt d'CSV dat mat Jo. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Hobscheit.

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Keng Suerg. Ech hunn Zäit. Mir sinn nach e bëssen hei. Ech wëll jidderengem Merci soen, deen un dësem Dokument matgeschafft huet. Der Madamm Brandenburger an all den Enseignanten.

Ech hunn e puer Froen a Remarken. Fir d'éischt wëll ech mech der Madamm Wohl hirer Enttäuschung e bëssen uschléissen. Ech fannen och, dass d'Offer méi grouss kéint sinn. D'Fro stellt sech, ob keng Demande vun de Leit do ass, well mir d'Coursen net ubidden. Ass wierklech keng Demande do? Ech weess et net. Doriwwer misst ee sech vläicht eng Kéier e puer Gedanke maachen. Well ech fannen et och schued, dass kee Portugisesch, keen Italienesch a kee Spuenesch ugebuede gött.

D'lëtzebuergesch Course sinn natierlech ganz wichteg. Mir hunn elo decidéiert, keng lëtzebuergesch Course méi unzibidden reng fir d'Nationalitéit. Ech kann déi Decisioun duerchaus novollzéien. Déi Decisioun bréngt awer a mengen Aen och gewësse Risike mat sech. Well et muss ee wëssen, dass déi Leit, déi sech fir d'Nationalitéit an

d'Coursen aschreiwen, ee gewësse Quota u Presenzen erreeche mussen. A wa se duerno net méi kommen, komme se net méi. Ech weess aus Erfahrung um Terrain, well meng Fra an der Erwuesenebildung genau an deem do Beräich geschafft huet, dass dat geschitt. Dass op eemol, wann d'Leit hire Quota erreecht hunn, se einfach net méi an de Cours kommen. Wat iergendwou verständlech ass. Awer och erëm bedauerlech ass.

Duerfir hoffen ech, dass mer elo net de Problem kréien, dass déi Leit, déi just fir d'Nationalitéit de Cours wëlle maachen, sech an eis normal Coursen aschreiwen a vläicht dann anere Leit entre Guillemets d'Plaz ewechhuelen an herno, wa se hire Quota u Presenzen erreecht hunn, einfach net méi kommen. Dat wär schued. Dat ass vläicht ee kleng Risiko, deen ech bei där Approche do gesinn. Quitte, dass ech déi Approche awer natierlech, wann ee keng Enseignante fënnt, duerchaus novollzéie kann.

Ech hunn eng Fro. Am Text geet vill rieds vun E-Learning. Ech hunn nach eng Kéier duerchgelies, wat d'Definitioun vun E-Learning ass. E-Learning heescht, dass ee sech zu all Moment ka bei de Computer setzen an e Cours maachen. Ech hunn et jo awer richtig verstanen, dass mer esou eppes net ubidden. Wa mer hei vun E-Learning schwätzen, schwätze mer vu Coursen, déi iwwer Webex stattfannen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Dat heescht, wou e Grupp sech zäitgläich fir eng Videokonferenz trëfft.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

*tratif que dans celui des cours. Elle remercie aussi les enseignants.*

---

**GUY TEMPELS (CSV)** ne va pas rentrer dans les détails, car ils ont déjà été donnés. L'année dernière, la fraction du CSV s'était demandée s'il ne fallait pas proposer d'autres langues. Mais il faut tenir compte de la demande. Tout à l'heure, il a été question de l'italien et de l'espagnol.

Malheureusement, la commune n'arrive pas à trouver des enseignants. Les conditions sont restrictives. Guy Tempels remercie malgré tout madame Brandenburger et son équipe.

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** remercie tous ceux qui ont élaboré le document, madame Brandenburger et les enseignants.

Comme madame Wohl, Pierre Hobscheit se dit déçu du fait que l'offre soit si limitée. La question est de savoir si le manque d'intérêt n'est pas causé par l'absence des cours. Le conseiller regrette l'absence de cours de portugais, d'italien et d'espagnol.

Les cours luxembourgeois sont importants, mais la commune ne propose plus de cours spécifique pour l'obtention de la nationalité. Or les personnes qui s'inscrivent aux cours pour la nationalité doivent atteindre un quota. Une fois celui-ci atteint, elles n'ont plus besoin de suivre de cours. Pierre Hobscheit connaît la situation parce que sa femme travaille dans ce domaine. Il craint qu'une partie des personnes s'inscrivant désormais aux cours normaux ne viennent plus une fois le quota atteint. Car alors, ils enlèveraient la place à quelqu'un d'autre. D'un autre côté, Pierre Hobscheit comprend la position de la commune, qui a du mal à trouver des enseignants.

Le texte parle souvent d'e-learning. Or, selon la définition du terme, cela signifie que l'étudiant peut suivre un cours sur son ordinateur quand bon lui semble. Mais ce n'est pas ce que propose la commune.

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** confirme les propos de monsieur Hobscheit.

## 5. Compte de l'office social

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** suppose qu'un groupe d'étudiants suit les cours par vidéoconférence.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** répond que oui.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** pense que le terme utilisé dans le document n'est pas approprié.

*Il constate par ailleurs que les gens doivent disposer du matériel informatique adéquat. Mais tout le monde n'a pas cette possibilité. La commune a-t-elle essayé d'aider les personnes sans ordinateur?*

*Sait-on pourquoi la Ville de Differdange ne trouve pas d'enseignants? La commune est-elle compétitive d'un point de vue financier? A-t-elle demandé conseil à d'autres communes?*

*Les socialistes approuveront l'organisation.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** posera toutes ces questions à madame Brandenburger.

*Elle signale qu'une université populaire a ouvert à Belval. Son objectif est triple: améliorer et multiplier les opportunités d'apprentissage, identifier et développer des domaines de formation supplémentaires, et mobiliser et informer les citoyens.*

*Madame Brandenburger a envoyé une lettre au ministère pour demander comment la Ville de Differdange pourrait faire partie de cette université en 2022-2023. Les cours proposés y sont variés: coudre, faire de la pâtisserie...*

*Christiane Brassel-Rausch ne connaît pas encore les conditions pour tenir des cours à Differdange. La question de la place va aussi se poser. Mais elle reviendra sur cette université populaire. Elle propose aussi d'en discuter avec les autres communes de la vallée de la Chiers. (Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe aux comptes 2019 de l'office social.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** annonce que les comptes de l'office social ont été contrôlés par le ministère de l'Intérieur, qui les a approuvés. Cela démontre le professionnalisme du personnel de l'office so-

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Dat war just eng Verständnisfro. Ech hu mer geduecht, dass dat vläicht ee Begrëff wär, deen net ganz propper am Dokument benotzt géif ginn.

Am Dokument steet och – an dat gesinn ech e bëssen als Problem –, dass et normal ass, dass d'Leit sech elo net konnte fir d'presentiell Course versammelen an dass einfach virausgesat gëtt, dass dat informatesch Material muss do sinn, wann d'Leit wëllen deelhuelen. Och do weess ech aus Erfahrung, dass oft Leit an de Course setzen, déi d'Méiglechkeet net onbedéngt hunn, fir sech e Computer ze kafen. Déi kee Computer hunn. Duerfir meng Fro: Hu mer an iergendenger Form, wa Leit ee gréissere Problem hätten, probéiert, déi Leit ze ënnerstëtzen? War dat net méiglech? Dat ass just eng Fro, déi ech hunn.

De Punkt vun den Enseignante gouf e puermol ugeschwat. Wësse mer, firwat mer keng Enseignanten hunn? Wéi ass et zum Beispill mat der Bezuelung? Si mer do par rapport zu anere Gemenge kompetitiv? Ech stellen dës Fro, well ech net weess, wat mir bezuelen a wat aner Gemenge bezuelen. Si mer do och am Austausch mat anere Gemengen, fir ze wëssen, wat een do ka maachen, fir vläicht méi Leit ze fannen, déi eis déi Course kéinten halen?

Dat waren déi puer Remarken, déi ech wollt maachen. Mir stëmmen dat selbstverständlech mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Dir kritt d'Äntwerten, soubal wéi d'Madamm Brandenburger eis se gëtt.

An dësem Kontext ass vläicht ganz wichteg ze erwänen, dass et méttlerweil eng Université populaire um Belval gëtt. Dat ass fir d'Erwuessenebildung vill méi grouss a vill méi vast ze maachen.

Ech liesen Iech just dräi Saache vir – ech kann awer eng Kéier méi am Detail op déi Université populaire agoen: « La mise en place de l'université populaire à Belval se joue sur trois niveaux ».

Éischtens: « Améliorer et multiplier les opportunités d'apprentissage ». Zweetens: « Identifier et développer des domaines de formation supplémentaires ». An drëtzens: « Mobiliser et informer les citoyens ».

Also Belval ass net wäit vun eis ewech. Ech weess awer och schonn, dass d'Madamm Brandenburger e Bréif un de Ministère geschéckt huet mat all deene Froen: Brauch een en Agrément? Wat brauch een, fir 2022/2023 en Deel vun dëser Université populaire ze ginn? Do kënne ganz verschiddentlech Coursen ugebuede ginn. Do ka bitzen ugebuede ginn. Do ka baken ugebuede ginn. Ech weess net. Wéi gesot d'Madamm Brandenburger huet d'Ufro schonn un de Ministère gemaach. An dann eebe musse mer och kucken, wat d'Konditiounen sinn, fir dass déi Coursen zu Déifferdeng kënne stattfannen.

Deelweis musse mer, mengen ech, raimlechkeetsbedéngt op Belval auswäichen. Mee ech ginn Iech gär eng Kéier eng méi ausgiebig Erklärung iwwert déi Université populaire, déi am Kader vun der Erwuessenebildung vum Ministère lancéiert ginn ass. A mir kënnen och am Kordall eng Kéier uschwätzen, wéi déi verschidde Gemenge sech dozou verhole wëllen.

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation pour l'année scolaire 2021-2022 des cours de langues pour adultes.*

Villmools Merci. Fir de Punkt 5, d'Konte vun 2019 vum Office social, géif ech d'Wuert un den Här Mangen weiderginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass een administrative Schrëtt, dee mer hei musse maachen. D'Konte vum Office social vun 2019 si vum Ministère de l'Intérieur kontrolléiert a fir guttgeheesch ginn. Dëst beweist

# 6a. Convention avec Valorlux

d'Professionalitéit mat deem d'ganzt Personal vum Office social schafft.

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir hinne Merci ze soe fir hiren alldeeglechen Asaz. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Madamm Saeul.

---

## **CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, zum Bilan 2019 vun de Konten et Pertes et Profits vun eisem Office social schreift de Ministère de l'Intérieur, wéi den Här Mangen scho gesot huet, no Kontroll vum Exercice 2019: « Ne donne pas lieu à observation ». Alles okay a keng Remarken. D'DP schléisst sech dësem positiven Avis un.

Mir soen och deem ganze Staff vum Office social a sengem Conseil d'administration Merci, fir déi gutt Aarbecht an hiren Asaz. Ech soe Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Hobscheit.

---

## **PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):**

Ee Saz: Ech schléisse mech dem Merci un. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Wohl.

---

## **NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech schléisse mech och un. Et ass ganz kloer, dass se wierklech gutt geschafft hunn nodeems den 9. Juni den Inneministère de Bilan an d'Konten approuvéiert huet an et den 21. Juni am Office social unanimement guttgeheescht ginn ass.

Déi gréng stëmmen haut mat Jo.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zur Ofstëmmung.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les bilan et compte de profits et pertes 2019.*

---

Den nächste Punkt ass de 6a). Si mer do? Jo. Do geet et iwwert d'Zesummenaarbecht vun der Gemeng Déifferdeng mat der Valorlux. Heifir géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

---

## **SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et geet hei ëm eng Konventioun mat der Valorlux. Valorlux kennt Der alleguerten. Dat sinn déi blo Tuten an deene reegelméisseg eng ganz Rei Stoffer agesammelt ginn, déi mer u sech ëmmer als Plastik designéieren. Et geet awer doriwwer eraus: Et ass Plastik, et si metalle Këschten, et si Kartonge vu Gedrénks...

Zënter 2019 ass Déifferdeng an engem Pilotprojet vun der Valorlux, wou et ëm eng erweidert Kollekt geet, wou zousätzlech zu deene basesche Stoffer, déi mer kennen, nach Folien an Tuten, plastiks Schuelen a Jugurtdëppercher agesammelt ginn. An där Konventioun, déi Der virleien hutt, geet et ëm déi erweidert Kollekt. Fir eis Bierger ännert sech direkt näischt, well mir zënter 2019 schonn un deem Pilotprojet deelhuelen.

Wat awer ganz flott ass, ass, dass mer aktiv un där Konventioun matgeschafft hunn. Virun allem duerch d'GEDECO. Dat ass d'Gestion des déchets par les communes, wou mer konnten Ännerungen an der Konventioun mat afléisse loosse. Virun allem, wat de Retraçage ugeet. Dat, well mer ëmmer erëm Problemer hu vu Müll, deen iergendwou erausgehait gëtt a wou da keen dofir verantwortlech ass. Esou ass et och mat dësen Tuten. Déi Tute kënnen retracéiert ginn duerch eng Identifikationsnummer. An et ass dann och elo an der Kon-

cial. Robert Mangen le remercie pour son engagement.

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** répète qu'il s'agit des comptes de l'office social de 2019. Ces comptes ne donnent pas lieu à observation d'après le ministère de l'Intérieur. Les démo-crates sont du même avis. Christiane Saeul remercie l'équipe et le conseil d'administration de l'office social.

---

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP)** s'associe aux remerciements.

---

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** estime qu'il est évident que l'office social a bien travaillé. Les comptes ont été approuvés par le ministère de l'Intérieur le 9 juin et par l'office social le 21 juin. Les écologistes approuveront le bilan.

(Vote)

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** passe à la collaboration de la Ville de Differdange avec Valorlux.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** suppose que tout le monde connaît Valorlux. Ils s'occupent des sacs poubelles bleus pour le plastique, mais aussi pour les boîtes en métal, les cartons pour boissons...

Depuis 2019, la Ville de Differdange fait partie d'un projet pilote visant à collecter aussi les sacs en plastique, les films alimentaires et les pots de yaourt. La convention d'aujourd'hui porte sur ces éléments. Mais comme Differdange fait partie du projet pilote, rien ne change pour ses habitants.

La Ville de Differdange a contribué à la réalisation de la convention à travers GEDECO. La question du traçage était importante afin d'éviter que les ordures ne soient jetées n'importe où sans qu'il y ait de personnes responsables. Les sacs poubelles auront désormais un numéro d'identification. Valorlux a six mois pour mettre en place un système de retraçage pour les sacs commandés sur internet. L'objectif est d'éviter que les gens ne jettent les sacs Valorlux dans la forêt par exemple.

## 6a. Convention avec Valorlux

*Pour Laura Pregno, le service de Valorlux est important pour les citoyens.*

*Cependant, en tant qu'écologiste, elle souligne qu'en promouvant le système, la commune promeut le recyclage, mais elle encourage aussi la consommation de plastique. C'est pourquoi elle tient à lancer un appel: il faut essayer de réduire la consommation de plastique et d'emballages et de sortir les sacs poubelles Valorlux une fois par mois au lieu de toutes les semaines par exemple.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale qu'il n'y a pas que les écologistes à soutenir le recyclage. Entretemps, tous les partis en font la promotion.*

*La convention avec Valorlux concerne la collecte du plastique, du métal et des cartons de boissons. Parmi les nouveautés figure le fait que les citoyens peuvent également jeter des gobelets et les barquettes en plastique, les films, les sacs plastiques... Il faudra informer les gens de manière adéquate pour qu'ils sachent ce qui peut être jeté dans les sacs ou pas. Car effectuer un triage à la main lorsqu'il y a des erreurs coute de l'argent. Guy Altmeisch demande aux citoyens d'effectuer le tri de façon sérieuse. Les socialistes soutiennent cette convention promouvant le recyclage.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *va se montrer plus critique. Il se dit content que madame Pregno ait abordé le problème. Bien entendu, tous les partis politiques soutiennent le recyclage. Dans les années 1990, quand le Ronnebiërg a fermé, le Luxembourg s'est demandé ce qu'il allait faire de ses déchets. C'est là qu'est née l'idée du système Valorlux, dont une nouvelle formule sera votée aujourd'hui.*

ventioun festgehalten, dass déi Tute musse retracéiert ginn.

Et ass festgehalten, dass d'Valorlux an deenen nächste sechs Méint Zäit huet, fir ee System opzebauen, fir déi Tuten ze retracéieren, déi net aus dem Gemenhaus erausginn, mee déi ee kann iwwer Internet bestellen oder och zum Beispill op Tankstelle kréien. Well do hu mir jo selwer keen Afloss drop, fir dee Retraçage ze maachen. Wat awer immens wichtig ass, well soss fanne mer amplaz Pamperse Valorluxtuten am Bësch. An dat hu mer awer déi lescht Joren immens gutt an de Grëff kritt.

Somme toute eng immens gutt Initiativ. Et ass een Déngscht, dee wierklech immens wichtig ass fir de Bierger.

Ech fannen awer – an ech mengen do kënnt dann dee grénge Politiker vläicht e bësse méi eraus –, dass dat ëmmer e bëssen eng zweeschneideg Initiativ ass, well, jo, mir recycléiere Plastik, mee mir encouragéieren d'Leit awer och vläicht duerch déi Valorluxtute méi Plastik ze konsumméieren, well mer dat moralesch jo fräischalten. Ech maachen dofir vläicht einfach den Appell, dass et zwar wichtig ass an och richtig ass, de Plastik ze recycléieren an ze kollektéieren, een awer soll ëmmer erëm probéieren, säi Plastikskonsum oder dee ganze Verpackungsmüll einfach e bëssen ze reduzéieren, dass een net grad vläicht all zwou Wochen dräi Valorluxtuten huet, mee vläicht just eemol de Mount eng hallef Valorluxtut virun d'Dier setzt. Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ufänken, andeem ech erwänen, dass net nëmmen dee grénge Politiker fir de Recyclage ass. Et gëtt haut keng Politik méi ouni Recyclage. Egal wéi eng Faarf se huet.

Dat gesot, mir hunn eng nei Konventioun mat der Firma Valorlux am Kader vun der Collecte vu PMC – also vu Plastik, Metall a Kartröng vu Gedrénks – virleien. Dësen neie Kontrakt erméiglecht et, eise Matbierger neierdëngs Plastiksdëppen, Becheren a Barquetten aus Plastik, Plastikstuten a Plastikfolie vum Emballage niewent deene bekannte Verpackungen Dank der Valorluxtut ze recycléieren.

Eng gutt Saach, déi dem Bierger duerch kloer Informatiounen matgedeelt muss ginn. Mir sinn der Meenung, dass dës wichteg Informatiounen periodesch widerholl musse ginn, wou d'Leit an d'Bild gesat ginn, wat an déi Tut gehéiert a wat net an déi Tut gehéiert. Mir gesinn am neie Kontrakt, dee mer ënnerschreien, dass dat vill Geld kascht, wann deen Triage muss mat der Hand gemaach ginn, wa Saachen an deenen Tute leien, déi net dra gehéieren. Dofir en Opruff un eis Bierger, dass se dat solle seriö maachen. An dass dat och zu hirem Wuel ass.

D'LSAP Déifferdeng steet ganz kloer hanner dëser fortschrittlicher neier Konventioun, déi de Recyclage fuerdert an ënnerstëtzt. Mir wäerten deem zoustëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt och eng kritesch Stellungnam an deem Sënn ginn. Ech sinn ëmsou méi frou, dass d'Madamm Pregno elo ganz kloer dat ugeschwat huet, wat ech als grénge Vertrieeder dann hei och wollt soen. Natierlech sinn all d'Parteien heibannen dofir, fir och ganz an déi Richtung ze goen.

An den 90er Joren – 1996 war zoufällg och d'Zäit, wou de Ronnebiërg zougemaach ginn ass – hat eist Land sech Gedanke gemaach: Wouhi mam Müll? Do sinn déi Iddie Valorlux an esou virun op den Dësch komm, ausgeduecht ginn an och zu enger gewësser

## 6a. Convention avec Valorlux

Räifung mat där neier Formel, iwwert déi mer haut ofstëmmen, komm.

U sech ass dat eng ganz gutt Saach. Just huet d'Valorlux vu vir eran net op een Deel reagéiert. Dat ass d'Vermeidung vum Plastikmüll. Et war éischter en Entsuegungskonzept am Sënn vun engem méiglechst gudde Recyclage, eng gutt Verwäertung, nei Stoffer schafen, Parkbänken... An deen allerleschte Rescht, wéi och an der Press steet, als Heizenergie ze verwäerten. Dat ass d'Zil vun engem Recyclage. Awer leider kënnt de Message ni eraus: Mer musse mol fir d'éischt kucken, de Verpackungsmüll sou wäit wéi méiglech reduzéiert ze kréien a Mehrwegflaschen oder Mehrwegverpackungen a méi Kartroug oder aner Materialie verwenden amplaz dee berühmte Plastik.

Ass d'Zil erreecht elo no 25 Joer? Vlächzt zum Deel an eisem Land duerch eeben d'Valorlux-Aktiounen, déi mer och weider wëllen ënnerstëtzen. Mee an der Tëschenzäit ass awer de Verpackungsmüll a virun allem de Verpackungsplastik explodéiert an eise Gesellschaften. An déi Gesellschaften, och iwwer d'Valorlux eraus, sinn zu enger Wegwerfgesellschaft ginn. D'Resultat: Milliounen Tonne Plastik an de Weltmierer, op de Stränn, an de Bierglandschaften, déi verbrannt ginn, déi sténken, déi gëfteg Gase maachen, an de Bäch vum de Fësch, vum de Walen, vum de Mieresvullen an och bei eis an der Natur. Och eis Landwirtschaft ka schwätze vu Pänz voll vu Plastikstuten a soss Saachen, déi einfach an der Natur leien.

De Mikroplastik am Kierper vum Mënsch kann nach lues a lues ënnersicht ginn, wivill mer an eisem Liewen ophuele vun ëmmer méi klengen Partikelen, déi sech jo an der Natur no 100 oder 200 Joer zersetzen an an d'Ernierungskette och vum Mënsch kommen. Do bleift nach immens vill ze maachen.

Dorunner ass elo d'Prinzip Valorlux net Schold, mee et feelt mir dee Message vun der Valorlux an och vun der Press, déi sech mat der Valorlux intensiv beschäftegt huet. Wann ech Saache liesen, wéi: „Praktische und kostenlose Lösung für weniger Abfall und mehr Umweltschutz“ ass dat nëmmen eng camoufléiert Geschicht. Macht

roueg Plastikmüll, also Verpackungsmüll. Mir bekëmmere eis drëm. D'Gesellschaft Valorlux, d'Gemengen, mir bekëmmere eis drëm, dass doraus mat engem super Tri an deenen neien Anlagen erëm eppes Neits geschitt. Dat ass een Deel vun der Saach. Awer de Leit gëtt domadder vermëttelt: Ech brauch mer keng Gedanke méi driwwer ze maachen. An d'Strategie misst sech an deem Sënn och vill méi an der Ëffentlechkeet weisen.

Weider geet et mam staarke Bluff, wa gesot gëtt: „Kostenlose Lösung“. D'Leit mengen, déi Entsuegung wier da kostenlos. Déi kostenlose Lösung gëtt et net. D'Valorlux seet iwwer säin Direkter, datt 75 % vun de Käschte vun der Firma gedroe ginn, déi de Verpackungsmüll maachen. Stëmmt awer net. De kleng Konsument bezilt op all Fläsch Plastik, déi e mat heem hëlt, de System Valorlux. De Konsument bezilt an net déi grouss Firma, déi just hir Suen dru verdéngt an d'Käschte vun der Entsuegung op de Bierger ofleet. Et ass einfach falsch, wann och eis Press doriwwer schreift, wéi wann dat gratis wier. Mir müssen de Leit soen, datt dat Sue kascht. Kuckt, dass der anescht lues a lues reagéiert.

Ech mengen, dat gëllt och fir den Enseignement, fir d'Kanner, déi mer an de Schoulen hunn. Dat misst ee Bestanddeel si vun der Bewosstsinnmaachung vun eiser ganzer Gesellschaft.

Dat dozou. Déi kritesch Remarque sollen einfach derzou bäidroen, dass mer bei all Guddem, wat Valorlux eis bréngt, trotzdeem kritesch bleiwen. Valorlux ass am Lëtzebuerger Offall-Gesamtkonzept de Moment jo och net ewechzeddenken.

Déi Ausdeenung op déi PMC-Fraktiounen huet eis Gemeng als Pilotprojet matgemaach. Als eenzeg grouss Gemeng. Da kann ech och elo nach meng Granzegkeet zu där Method ausdrécken, déi d'Valorlux un den Dag geluecht huet, dass Déifferdeng als grouss Gemeng, als eenzeg an der Press an um Radio op eemol tituléiert ginn ass, wéi wa mir eng vun deene Gemenge wäeren am Land, déi nach net déi nei Formel vum Valorluxsystem ënnerschiwwen hätten. Wat eng glat Desinformatioun ass.

*Le système est appréciable, mais Valorlux n'a pas tenu compte d'un élément. Le système a pour objectif de réaliser un recyclage aussi efficace que possible. Les restes sont utilisés pour produire de la chaleur. Malheureusement, on oublie de dire qu'il faut réduire les emballages et recourir à des bouteilles et emballages réutilisables, à du carton et à d'autres matériaux.*

*Alors certes, Valorlux a bien fonctionné pendant 25 ans, mais entre-temps les déchets en plastique ont explosé. Des milliers de tonnes de plastique se retrouvent dans les mers, sur les plages et sur les montagnes et dans le ventre des poissons, des baleines et des oiseaux marins.*

*Les animaux de l'agriculture sont aussi pleins de plastique. Les effets des particules de plastique finissant dans la chaîne alimentaire des hommes ne sont pas encore entièrement connus.*

*Le système Valorlux n'est pas en faute, mais le message concernant la réduction des déchets est complètement absent. Dire que Valorlux est un système pratique et gratuit protégeant l'environnement ne fait que camoufler la réalité. C'est comme dire: « Jetez tous les emballages que vous voulez. Nous nous en occupons. » On fait croire aux gens qu'ils n'ont pas besoin de faire attention.*

*En plus, dire que la solution est gratuite est du bluff. Le directeur de Valorlux estime que 75 % des frais sont à la charge des entreprises produisant les déchets en plastique. Mais le petit consommateur finance aussi Valorlux quand il achète des bouteilles en plastique, car les entreprises répercutent leurs frais sur le prix. Il faut informer les gens, y compris dans les écoles.*

*Même si Valorlux apporte de nombreux avantages et est devenu indispensable, il faut rester critiques. La Ville de Differdange a participé au projet pilote visant à étendre le type de produits collectés par Valorlux. C'est pourquoi Frenz Schwachtgen regrette que la presse et la radio aient annoncé que Differdange est une des seules communes du pays à ne pas avoir approuvé le nouveau système Valorlux. Differdange, Esch, Dudelange*

# 6a. Convention avec Valorlux

*et Luxembourg-ville ont tenu à analyser la convention, ce qui a généré un petit retard.*

*Frenz Schwachtgen tient à remercier le service écologique pour sa ténacité. La Ville de Differdange a tenu à ce que le système de retraçage introduit à Differdange ne soit pas remis en question. Finalement, Valorlux s'est engagé à assurer le retraçage de ses sacs au cours des six prochains mois — probablement à travers un code-barre.*

*Les écologistes sont disposés à appuyer la nouvelle convention avec quelques bémols. Il faut sensibiliser les gens à la question de la réduction des déchets et aux dangers du plastique pour les hommes et l'environnement.*

*Frenz Schwachtgen se joint à l'appel de madame Pregno: il faut essayer d'éviter les emballages jetables.*

---

**ALI RUCKERT (KPL)** *va s'abstenir lors du vote. Cette convention donne un mauvais signal à la population. Le message est que les gens n'ont pas besoin de faire des efforts, car Valorlux s'occupe de tout. C'est inacceptable.*

*Nous vivons dans une société dans laquelle le profit est plus important que tout. Si les entreprises peuvent économiser un centime en utilisant du plastique au lieu du verre, elles n'hésiteront pas. Pendant ce temps, les hommes politiques font semblant de rien, car ils ne veulent pas intervenir dans le domaine économique et la production. Or c'est là que les décisions sont prises. Pour les communistes, il faut agir en ce qui concerne la production à travers des lois concernant les emballages. Autrement, on ne maîtrisera jamais le problème.*

---

**GUY TEMPELS (CSV)** *explique que le projet pilote auquel Differdange participe depuis 2019 va s'étendre aux autres communes. Il était important de s'assurer que le retraçage est possible à travers un code-barre ou un numéro pour éviter les abus.*

*La commune collecte 600 t de déchets tous les ans.*

Déifferdeng, niest Esch, Diddeleng an der Stad Lëtzebuerg haten déi Konventioun méi genee änner d'Lupp geholl an e puer Mängel festgestallt. Doduerch ass eng kleng Verzögerung komm an der Ënnerschrëft vun deenen dräi oder véier gréisste Gemengen am Land, well nach doriwwer verhandelt ginn ass.

Ech wëll eisem Service écologique Merci soe fir hir Hartnäckegkeet an deem Dossier. Wéi d'Madamm Pregno jo scho gesot huet, huet et sech essentiellement bei eis drëm gedréit, dass de Retraçage vun de Plastikstuten, déi mir agefouert hunn hei an der Gemeng a Fro gestallt géif ginn. Wa jiddwereen Tuten däerf ronderëm verdeelen, wësse mer jo net méi, wou eis Tuten higin. Doropshin ass déi Konventioun geännert ginn. Valorlux huet sech elo verpflichtet, bannent deenen nächste sechs Méint e Retraçage vun den Tuten ze maachen, déi anerwäerts verdeelt gi wéi op de Gemengen. Et leeft héchstwahrscheinlech op e Code-Barre aus, deen dann op déi Persoun oder op déi Gemeinschaft stëmmt, déi d'Tuten ofhuelen.

Mir als déi gréng kënne mat där neier Konventioun d'accord sinn. Mat deene kritesche Bemierkungen, dass mer effektiv wëllen derhannert bleiwen, andeem mer déi Aktiounen fir Offallvermeidung an d'Gefor vum Plastik fir eis Ëmwelt wierklech ännersträichen. Ech schlësse mech der Madamm Pregno hirem Appell un: Vermeit, wannecheglift, onnéideg Einwegverpackungen. Well nëmmen esou, an net wéi hei an der Zeitung steet, maache mer méi Ëmweltschutz. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Ruckert.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech als Vertrieeder vun der KPL bei där Konventioun enthalen. Ech wäert net derfir stëmmen. Firwat? An den Ae vun eiser Partei gi mer heimat deelweis ee falsche Message un d'Leit. De Message besteet dran ze soen: Huel esou vill wéi méiglech Verpackungen. Mir

këmmen eis drëm. Déi gi recycléiert. Dir braucht keng Ustrengungen ze maachen, fir Müll ze vermeiden. Dat ass dat, wat schliisslech hei derbäi erauskënnt. An dat ass ee Message, dee mir net kënne verrieden.

Wat derhanner stécht: Wann een an enger Gesellschaft leeft, wou alles, awer wierklech alles, dem Profit ënnergeuerdent ass, ass et kloer, wann déi grouss Konzernner och nëmmen ee Centime méi Profit kënne maachen, doduerch dass se Eeweverpakunge maachen amplaz zum Beispill Glas ze huelen, dass se dann op dee Wee ginn. An déi ganz Politik mécht, wéi wann näischt geschitt wär a wéi wa se sech kéint d'Hänn an Onschold wäuschen, well se net wëllen agräifen an d'Ekonomie, well se net wëllen agräifen an d'Produktioun. Well do geet et schlussendlech un. Do ginn d'Decisiounen geholl, op wat fir ee Wee d'Verpakungen hiergestallt ginn a wat domadder geschitt.

Eis Meenung als Kommunisten ass, dass ee grad an d'Produktioun muss agräifen, an dass een deenen och muss kënne virschreiwen – och duerch ee Gesetz, wat fir Matière se sollen däerfen huelen, fir Verpackungen ze maachen. Well wéi dat elo hei weidergeet, esou kréie mer dee Problem ni an de Grëff.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Tempels.

---

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären, nodeems d'Gemeng Déifferdeng schonns um Pilotprojet vun 2019 vun der Valorlux deelgeholl huet, gëtt dat elo op all d'Gemengen ausgebreet. Et däerfen elo méi Saachen an dee bloe Sak kommen. Et war wichteg, datt eis Gemengeresponsabel drop gehalen hunn, datt d'Reckverfolgung bäibehale gëtt, sief et iwwer ee Barcode oder iwwer eng Nummer. Well nämlech festgestallt gouf, dass dat den Abus ferm erofgeschrauft huet.

Ongeféier 600 Tonne ginn all Joer an eiser Gemeng agesammelt. Trotzdeem

# 6a. Convention avec Valorlux

sollte mer all d'Hiewelen a Beweegung setzen, fir sou vill wéi méiglech Offall a Verpackungen ze vermeiden.

Ech hätt mir fir mäin Deel méi ee staarkt Signal am neien Offallgesetz vun eisem Ëmweltministère gewënscht, well ech nach ëmmer der Meenung sinn, dass de Pfandsystem, deen an eisen Nopeschlänner an iwwerall existéiert, de Problem vum Dreck an der Natur weesentlech verbessert hätt.

Natierlech stëmmt d'CSV Déifferdeng des Konventioun mat Jo. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Madamm Saeul.

---

## **CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, zum Theema Valorluxtuten an der neier Konventioun mat Valorlux ass et schonn tipptopp, dass d'Gemeng Déifferdeng säit 2019 um Pilotprojet deelhëlt an elo déi erweidert Kollekt vun der Valorlux. Wann dës Pilotprojet den 1. Juli 2021 am ganze Land agesat gëtt, ännert sech näischt fir eis Bierger.

Ech wëlt net méi an d'Detailer, wat fir Stoffer an des Tut kommen, agoen. Meng Virriedner hunn dat ganz gutt explizéiert. Mir kënnen eis do ganz gutt uschlëssen. Natierlech kënne mir och verschidde Remarque vum Här Schwachtgen unhuelen, dass dat e weëneg vläicht méi no kontrolléiert soll ginn.

D'Konventioun gouf op Nofro vun der GEDECO um Artikel 6.6 ëmgeännert. Da kënne mer och ganz gutt unhuelen, wat d'Madamm Pregno eis genau erkläert huet. Mir si ganz der Meenung, dass d'Valorlux sech mat engem positiven Effort drëm këmmere soll, dass d'Tute retraçabel sinn, sief et duerch Numm oder Code-Barre.

D'Iddi vun der bloer Tut ass ufanks den 90er-Joren declenchéiert ginn, wéi de Chef vun der Ëmweltverwaltung dee Moment nach Ministère de l'Environnement an der Schwäiz des Tuten opgefall sinn duerch hir Utilitéit. Mëtt den 90er-Joren – et war elo 1996 gesot ginn

– ass dat Ganzt bei eis un d'Rulle komm. Voilà pour la petite histoire.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

---

## **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Bertinelli.

---

## **FRED BERTINELLI (LSAP):**

Elo vläicht d'Richtegstellung. Hei war elo ganz vill Ideologie dran. Ech fannen dat jo och gutt, wann eis gréng Kollegen dat esou verdeedegen. Mee wann een déi Geschicht richtig kennt, ass dat do eng Decisioun, déi vu Bréissel komm ass.

Virdrun huet dat jo net ganz vill Leit interesséiert. Déi sinn einfach ewechgehëit a verbrannt ginn. Do war de Schock net esou héich. Mee ganz am Ufank kann ech mech nach un déi Hysterie erënneren, déi an de Gemenge war, wou eis gréng Kollegen absolutt dergéint waren, datt d'Valorlux iwwerall an de Gemenge soll Fouss faassen. Wou och verschidde Saache berechtegt waren. Mee wann een déi zwou Saache matenee verglach huet, war dat mat Valorlux awer dee bessere Wee.

Éischtens konnte mer kontrolléieren, wivill Müll iwwerhaupt fabrizéiert gëtt, wat de Plastik ugeet. Da muss ee jo och soen, datt duerch de Recyclage, deen do gemaach gëtt, net nëmmen de Plastik an deenen Tuten nach eng Kéier verbraucht gëtt, mee datt do och ee ganze Koup Materialien hiergestallt gi mat deene Materialien, déi recycléiert ginn an och frësch gemaach ginn.

Ech muss och soen, datt ech, wat d'Valorlux ubelaangt, dee ganze Wee e bësse matverfollegt hunn. Verschidde Saache waren och extreem positiv mat deenen Tuten, déi se erausbruecht hunn. Si waren och ee grouse Matkämpfer, datt déi Plastikstuten an de Supermarchéen an iwwerall e bësse verschwonne sinn. Et muss een awer soen, datt dat fir mech ee grouse Fortschrëtt war, wat d'Vermeidung vum Müll ugeet. Datt en net ganz vermidde ka ginn, ass jo och normal. Do misst een da kucke mat de Fabrikanten, déi déi Saachen och hierstellen. Well do ass de Consommateur,

*Il faut tout faire pour réduire les déchets et les emballages. Guy Tempels aurait voulu que le ministère de l'Environnement lance un signal plus fort, car le système de consigne semble bien fonctionner dans les pays voisins.*

*Le CSV approuvera cette convention.*

---

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *salut le fait que Differdange participe au projet pilote depuis 2019. Pour les Differdangeois, rien ne va changer le 1<sup>er</sup> juillet 2019, quand le système sera étendu à tout le pays.*

*Christiane Saeul ne veut pas revenir sur les détails. Elle soutient aussi certaines remarques faites par monsieur Schwachtgen.*

*La GEDECO a demandé que l'article 6.6 de la convention soit amendé. Madame Pregno a fourni les explications. Les démocrates sont d'avis que les sacs poubelles doivent être retraçables.*

*L'idée des sacs poubelles bleus est née dans les années 1990.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *tient à rectifier certains points, car certains ont fait de l'idéologie. Il comprend la position des écologistes, mais il rappelle que la décision venait de Bruxelles. Avant, personne ne s'intéressait aux déchets, qui étaient tout simplement incinérés. Fred Bertinelli se souvient de l'hystérie qui a vu le jour quand les écologistes étaient absolument contraires au système Valorlux. Certains arguments étaient valables. Mais Valorlux était la meilleure solution malgré tout.*

*Le système a permis de voir combien de déchets en plastique sont produits. En plus, le plastique est non seulement recyclé, mais il permet aussi de réaliser d'autres matériaux.*

*Pour Fred Bertinelli, les sacs-poubelle Valorlux offrent de nombreux avantages et constituent un véritable progrès en matière de réduction des déchets. Il est évident que l'on ne peut pas supprimer complètement les déchets en plastique. Il faudrait intervenir auprès des fabricants, car en fin de compte, les frais sont répercutés sur le consommateur.*

## 6b. Contrats de bail

*Valorlux n'a pas généré plus de déchets. Avant, les déchets étaient brûlés sans que cela ne gêne personne. Valorlux constitue la meilleure solution. Certes, il faut recycler le plus possible et éviter de produire des déchets lorsque ce sera possible. Mais en attendant, il faut reconnaître que Valorlux constitue un véritable progrès.*

*Fred Bertinelli répète que la décision a été prise à Bruxelles. C'est à ce moment-là que l'on a commencé à recycler le plastique.*

*Bref, Fred Bertinelli tient à replacer cette histoire dans son contexte.*

*(Vote)*

### **CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*passé à un avenant du contrat avec le CIGL concernant une surface de 1136,60 m<sup>2</sup> au 1535°. Le contrat actuel est valable jusqu'au 1<sup>er</sup> août. Il est prolongé jusqu'au 31 décembre 2021.*

*La Ville de Differdange est en train de mettre en place une nouvelle convention avec le CIGL. Le collègue échevinal reviendra sur ce point en automne. Aujourd'hui, il n'est question que d'un avenant portant jusqu'à décembre.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe à un local de 23 m<sup>2</sup> dans le bâtiment A du 1535° loué à madame Isabelle Mattern d'Esch. Elle est graphiste. Les conditions sont celles habituelles.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch informe le conseil communal que madame Françoise Lei a résilié son contrat. Elle occupait un espace du 1535° depuis 2017.*

deen déi à la base, wann en ee Produit keeft, bezilt mat sengem Obolus. Do hunn d'Gemenge jo och am Ufank vill Geld kritt fir déi Tuten an de Recyclage. Et muss een awer och schonn e bësse kucken, datt een dat an deen Eck stellt, wou et och higehéiert.

Ech mengen net, datt d'Valorlux Müll gemaach huet. Dat ass an der Zäit einfach nëmme verbrannt ginn. An dat huet och net ganz vill Leit interesséiert, wéi dat esou war.

Mat Valorlux si mer elo op deem besere Wee. An dat ass nach net de Schluss vum Denken. Dat ass jo och richtig, well mir sollten ëmmer weidermaachen, fir de Maximum ze maachen, fir ze recycléieren a wann et eng Kéier méiglech ass, dee ganze Müll ze vermeiden. Mee et muss een awer soen, datt et ee grouse Fortschritt war, wou d'Valorlux komm ass par rapport zu deem, wat et virdru war. Well virdru sinn déi Saachen alleguerten nëmme verbrannt ginn an dat hat kee Mënsch weider interesséiert. Ausser wou d'Valorlux dann ugefaangen hat, déi Saachen anzesammelen.

Nach eng Kéier: Déi Decisioun koum vu Bréissel, déi d'Fabrikante vun alleguerten deene Verpackungen opgefuerdert hunn, en Obolus ze froen. Do ass dat just en marche gaangen, datt déi Saache recycléiert gi sinn an e puermol benotzt gi sinn. Wat virun deem och net de Fall war. Dofir soll een dat an dee richtige Kontext stellen an net ganz esou vill Ideologie domadder maachen. Merci.

### **BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Da komme mer elo zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver la nouvelle convention de collaboration avec Valorlux dans le cadre de la collecte sélective des PMC.*

Villmools Merci. De Punkt 6b). Op dem CIGL säi Kontrakt vun enger

Fläch vun 1.136,60 m<sup>2</sup> am 1535°, maache mer een Avenant vum 1. August op den 31. Dezember 2021. Den aktuelle Kontrakt leeft am August aus, deen esou bis den Dezember verlängert gëtt.

Firwat maache mer dat? Mer sinn amgaangen, eng nei Konventioun mam CIGL auszeschaffen, wou de Locationskontrakt direkt matiwwerschaft gëtt. A mir géifen Iech dat gären zesummen am Hierscht proposéieren, well et zesummen am Januar soll ulafen. Dat heescht, par rapport zu de Locatairen, gi si dann och ugepasst. An d'Konventioun an de Kontrakt wollte mer Iech zesumme ginn, fir dass dat zesummen am Januar kéint ulafen. Dofir hu mer den Avenant elo vun August bis Dezember gemaach.

Da komme mer zur Ofstëmmung. Ech soen Iech villmools Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail au 1535° Creative Hub avec le CIGL.*

Villmools Merci. Da si mer nach eng Kéier beim 1535°. Do geet et ëm ee Lokal, dat verlount gëtt. E Lokal vu ganz genau 23 m<sup>2</sup> am Bâtiment A géif un d'Madamm Mattern Isabelle vun Esch goen. Si mécht Grafikdesign. Zu den übleche Konditiounen, déi wéi ëmmer am Kontrakt festgehal sinn.

Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un espace de création au 1535° Creative Hub avec Isabelle Mattern.*

Dann hu mer nach ee Punkt, deen éischter eng Informatioun ass, wou Der gesitt, dass d'Madamm Françoise Lei gekënnegt huet am 1535°. Een Espace, dee se zënter 2017 huet, géif si fir den 30. September fräistellen.

# 7a. Mérite scolaire

Da komme mer zu de Subsiden. Am Punkt 7a) geet et ëm d'Subsiden an d'Mérite-scolairen. Bis elo hunn d'Eltere fir Kanner am Secondaire Sue kritt fir d'Bicher. Déi Bicher brauche se jo net méi ze bezuelen. Do hu mer geduecht, mir géifen dee Subsid an e Mérite scolaire ëmwandelen. En gros, wann Der kuckt, gi mer deem nämmelechste Budget aus. En ass just aneschtters verdeelt. An e léisst sech am Fong leeden duerch d'Reussite.

Wann een eng Zensur ofgëtt an en huet d'Joer gepackt – iwwregens ass dee Merite scolaire vun der Finanzkommission iwwerkuckt ginn an och adaptéiert gi vun anere Kommissiounen –, da géifen eis Kanner vu 7<sup>e</sup> bis 4<sup>e</sup> oder équivalent – also alleguer d'Kanner, déi ënner 25 Joer sinn – 400 Euro kréien. Dat ass d'Prime par année scolaire réussie. Vun 3<sup>e</sup> bis 1<sup>re</sup> géife se 600 Euro kréien. Een, deem op enger Première oder enger Bacalareatsklass ass, a wéi engem Regimm och ëmmer, géif zousätzlech fir den Diplom 350 Euro kréien. Dat heescht, all Kand kritt vu 7<sup>e</sup> bis 1<sup>re</sup> 1.350 Euro am Laf vun de Joren.

Da gi mer an den Enseignement supérieur. Do kréie se par semestre 2 Mol 200 Euro, dat si 400 Euro. D'Konditioun ass den CEDIES. Si kréie fir e BTS oder Bachelor zousätzlech 500 Euro. Fir een Diplom Master zousätzlech 600 Euro. Wa se e BTS maachen, hätte se am Ganzen 1.300 Euro an hirer Schoulkarriär kritt. Fir e Bachelor hätte se 1.700 Euro an hirer Schoulkarriär kritt. A fir ee Master hätte se 3.100 an hirer Schoulkarriär kritt.

Wéi gesot, et ass ëmmer am Sënn, dass d'Leeschtung am Fong soll honoréiert ginn an ech hoffen, e bëssen d'Leit unzereegen, ze schaffen an der Schoul.

Här De Sousa.

---

## PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir léif Leit aus dem Schaffen- a Gemengerot, wéi Der richteg gesot hutt, mir haten dat an der Finanzkommission. Den Här Hobscheit an den Här Meisch waren derbäi, wéi mer déi éischt Propos vum Schoulservice kritt hunn, wou nach d'Schoulpflicht ee Poids hat. Dat hu mir net gutt fonnt, well een,

deen e Parcours sans faute mécht, soll genau d'selwecht belount gi wéi een, deem e bësse méi laang am Lycée ass. Mir begreifen déi gutt Zesummenaarbecht, déi de Schoulservice mat de Propose vun der Finanzkommission gemaach huet. A mam Här Felten, deem eis Proposition matgehall hat.

Wéi Der richteg gesot hutt, d'Schoulbicher si gratis ginn. Dowéinst gouf et kee Grond méi, fir ee Subsid ze ginn. Dann ass e Mérite scolaire ubruecht.

Ech hunn et e bësse verglach mat den Nopeschgemengen. Do si mir mam Merite scolaire gutt derbäi. Ech enseignéieren zu Péiteng. Do hu mer ganz vill Péitenger Schüler. Aner Gemenge ginn esou wäit, datt se soen, datt se op d'Mention kucken. Ech fannen dat net gutt, well et jo verschidde Studie gëtt, wou guer keng Mention dropsheet, wou keng Moyenne ass. Um Technicien kënnt guer näischt eraus. Wéi soll een dat da berechnen?

Hei an deem Fall wousste vill Schüler mol net, datt se eppes fir d'Bicher kréichen. Déi wëssen dat net. A wat ech d'lescht Joer bei mengem Meedche matkritt hunn, d'Escher Gemeng hat den Direktiounen e Mail geschéckt: „Hei schéckt dat Äre Schüler“. Mir waren net dovunner betraff gewiescht, well mer net zu Esch wunnen. Awer dat ass vläicht ee Wee, fir d'Schüler ze erreechen. Einfach d'Direktiounen ee Mail erausschécken: „D'Déifferdenger Gemeng gëtt fir hir Kanner eng Hëllef, ee Mérite scolaire“. Ech mengen dat ass deem eenzege Wee, well déi Mail dann un d'Klasse geet. Esou kann een d'Schüler erreechen.

Mir begreifen dat hei. Ech fannen et super eigentlech. Villmools Merci.

---

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Hobscheit.

---

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, den Här De Sousa huet et gesot, mir haten eng länger Diskussioun iwwer deem éischte Projet, dee mer virgeluecht kritt hunn

*Le bourgmestre passe aux subsides et au mérite scolaire. Jusqu'à présent, les enfants du secondaire touchaient un subside pour acheter les livres scolaires. Mais entretemps, les livres sont devenus gratuits. C'est pourquoi le subside est transformé en mérite scolaire. Le budget reste le même, mais la répartition est différente. Le mérite scolaire a été discuté et adapté par les commissions concernées.*

*Un élève de la 7<sup>e</sup> à la 4<sup>e</sup> de moins de 25 ans et réussissant son année a droit à 400 €. De la 3<sup>e</sup> à la 1<sup>re</sup>, la prime passe à 600 €. Les enfants passant le bac ont droit à 350 € supplémentaires. En tout, chaque enfant recevra donc 1350 €.*

*Pour ce qui est de l'enseignement supérieur, les étudiants ont droit à 2 fois 200 € par semestre. Pour un BTS ou un bachelor, la commune ajoute 500 € et pour un master 600 €. En tout, cela représente 1300 € pour un BTS, 1700 € pour un bachelor et 3100 € pour un master.*

*La commune tient à honorer les performances.*

---

## PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)

*confirme que ce dossier a été discuté au sein de la commission des finances. Le service scolaire a fait une première proposition, mais la commission était d'avis que tous les élèves réussissant leurs études ont droit à un subside même si certains ont besoin de plus de temps. Paulo De Sousa salue la bonne coopération entre le service scolaire, la commission des finances et monsieur Felten.*

*Les livres scolaires sont devenus gratuits. C'est pourquoi il convient de remplacer les subsides par le mérite scolaire. Certaines communes tiennent compte de la mention, mais ce n'est pas une bonne idée, car certains cursus ne prévoient pas de mentions.*

*Parfois, les élèves ne savent pas qu'ils ont droit à des aides. La Ville d'Esch, par exemple, a transmis les informations à travers les directions. Differdange pourrait en prendre exemple pour atteindre un maximum d'enfants.*

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *confirme que la commission des finances a*

*longuement discuté du premier projet ayant été présenté, car les gens auraient touché moins qu'avant. Le projet a rapidement été adapté à la suite des remarques de la commission. Pierre Hobscheit remercie le collège échevinal. Les socialistes sont satisfaits du nouveau système.*

*Le mérite scolaire est destiné à ceux suivant un apprentissage. Dans la même logique, ne pourrait-on pas aussi soutenir ceux qui suivent une formation professionnelle au lieu de se limiter au secondaire et aux études supérieures? Car quelqu'un souhaitant devenir artisan prend aussi ses responsabilités. Les brevets de maîtrise sont reconnus aussi dans la fonction publique tout comme une première. C'est pourquoi le collège échevinal ferait bien de réfléchir à la question.*

*Pierre Hobscheit se dit content du fait que le collège échevinal ait réagi rapidement aux remarques de la commission des finances. Le LSAP approuvera le mérite scolaire.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** rappelle que le subsidie destiné aux élèves n'est pas nouveau. Il était temps de l'adapter.

*Avant, l'aide était destinée aux parents. Mais comme le ministère prend désormais les livres scolaires à sa charge, cette aide n'avait plus de sens. Jerry Hartung remercie le service scolaire et la commission des finances pour leur travail.*

*Le subsidie a été remplacé par un mérite scolaire. Désormais, les élèves toucheront une prime chaque fois qu'ils réussiront une année. Le montant dépend du niveau d'études. Lors de l'obtention d'un diplôme, un mérite plus important est prévu.*

*Le budget n'évolue pas, mais la répartition est différente. Les chrétiens sociaux approuveront ce nouveau modèle.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** propose d'ajouter le brevet de maîtrise dans la liste de primes. Le vote porte donc sur le document amendé.

(Vote)

an der Finanzkommissioun. Do war mer ënner anerem opgefall, dass mat deem, wat dee Moment virgesi war ënner dem Stréch d'Leit manner erauskritt hätte wéi virdrun.

Nodeems d'Kommissioun déi Remark gemaach hat, muss ech soen, gouf dat direkt adaptéiert, direkt ugepasst. Soudass elo kee méi eppes verléiert. Duerfir ee Merci un de Schäfferot, dass deem direkt Rechnung gedroe gouf. Mir als LSAP kënnen mat deem System, deen elo virgesinn ass, liewen. Dass mer effektiv d'Leit uspornen, hiren Ofschloss ze maachen.

Ech hu mer elo just eng Fro gestallt, wéi ech nach eng Kéier derduerch gaange sinn: Mir ginn de Leit jo och eppes, wa se een Apprentissage maachen. Kéint een net an där Logik och iergendwann op de Wee goen, dass ee seet, wien eng Léier ofgeschloss huet an duerno nach ee Meeschterbréif zum Beispill mécht, géif och eppes kréien? Änlech wéi deen, deen nom Secondaire ee Bachelor oder ee Master mécht.

Et ass just ee Gedanken, wou ee sech vläicht awer eng Kéier kéint d'Fro stellen. Well een, deen ee Meeschterbréif am Handwerk mécht, beweist jo, dass e bereet ass, Verantwortung ze iwwerhuelen. Et muss ee jo och wëssen, dass de Meeschterbréif méttlerweil och an der Fonction publique unerkannt gëtt wéi eng Première. Et wier awer och vläicht eng Iwwerleeung wäert, ob een do net kéint nach ee Schrëtt méi wäit goen an och de Brevet de maîtrise an dat Dokument integréiere kéint an och duerfir géif eng Primm bezuelen.

Alles an allem ass dat hei ee gudder Wee. Ech si frou, dass de Schäfferot séier de Bemerkunge vun der Finanzkommissioun Rechnung gedroen huet. Mir droen dat hei mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Mir wäerten Äre Virschlag mathuelen. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reglement fir d'Subside fir d'Schüler an d'Studenten ass schonn zimmlech al. Haut hu mer endlech eng iwwerschafften ugepasste Versioun virleien. Virduwor et éischter eng Hëllef fir d'Elteren, fir dat deiert Schoulmaterial fir hir Kanner ze kafen. Doduerch, datt de Ministère richtegerweis zënter e puer Joer mat de Bicher ee Groussdeel vun deesen Onkäschten iwwerholl huet, louch et no dëst endlech nei ze verpakken. Ee grouse Merci un eise Schoulservice, un d'Finanzkommissioun an un alle Bedeelegte fir hir Aarbecht.

D'Iddi ass, wéi et aner Gemenge schonn hunn, am Moment aus dësem Subsidie ee Merite fir d'Schüler an d'Studenten ze maachen. Laang ass heiru geschafft ginn. Hei läit elo ee gudder Wee vir, wou ee fir all gepacktent Joer konstant eppes kritt, well de Schüler hei u sech och schonn e Merite zegutt huet. Well och wann e keen Diplom an deem Joer kritt, huet hien awer d'Joer erfollegräich ofgeschloss. Dës Montante si gestaffelt, wéi mer héieren hunn, jee no Héicht vun de Studien. Deemno méi héich déi besichte Schoule sinn, wat de Schüler oder de Student an der Reegel da méi al an d'Besoin méi grouss sinn. A fir den Ofschloss vun engem Diplom ass dann, passend zur grousser Feier, een zousätzlech grouse Merite virgesinn.

D'Montante bleiwen u sech d'selwecht wéi virdrun, eebe just e bëssen aneschtters opgedeelt. Mir stëmmen dësen neie Modell mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, géif ech einfach dem Gemengerot virschloen, dass mer dat elei votéieren an de Brevet de maîtrise direkt bäisetze bei d'Prime pour diplome fin d'études secondaires classique général technique CCP DATP DT an dann de Brevet de maîtrise derbäisetzen.

Dat heescht: Mir wielen et elo mat der Modifikatioun an de Brevet de maîtrise ass dann direkt mat dran.

# 7b. Règlements temporaires de circulation

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement portant sur les modalités d'attribution d'un subside et d'un mérite scolaire.*

Da wiere mer beim Punkt 7b) schonn, bei de Règlements temporaires de circulation. An ech ginn d'Wuert un d'Madamm Pregno.

## SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmoos Merci. Wéi üblech fannt Der am Dossier déi drénglech Verkéiersreglementer. Mir hunn erëm eng ganz Rei Verkéiersreglementer fir Bennen, Fassaden, Steeën oder Haiserrenovatiounen. Et sinn och Stroossenaarbechten dobäi. Verschiddener, déi eis jo scho méi laang begleeden, am Quartier Woiwer, an der Liberté. An der Rue des Écoles e Raccordement fir de Gas. Zulescht ass d'Kiermes zu Nidderkuer – déi hate mer scho kuerz, am leschte Gemengerot – dann och elo dobäi. Do ass d'Ouvertür e Freideg den Owend.

Villmoos Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch.

## GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mer d'Drénglechkeetsreglementer ugekuckt. Mir si frou als LSAP, dass et keng Verlängerung gëtt vun de Laangzäitchantieren. Soulaang se net autoriséiert sinn, soulaang gëtt do net weidergeschafft. Och frou si mer driwwer, dass d'Kräizung Woiwer Strooss/Zolwer Strooss, eisen Dauerbrenner, zum Ofschloss kënnt.

Iwwerrascht war ech – do hate mer e bëssen eng geféierlech Situatioun geschaaft, wéi déi Kräizung nei gezeechent ginn ass – wéi mer ee grousst Changement hate vun de Prioritéiten. Do hätt onbedéngt missen ee Schëld opgestallt gi mat Changement de prio-

rité, well d'Leit dräi Méint gewinnt waren, eng gewësse Prioritéit ze hunn.

Moies fréi – de Moment war gutt gewielt, well dann net vill Verkéier ass – gëtt nei gezeechent. Um aacht Auer ass d'Kräizung fäerdeg. Hallwer aacht kënnt dee meeschte Verkéier an da steet kee Schëld do, dass d'Prioritéit geännert huet mat enger Flèche dobäi. Do waren des Ëftere vill Leit mat Fragezeichen, déi do virugefuer sinn. Et si brenzeleg Situatiounen entstanen. Ech hat dat schonn eng Kéier erwänt. Et wier net schlecht, wa Situatiounen erëm an den Istzoustand kéimen, wéi se viru sechs oder aacht Méint waren, dass den Automobilist, dee mam Vëlo oder de Foussgänger drop higewise géif ginn, dass et eng nei Prioritéit géif ginn. Da géife mer vill manner Gefor schafen.

Ee Luef muss ech awer nach lassginn. Dir kënnt Iech erënneren. De leschte Gemengerot hat ech mech beschwéiert, dass uewen um Bierg d'Verlängerung Héisenger Strooss eng geféierlech Situatioun wär, wou déi Stäck nach géife stoe vun deene Beem, déi 2019 ëmgehae gi sinn. Ech muss do ee Luef ausschwätzen de Servicer vu Ponts & Chaussées. Mir waren nach net doheem, du waren d'Méimaschinne schonn am Asaz. Déi Situatioun ass entschäerft ginn, andeem d'Gras kleng gehale gëtt an de Verkehrsteilnehmer gesäit, wat fir eng Gefor op der Säit lauert, wou déi Stämm nach stinn.

Ech hunn awer versprach kritt, dass kuerzfristeg déi Stämm géifen ewechgemulcht ginn, dass wann ee géif auswäiche mam Auto, keng Gefor méi géif bestoen. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

*Christiane Brassel-Rausch passe aux règlements temporaires de circulation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** explique que les règlements concernent des bennes, des façades, des échafaudages, des rénovations... Plusieurs chantiers sont anciens comme ceux du Woiwer ou de l'avenue de la Liberté. Dans la rue des Écoles, des travaux de raccordement au gaz sont prévus. La kermesse de Niederkorn fait aussi partie des règlements.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** a analysé les règlements d'urgence. Il est satisfait du fait que la durée des chantiers n'ait pas été prolongée. Il se dit content du fait que les travaux au croisement de la rue de Woiwer et de la rue de Soleuvre se terminent.

Il regrette cependant la façon dont a été opéré le changement de priorité. Il aurait fallu installer un panneau le signalant, car les automobilistes s'étaient habitués au changement. Le chantier a pris fin à 8 h du matin. Les voitures sont arrivées et il n'y avait pas de signalisation. Pour Guy Altmeisch, il faut prévenir les automobilistes quand les règlements changent au bout de six ou huit mois.

Récemment, Guy Altmeisch s'était plaint d'une situation dangereuse dans la rue de Hussigny à cause de troncs d'arbres coupés en 2019. Il félicite l'Administration des ponts et chaussées pour sa réactivité. Immédiatement, l'herbe a été coupée pour limiter les dangers. L'Administration des ponts et chaussées a par ailleurs promis de supprimer ce qu'il reste des troncs.

(Vote)

# 8a. Minett-Kompost

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**

*décrète une pause de dix minutes.  
(Pause)*

*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8a, l'entrée de la Ville de Luxembourg au Minett-Kompost.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** constate que le Minett-Kompost s'est fait un cadeau pour ses 25 ans. Luxembourg-ville va adhérer au syndicat avec ses 117 000 habitants.

Le Minett-Kompost a aussi établi un partenariat avec le SIDEK, qui accompagne 46 communes du nord. Les déchets organiques de 450 000 personnes sont donc compostés au Monkeler à Mondercange. Le Minettkompost est donc devenu une entité nationale.

Le syndicat dispose des compétences et des installations nécessaires. Une nouvelle usine à Luxembourg-ville aurait coûté plus cher.

Le Minett-Kompost exploite ses installations depuis 2016. Les arbres et les haies sont séchés et transformés en pellets. Les parties plus petites sont transformées en compost.

Les déchets de la cuisine sont fermentés et le gaz produit est injecté dans le réseau de Sudgaz. Les restes sont transformés en compost.

Sans entrer dans les détails, Robert Mangen ajoute qu'en 2020, la production a rapporté 580 000 € en compost et 900 000 € en biométhane.

L'usine va être agrandie après 22 ans. Actuellement, 25 000 t de déchets de cuisine et d'herbe sont gérés par le Minett-Kompost. Six-mille tonnes supplémentaires du SIDEK et quinze-mille tonnes de Luxembourg-ville vont venir s'y ajouter. Un nouveau fermenteur d'une capacité de 30 000 t est donc nécessaire.

L'agrandissement des infrastructures sera financé à travers l'adhésion de Luxembourg-ville. Il est aussi question de subsides du ministère de l'Environnement. Bref, l'agrandissement ne devrait rien coûter aux communes membres. Des panneaux solaires seront installés sur le toit de l'usine. Les déchets biodégradables sont exploités au maximum.

Et ass elo bal 20 vir zéng. Mir maachen eng zéng Minutte Paus, fir dann um zéng vir zéng unzerappen. Merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer elo zum Punkt 8a). Do geet et drëm, dass d'Stad Lëtzebuerg dem Minett-Kompost bäitrëtt. Dofir géif ech d'Wuert un den Här Mangen ginn.

## SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Am Joer 2018, zum 25. Besteeungsjoer, hat de Syndikat Minett-Kompost sech selwer ee Gebuertsdagsgeschenk gemaach. Zu deenen 22 Mitgliedsgemeinden hei am Süden, trëtt d'Gemeng vu Lëtzebuerg mat hiren 117.000 Awunner bäi.

Säit dësem Joer besteet och eng Partnerschaft mam SIDEK am Norden, dee 46 Nordgemengen betreit. Dat heescht de Biomüll vu 450.000 Awunner am Land Lëtzebuerg gëtt um Monkeler an der Gemeng Monnerech verwäert. De Syndikat Minett-Kompost huet sech also aus engem lokale Betrib zu enger nationaler Entitéit entwéckelt.

Et war sécherlech sënnavoll op dës Wee ze goen. De Minett-Kompost huet deen néidegen Knowhow an Installatiounen fir de Biomüll ze verwäerten. Eng nei Installatioun fir d'Stad Lëtzebuerg wär sécherlech méi deier ginn – vun der Plaz, déi esou eng Anlag brauch, an deem néidege Personal net ze schwätzen.

D'Exploitatioun vum Minett-Kompost gëtt säit 2016 an Eegeregie bedriwwen. Wat ass dann de Minett-Kompost? Pro Awunner ginn zirka 150 kg Bio- a Gréngoffall gebilt. De Bam- a Strauchschnëtt gëtt zerklengert, gedréchent an a Pellets verwandelt. Déi méi fei Bestanddeeler, déi iwwreg bleiwe vun dësem Prozess, ginn a bestëmmten Tunnellen zu Kompost veraarbecht. Säit 2011 ginn d'Kichenoffäll an de Gränschnëtt vergäert. De Gas, deen hei entsteet, gëtt als Biogas an d'Netz vu Südgaz gespeist. Och wat hei iwwreg bleift vun der Vergärung, gëtt an de Rotortunnel gesat an och erëm zu Kompost veraarbecht.

Ech wëll net an d'Detailer goen vun deene jeeweilegen Tonnen a vum Material, wat verwäert gëtt. Ech wëll just e puer Zifferen soen. D'Produktioun 2020 huet am Beräich vum Kompost 580.000 Euro abruucht. An de Biometan, dee verkaf ginn ass, 900.000 Euro.

Aktuell gëtt d'Kompostwierk no 22 Betribsjoer erweidert. Mat aacht Rotortunnelen kann ee wuelweis Kompost oder Holzhackschnitzel bilden. Et sinn dräi nei Tunnellen opgrond vun dem Zouwuess vum Syndikat.

Och d'Biogasanlag wäert erweidert ginn. Aktuell ginn ongeféier 25.000 Tonne Kichenoffäll a Gras veraarbecht. Elo kommen nach 6.000 Tonne vum SIDEK derbäi. An et gëtt geschätzt, dass ongeféier 15.000 Tonne vun der Lëtzebuerger Stad derbäi kommen. Et ass also néideg, een zweete Fermenter mat enger Capacitéit vun ongeféier 30.000 Tonnen ze bauen.

D'Erweiterung vun der Gäranlag soll mam Bäitrag vun der Stad Lëtzebuerg bezuelt ginn. D'Kompostwierk gëtt mat der Récklag vum Syndikat bezuelt. Zousätzlech kommen hei och nach Subside vum Ëmweltministère derbäi. Dat heescht, d'Erweiterung an d'Erneuerung vun der Minett Kompost-Anlag wäerte viraussichtlech deene bedeelegte Gemengen näischt kaschten.

Ferner ass nach geplangt eng Verwäertung vun der Hëtzt, déi an de Reseau vu Südgaz agespeist soll ginn. An et solle Sonnekollektoren um Daach vun där neier Kompostanlag installéiert ginn.

De Biomüll gëtt also bis a seng lescht Bestanddeeler vollstänneg an nohaltege ausgenutzt.

De 14. Juni 2021 huet de Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg unanime entscheet, Member vum Minett-Kompost ze ginn an déi nei opgeschafften a geännerte Statuten ugehall. Elo ass et un deenen 22 Gemengen, déi am Minett-Kompost Member sinn, déi selwecht Demarche ze maachen.

Ech gi kuerz op déi geännert Punkten an de Statuten an. Den erweiderte Syndikat Minett-Kompost bleift ab dem 1. Januar 2021 bestoe fir 20 Joer. Da gëtt e jeeweils all zéng Joer verlängert. Als

# 8a. Minett-Kompost

Member kënnt d'Stad Lëtzebuerg derbäi. De Syndikat gëtt elo administrativ begleet vun engem Komitee, wou all Gemeng hir Vertrieeder, an zwar proportional zur Awunnerzuel, bäi dréit. Dat huet sech och elo geännert.

Gemenge vun Awunner zwëschen 10.000 an 19.999 hu Recht op zwee Delegéierter. Awunnerzuel zwëschen 20.000 a 50.000 hunn dräi Delegéierter zegutt. An iwwer 50.000 Awunner véier Delegéierter.

Ënner de Membere vum Komitee, déi vun all deenen Delegéierte gewielt gi sinn, ginn néng Leit ausgewielt, déi dann de Bureau bilden. Et kann een deemno soen, de Komitee wär a sech de Gemengerot an de Bureau de Schäferot, deen e bëssen dat alldeeglecht Geschäft mat begleet a virbereet, wat alles an deem Syndikat ofleeft. Déi endgültig Entscheedung gëtt awer vum Komitee gedroen, also vun all den Delegéierten aus deene sämtleche Gemengen.

Den Apport en capital gëtt duerch d'Adhesioun vun der Stad Lëtzebuerg verännert. D'Kapital gëtt berechent no der Capacitéit vun der Anlag, déi bis elo 45.000 Tonne wor. Wat ronn 11,6 Milliounen Euro bedeit. D'Verdeelung vun der Quote-part vun all Gemeng läit dem Dossier bäi. Fir Déifferdeng, gesitt Der, hate mir bis elo 11,175 %. Wat eng Zomm vun 1,31 Milliounen Euro ausmécht.

Duerch de Baitrëtt vun der Stad Lëtzebuerg ginn déi 45.000 aktuell Tonnen op theoretesch 70.000 Tonnen erhéicht. De Besoin vun der Stad Lëtzebuerg gëtt mat ongeféier 15.000 Tonne berechent. Wat 21,43 % vun deene 70.000 Tonnen ausmécht. Déi aner 78 % ginn erëm ënner deenen 22 Gemengen no hirem aktuelle Prozent ëmgerechent.

Den Apport en capital fir d'Stad Lëtzebuerg gëtt op 3,17 Milliounen Euro gerechent. Dat ass a sech de Präis, deen d'Stad Lëtzebuerg bezilt fir déi Installatiounen, déi schonn do stoungen.

Ferner bezilt d'Stad Lëtzebuerg nach en Droit d'entrée, dee berechent gëtt op Basis vum Bilan vum Joer 2019. Duerch hir Quote-part vun 21,43 %, mécht dat ongeféier 4,74 Milliounen

Euro aus. Dat ass a sech dat alldeeglecht. Mat deene Sue bezuele si dann och den Droit d'entrée. Dat mécht also 8,3 Milliounen aus, déi d'Stad Lëtzebuerg bezilt fir d'Adhesioun an de Minett-Kompost. Déi Zomm gëtt integral benotzt fir d'Erweiderung vun onsen Anlagen.

Fir Déifferdeng ännert sech d'Capacitéit, déi vun 11,17 % op 8,78 % zrëckgeet.

Déi aner Artikelen an de Statuten hunn net grondleeënd geännert. Ech wëll just den Artikel 14 erwänen, deen dem Syndikat erlaabt, e Fonds de Renouvellement unzeleeë fir zukünfteg Investitiounen. Dëse Fong däerf awer net iwwer 20 % vun de Capitaux propres erausgoen. Et ass a sech e sënnavollen Artikel, deen et ons haut och erlaabt huet, d'Kompostanlag ze erneieren no 22 Joer, ouni ee Baitrag un d'Gemengememberen ze froen. Et ass och sécherlech sënnavoll, fir dat ze maachen, well de Verschloss vun den Anlage grouss ass, eleng bedéngt duerch d'Fiichtgeet an déi Hëtzt, déi do erzeugt gëtt.

Et géif mech freeën, wann Dir géift zoustëmmen, datt d'Stad Lëtzebuerg sech dem Minett-Kompost uschléisst. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE  
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangel. Här Schwachtgen.

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll mech deene Wiederer vum Här Mangel, dee jo Member ass vum Bureau vum Minett-Kompost, uschléiszen.

Ech hat mer eng ganz Partie Donnéeën erausgeschriwwen, déi awer elo schonn ernimmt gi sinn. Dat brauch ech jo dann net méi ze maachen. Ech wëll just betounen, dass mir als Gréng natierlech begrëssen, dass d'Stad Lëtzebuerg erauklëmmt. Grad zu engem Moment wou gréisser Investitioun souwisou schonn am Minett-Kompost geplangt waren. Soudass doduerch am Fong d'Bedeelung vun deenen ale Gemengen, déi schonn dobäi sinn, u sech quasi op null

*Le 14 juin 2021, le conseil communal de Luxembourg-ville a décidé à l'unanimité de devenir membre du Minett-Kompost et d'approuver les nouveaux statuts. Désormais, c'est au tour des 22 autres communes.*

*Les nouveaux statuts sont valables pour vingt ans et seront ensuite prolongés tous les dix ans. Le comité comprend des représentants de toutes les communes membres proportionnellement au nombre d'habitants: 2 délégués par 10 000 à 19 000 habitants, 3 délégués par 20 000 à 50 000 habitants et 4 délégués pour plus de 50 000 habitants. Neuf membres du comité formeront le bureau. Le comité est donc comparable au conseil communal et le bureau au collège échevinal. Les décisions sont approuvées par le comité.*

*L'apport en capital évolue avec l'adhésion de Luxembourg-ville. Le capital est calculé en fonction de la capacité de l'usine: actuellement 45 000 t pour 11,6 millions d'euros. La Ville de Differdange contribuait à hauteur de 11,175 %, c'est-à-dire 1,31 million d'euros. Avec Luxembourg-ville, le syndicat va passer à 70 000 t, ce qui représente 21,43 %. Les 78 % restants sont répartis entre les 22 autres communes.*

*L'apport en capital pour Luxembourg-ville se chiffre à 3,17 millions d'euros. Le droit d'entrée est basé sur le bilan de 2019 et représente 4,74 millions d'euros. La quote-part de Differdange passe de 11,17 % à 8,78 %.*

*Les autres articles n'ont guère évolué. L'article 14 autorise le syndicat à mettre en place un fonds de renouvellement pour les investissements à venir. Ce fonds ne peut pas dépasser 20 % de capitaux propres. L'article 14 va permettre de rénover l'usine de compostage après 22 ans sans que les communes membres aient à verser de l'argent. Ces travaux sont pertinents, car l'usine produit beaucoup d'humidité et de chaleur.*

*Robert Mangel demande au conseil communal d'approuver l'adhésion de Luxembourg-ville au Minett-Kompost.*

---

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**  
*s'associe à ce qui vient d'être dit. Il*

## 8b. Heures de congé politique

*n'aura pas besoin de tout répéter. Les écologistes se réjouissent de l'adhésion de Luxembourg-ville, qui permettra d'effectuer les investissements nécessaires sans que les anciennes communes membres n'aient à y contribuer financièrement. L'avantage est donc double pour les communes du sud.*

*Lors des discussions, la question de savoir si Luxembourg-ville allait occuper une place de monopole à cause de sa taille. Mais Luxembourg-ville a renoncé à être représentée au sein du comité proportionnellement à sa population. La répartition au sein du comité reste donc équitable.*

*Frenz Schwachtgen est membre du comité, tandis que madame Pregno et monsieur Mangen font partie du bureau. Les réflexions concernant toutes ces questions sont résumées dans le rapport du 11 février 2019. Frenz Schwachtgen félicite le bureau, qui a réussi à négocier des statuts équitables dans le respect de l'environnement et des finances communales.*

*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*passé aux heures de congé politique. Le CSV dispose de quatre heures et déi gréng de cinq heures. Monsieur Aguiar conserve ses deux heures et monsieur Paulo De Sousa en donne une à madame Pregno. Madame Wohl dispose d'une heure de congé politique pour son travail au sein des syndicats.*

*(Interruption et discussions)*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate qu'il manque une heure.*

*(Interruption)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*proteste.*

*(Discussions)*

geet an dass mer doduerch awer eng fuschnei a komplett modern Anlag an engem hallwe Joer do stoen hunn. Et ass am Fong en duebele Benefice, dee mer als Südgemengen hunn, well mer jo als Südgemengen de Minett-Kompost gegrënnt haten. D'Diere sinn op, soudass nieft der Stad Lëtzebuerg an och mam SIDEC nach Plaz ass fir aner Gemengen, dem Minett-Kompost bäizetrieden.

An den Diskussiounen iwwert d'Statute war d'Fro opkomm: Kritt d'Stad Lëtzebuerg elo e bëssen eng Monopolstellung duerch hir Gréisst an deem ganze Minett-Kompost? Mee dat ass duerch d'Verhandlungsgeschéck vum Bureau net esou gewiescht. D'Stad Lëtzebuerg huet och proportional dorobber verzicht. Well wa se proportional am Komitee vertruede gewiescht wär, hätte se natierlech vill méi Vertrieeder zegutt gehat. Si hunn awer dorobber verzicht. Soudass effektiv de Minett-Kompost esou ka funktionéieren, dass dat eng equitabel Verdeelung fir de Komitee bleift.

Ech si Member vum Komitee mat der Madamm Pregno an den Här Mangen ass Member vum Bureau, dee sech natierlech vill méi Gedanke gemaach huet iwwert déi ganz Saach. Et ass resüméiert am Rapport vum 11.2.2019 vum Minett-Kompost, wou bal 30 Consideranten opgefouert sinn, wéi et virugeet mam Minett-Kompost. Déi sinn absolutt liesenswäert. Et ass do wou dat Essentiell ernimmt gëtt, wat herno Repercussioun huet an deenen neie Statuten. Felicitatiounen un de Bureau. D'Verhandlungsgeschéck vum Bureau huet et dozou bruecht, dass mer mat deenen neie Statuten an deenen nächste Jore ganz gutt kënnen eens ginn a virun allem eng optimal Léisung fir d'Ëmwelt wéi fir d'Gemeengefinanze fonnt hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de se prononcer pour l'adhésion de la Ville de Luxembourg au syndicat Minett-Kompost et d'approuver les nouveaux statuts.*

Villmools Merci, Dir Dammen an Dir Hären. Da komme mer zum Punkt 8b). Do geet et drëm, déi néng Stonne Congé politique nei opzedeele. Vun deenen néng Stonnen huet d'CSV der véier. Déi gréng hunn der fënnef. An déi gréng froen, fir déi Stonnen opzedeele ënner hire Representanten. Dat heescht, den Här Paulo Aguiar hätt der zwou. Den Här Paulo De Sousa hat der zwou a géif eng ofginn un d'Madamm Laura Pregno, déi keng hat. Dat heescht: Den Här Paulo De Sousa hätt eng Stonn Congé politique, d'Madamm Laura Pregno eng Stonn Congé politique an d'Madamm Nicole Wohl eng Stonn Congé politique fir d'Syndikater.

*(Ënnerbriechung)*

Wéi dann?

*(Diskussiounen)*

Jo, do stëmmt eppes net.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Eng Stonn feelt.

*(Ënnerbriechung)*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee.

*(Diskussiounen)*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Du hues nämlech elo virdru gesot, den Här Aguiar hätt eng Stonn...

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Zwou Stonnen.

*(Diskussiounen)*

Hat ech alles richteg gesot? Et geet drëm, dass den Här Paulo De Sousa eng Stonn ofgëtt un d'Madamm Pregno. Kënne mer dat unhuelen? Ech géif Iech bidden, driwwer ofzestëmmen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements de la répartition des heures de congé politique.*

---

Merci. Da komme mer elo zu de Changements au sein des commissions consultatives. Do hunn ech näischt era-kritt. Dee Punkt kënne mer iwwersprangen.

Da géife mer zu de Froe kommen. Ier mer zum Här Hobscheit senge Froe kommen, hat den Här Muller nach eng Fro ugemellt.

---

## ERNY MULLER (LSAP):

Madamm Buergermeeschtesch, Merci, fir d'Wuert. Léif Kolleeinnen a Kollegen, ech stellen déi Fro am Numm vun der LSAP-Fraktioun. Mir waren iwwerrascht, wéi mer festgestallt hunn, dass den Entréesberäich vun der besteeënder Sportshal, déi jo och elo neierdengs Centre John Scheuren heescht, ofgerappt ginn ass ouni Ukënnegung.

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulveling)

Jo, kloer. Doriwwer kann een nach schwätzen. Op jidde Fall si mir der Meenung, dass dat en zentrale Fassadendeel war vum besteeënde Centre sportif, dee jo och de Sportsdeel mat deem vun der Schwämm verbonnen huet an dass en en historieschen Aspect général an deem Sënn vun där Hal ausgemaach huet.

Et ass wuel gesot ginn heibannen eng Kéier, datt den Deel misst nei gebaut ginn. Mir hunn awer weeder e Plang nach een Devis vun deem Bau gesinn. An ouni Ukënnegung ass den Deel ofgerappt ginn. Et schéngt eis awer wichteg ze sinn, dass den neien Deel, den den da soll ersetzen, awer dat verbindend Element duerstellt zwëschen der eigentlecher Sportshal an där aler Schwämm, dee jo dann elo d'LU-

NEX duerstellt. An dass dat och architektonesch esou muss gestalt ginn, dass mer en Erëmerkennungswäert hunn, den elo einfach net méi do ass.

Dee responsabele Schaffen hat sech schonn zu Wuert gemellt. Wéini gedenkt Der eis dovun ee Plang virzeleeën? Mir misste jo awer och heibannen en Devis stëmmen, ier dat gebaut gëtt. Oder gesitt Dir dat net esou? Dat ass eis Fro.

---

## BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wëllt Dir direkt op d'Fro äntweren?

---

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, ech si jo och ugeschwat ginn. Dir waart net do, Här Muller. Oder Dir hat et net matkritt. Mee ech hat d'leschte Kéier ganz kloer gesot an de Kommunikatiounen, dass mer dat elo géifen ofrappen an dass ech ee schlecht Gewëssen hätt, well mer nach keng Pläng hei diskutéiert haten, respektiv nach keen Devis hunn. Allerdéngs hate mer déi Pläng schonn eng Kéier de Fraktiounen alleguerter virgestallt. Déi hu sech net méi weesentlech geännert. Et si just verschidde Säll, déi e bësse méi grouss oder méi héich wäerten ausgerichtet ginn. Mee um Grondplang huet sech net vill geännert.

Eis Architektbüroen hunn an der Pandemie net esou schnell geschafft wéi mer eis dat virgestallt hunn, fir en Devis opzestellen. D'Pläng si plus ou moins fäerdeg. Mam Service des Sports, mam Här Aguiar, sinn ech elo amgaangen, ze kucken, wat fir Veräiner definitiv do domiciliéiert wäerte ginn, fir dass och déi Raim, déi mer elo envisagéiert hunn, vun der Gréisst hier op déi Veräiner passen. Déi sollen an Zukunft do domiciliéiert ginn, wann een dat kann esou soen. Mir wäerten dat esou schnell wéi méiglech maachen. Ech rechnen domat, dass et September-Oktober gëtt, bis dass mer dat kënnen hei virstellen.

Mee et ass awer vun Ärer Fraktioun begréisst ginn, dass mer elo géifen esou schnell virukommen. Ech hu jo och gesot gehat, datt mir dat elo maachen,

**TOM ULVELING (CSV)** signale à madame Brassel-Rausch qu'elle a parlé d'une heure de congé pour monsieur Aguiar.

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** a parlé de deux heures.

(Discussions)

Elle répète que monsieur Paulo De Sousa donne une de ses heures à madame Pregno.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux changements au sein des commissions, où il n'y a rien à signaler. Elle passe aux questions.

---

**ERNY MULLER (LSAP)** se dit étonné que l'entrée du centre sportif John-Scheuren ait été démolie.

(Interruption de M. Ulveling)

Erny Muller était d'avis que la partie démolie était un élément central de la façade, reliant le centre sportif à la piscine et qu'elle avait une importance historique. Il se souvient que le collège échevinal avait expliqué que cette partie devait être renouvelée. Mais le conseil communal n'a vu ni les plans ni le devis. Les socialistes demandent que la nouvelle structure fasse le lien entre le centre sportif et l'ancienne piscine de Lunex. Il faudra aussi veiller à un aspect architectural marquant. L'échevin des bâtisses a déjà parlé de ce projet. Quand a-t-il l'intention de présenter les plans?

Le conseil communal doit approuver le devis avant le début de la construction.

---

**TOM ULVELING (CSV)** suppose que monsieur Muller n'était pas là quand il en a parlé. Lors de la dernière séance, il a annoncé que la partie en question allait être démolie et qu'il regrettait que les plans n'aient pas encore été débattus. En revanche, ils ont été présentés aux différentes fractions. De toute façon, les plans n'ont guère évolué, mis à part la taille de certaines salles.

Les bureaux d'architectes n'ont pas travaillé aussi vite que prévu pendant la pandémie. Les plans sont finis plus ou moins. Tom Ulveling est en train de décider avec monsieur Aguiar quels clubs vont occuper les lieux. La décision sera prise aussi vite que possible. Tom Ulveling

*pense qu'il pourra revenir sur ce point en septembre ou en octobre. En tout cas, la fraction socialiste était d'accord pour avancer rapidement dans ce dossier. Il est vrai que la procédure n'a pas été appliquée à la lettre, mais cela a permis de gagner six mois. En plus, la nouvelle structure ira dans le sens de ce que demande monsieur Muller. Les plans et les devis ne sont pas encore définitifs.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*passé aux questions que monsieur Hobscheit a envoyées le 16 juin 2021. Elle constate qu'il y en a neuf.*

**PIERRE HOBSCHKEIT (LSAP)** *constate que chercher les chiffres a dû demander beaucoup de temps. Il a posé ces questions parce qu'il pensait qu'il serait question de l'organisation des maisons relais avant les grandes vacances. S'il avait su que l'organisation ne serait traitée qu'en septembre, il aurait remis les questions aujourd'hui et laissé plus de temps aux services communaux. Pierre Hobscheit rappelle qu'il avait été question du personnel des maisons relais lors de la dernière séance avant les élections et que le conseil communal avait constaté que le va-et-vient était un problème. Entretemps, la bourgmestre a dit que la situation s'était calmée. Mais Pierre Hobscheit voulait disposer de chiffres précis même si cela demandait beaucoup de travail. Il reviendra sur ses chiffres lors de son intervention concernant l'organisation des maisons relais en septembre. Il tient à remercier tous ceux qui ont dû chercher les réponses à ces questions.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*va quand même répondre aux questions. Elle confirme que cela a demandé beaucoup de travail. Les questions portent sur la période allant du 1<sup>er</sup> janvier 2014 au 1<sup>er</sup> mai 2021. Pourquoi monsieur Hobscheit a-t-il choisi ces dates? En plus, à l'époque, les socialistes faisaient partie du collège échevinal. Entre le 1<sup>er</sup> janvier 2014 et le 1<sup>er</sup> mai 2021, 86 personnes ont dé-*

ouni an déi richteg normal Prozedur ze goen, wou Der Recht hutt, fir eebe méi schnell virunzekommen. Dat deet eis ongeféier een halleft Joer un Zäit wannen. Well wa mer wëssen, wéi all eis Veräiner op déi Plazen an op déi Säll gammsen, déi elo net disponibel sinn, hu mer do e kleng Schéinheitsfeeler an der Prozedur de Moment, well mer déi Saachen ofgerappt hunn, ouni dat hei in extenso diskutéiert gehat ze hunn. Mee ech mengen awer, dass et an deem Sënn esou gemaach gëtt wéi Dir dat wëllt. Dee Joint gëtt natierlech erëm hiergestallt. Dat wäert esou sinn.

D'Pläng si fäerdeg, mä de Präis ass nach net definitiv. An dofir kann ech dat net bréngen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling.

Da komme mer zu der Fro, déi den Här Hobscheit de 16. Juni 2021 eraginn huet. Ech stelle just fest, datt et am Ganzen néng Froe sinn, déi do gestallt gi sinn. Ech huele se och eng no där anerer duerch. Dir hutt en Ziedel kritt.

**PIERRE HOBSCHKEIT (LSAP):**

Ech weess, dass, fir déi Zuelen ze sichen, dat mat engem gréisseren Opwand verbonne war. Dat ass mer duerchaus bewosst. Ech wëll och just soen, firwat ech déi Froe gestallt gehat hunn.

Ech war eigentlech dervun ausgaangen, mir géifen haut an der Sitzung virun der Sommervakanz iwwert d'Organisatioun vun de Maison-relais schwätzen. Duerfir wollt ech dat fir haut wëssen. Wann ech gewosst hätt, dass mer d'Organisatioun vun de Maison-relais eréischt am September um Ordre du jour hätten, hätt ech d'Froen och kënnen haut eraginn. Dann hätt een dat iwwert de Summer, wou alles vläicht e bësse méi roueg dréit, kënnen maachen. Mee ech hunn et awer wichteg fonnt, déi Froen eng Kéier ze stellen.

Well ech hat mech u meng lescht Sitzung virun de Walen erënnert, wou ech nach hunn dierften dobäi sinn a wou mer eng länger Diskussioun iwwert

d'Personal an de Maison-relais haten. A wou deemools e Konsens war, dass mer ze vill Va-et-vient an e Problem hätten. A menger éischter Sitzung, wou ech dunn nees vereedegt gouf an nees hunn dierfen hei derbäi sinn, hat Dir gesot, Madamm Buergermeeschter, dass d'Situatioun sech Gott sei Dank calméiert hätt. Wat ech absolutt begrëssen. Ech hu mer awer dunn d'Fro gestallt: Okay, wat ass dann do dertëscht geschitt? Wéi hunn d'Zuele sech entwéckelt? Duerfir hunn ech déi Froe gestallt. Wuelwëssend, dass et mat engem gréisseren Opwand verbonne wär, fir dat zesammenzesichen! Dat ass mer duerchaus bewosst.

Ech wäert och elo haut net op déi Zuelen agoen, well ech déi Zuelen effektiv wollt benotzen am Kader vu menger Interventioun zur Organisatioun vun de Maison-relais. Ech wäert och eréischt am September, zu deem wat mer grad ausgedeelt kritt hunn, Stellung huelen.

Ech wëll all deene Leit, déi mat menge Froe vläicht geplot waren, Merci soen, dass se dat esou propper an iwwersichtlech eis hei zesumme gestallt hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Ech erlabe mer awer, Iech déi Explikatiounen ze ginn, déi ech hunn. Dir hutt et gesot, et war een extreem aarbechtsintensiven Opwand, wou e puer Leit aus e puer Servicer domadder beschäftegt waren, fir déi Zuelen hei erauszefannen.

Dir frot vum 1. Januar 2014 u bis den 1. Mee 2021. Dat ass eng Zäitspan vu siwe Joer. Wou ech mer dann einfach emol d'Fro stellen: Firwat genau deen Datum? Wou Är Fraktioun selwer mat am Schäfferot war. Wat sinn d'Grënn? Mech huet wierklech beweegt: Wat sinn d'Grënn elo vum 1. Januar 2014 bis den 1. Mee 2021? Well, wann Der kuckt, d'Zuele ginn zrëck bis 2017. Ech wäert Iech dozou och Explikatiounen ginn. Mee ech wär awer frou, fir eng Erklärung ze kréien, firwat deen Datum.

Déi éischt Fro: Wivill Mataarbechter aus eise Maison-relais hunn tëschent

dem 1. Januar 2014 an dem 1. Mee 2021 gekënnegt? Do hutt Der dat eent Blat ënner Nummer 1: Démissions entre dem 1. Januar 2014 an dem 1. Mee 2021. Dat heescht op eng Durée vu siwe Joer – ech ënnersträichen dat – hu mer 86 Demissiounen. Dovunner ware 86 CDlen, wéi Der gesitt.

Dann Är zweet Fro: Wivill vun dëse Lëschten haten en CDD? Null steet do, well engem CDD kënnt Der net kënnegen. Engem CDD kënnt Der just wéinst Faute grave kënnegen oder e gött ausgefouert.

Är drëtt Fro, wivill haten en CDI. 86. Wéivill vun dëse Leit hate kee 40-Stonne-Kontrakt? Dat ass quasi Fifty-fifty. 40 Stonne Kontrakt waren der 42. Ënner 40 Stonne waren et der 44.

Da komme mer zur Fro 5 a menger Oplëschtung, Är Fro Nummer 2: Wéi vill Leit opgedeelt no CDI an CDD goufen am nämmelechen Zäitraum engagéiert? Elo muss ech mech selwer hei erëmfannen. Op eng Durée vu siwe Joer goufen 327 Leit engagéiert souwuel am CDI wéi am CDD. Dovunner waren der 120 CDI an 207 CDDen. Dovunner waren 148 Covid-Kontrakter. Dat heescht, et bleiwen 59 CDDen op siwe Joer. Et waren der 43 op d'Situatioun vum 1.7.2021. Dat heescht, elo virun e puer Wochen hate mer der 43 mat 40 Stonnen. 284 ënner 40 Stonnen. Do muss een awer dann erëm déi 148 Covid ofzielen. Da bleiwe mer bei 136 Leit ënner 40 Stonnen als Mix vun CDD a CDI op siwe Joer.

Wivill Mataarbechter mat engem Kontrakt vun 30 Stonnen hunn tëschent dem Januar 2014 an dem Mee 2021 eng Demande gemaach, fir d'Tâche op 40-Stonnen d'Woch gehéicht ze kréien? D'Nummer 3 ass meng Nummer 7. An erëm op siwe Joer gekuckt sinn der 83 gemaach ginn. Dont retenues: 40. An dont rejetées: 43. Déi Augmentations de tâches bezéie sech awer elo net nëmme vun 30 op 40 Stonnen. Do sinn der och derbäi, déi vun 20 op 30 Stonne gehéicht gi sinn. Wat ech awer nach wollt soen: D'CDDe vum Covid leien d'office ënner 40. Elo si mer bei der nächster: Wéi vill vun dësen Demandé goufe positiv aviséiert? Do steet et jo: Dont retenues: 40. An dont rejetées: 43.

Da komme mer zur néngter Fro: Wéi oft ass tëschent dem 1. Januar 2014 an dem 1. Mee 2021 virkomm, dass net genuch Educateuren an Educatrices, respektiv Aide-Educateuren an Aide-Educatrices zur Verfügung stoungen, an dass d'Membere vum Botzpersonal hu mussen asprangen?

Ech soen Iech: Jo, et si Leit aus der Botzekipp agesprongen. Ech ënnersträichen awer, dass dat ganz kloer eng Noutléisung war, dass et en Ausnahmefall war an dass et op kee Fall d'Reegel war. Dir wësst genau, dass eng Quot besteet. An dass déi an där Zäit net konnt aghale ginn a mir als Gemeng eng Léisung hu musse fannen. Dat ass, well mer Hëllef gebraucht hunn, fir den SEA-Personal exklusiv an der Mëttestonn opzestocken. Dat heescht: Et geet vun 12.00 bis 14.00 Auer. Dat sinn d'Heures de pointes, wou alleguerten d'Kanner z'iesse kréien.

Dat ass bis 2017. Méi wäit konnt en eis Leit net kucke goen, soss gi se an d'Archiven, Dossier fir Dossier kucken. Ech weess net, ob dat an Ärem Sënn ass. Also a mengem Sënn ass et op jiddwer Fall net. Well ech denken net, dass mer eis Leit – Dir hutt zwar gesot, firwat Der et gemaach hutt – genau an engem Moment wéi elo, wou déi eng Schoulorganisatioun soll clôturéiert ginn an déi aner, wéi eise Gemengerot et haut beweist, voll amgaang ass organiséiert ze ginn – mussen do ofzéie fir Froen, déi Der eis nach musst herno erklären.

Wat mer fonnt hunn ab 2017 op ee Joer gekuckt: 20 Interventiounen. 2018: 17 Interventiounen. An 2019: 31 Interventiounen. D'Explikatioun ass, dass an deem Joer extreem vill Krankeschäiner a kuerzfristeg Ofmeldungen erakomm sinn. Sief et Krankeschäiner, Congés de maternité, sief et OPen... Mir si gehalten, d'Surveillance de Quoten no ze garantéieren an eisen Haiser. Dobäi ass et mer och ganz wichteg ze soen, dass déi Persounen aus dem Nettoyage erlaabt kritt hunn, an eise Maison-relais an der Mëttestonn vun 12.00 Auer bis 14.00 Auer bei de Kanner ze sinn, dass déi een Zousaz an hirem Kontrakt hunn, dass si bei eis am SEA-Beräich dierfen agesat ginn. Mir schwätzen an engem Ordre de Grandeur vun ongeféier 16 bis 17 Leit. Déi Leit sinn natierlech vun hirem Chef de service ausgewielt ginn. Wuelwëssend

*missionné, tous en CDI. Il n'y a aucun CDD, car les CDD ne peuvent démissionner que pour faute grave. Quarante-deux avaient un contrat de quarante heures et quarante-quatre, un contrat de moins de quarante heures.*

*Au cours de ces 7 ans, 327 personnes ont été recrutées: 120 CDI et 207 CDD, dont 148 contrats COVID-19. Au 1er juillet 2021, il reste 43 CDD. Deux-cent-quatre-vingt-quatre ont travaillé moins de 40 heures par semaine. Si on enlève les contrats COVID-19, il en reste 136.*

*Quatre-vingt-trois personnes ayant un contrat de trente heures ont demandé à passer à quarante heures. Quarante demandes ont été retenues et quarante-trois rejetées. D'autres demandes concernaient le passage de vingt à trente heures. Les CDD pour COVID-19 portent de toute façon sur moins de quarante heures.*

*La question suivante concerne le nombre de fois que des éducateurs ou des aides-éducateurs ont dû être remplacés par des membres du personnel de nettoyage.*

*Christiane Brassel-Rausch tient à préciser qu'il s'agissait de situations d'urgence. La commune doit garantir la présence d'un éducateur pour un certain nombre d'enfants. Or, entre 12 h et 14 h, c'est-à-dire aux heures de pointe, il n'était pas toujours possible de trouver assez de collaborateurs. Les chiffres remontent jusqu'en 2017 — autrement, il aurait fallu consulter les archives. Or les services communaux ont d'autres chats à fouetter avec la finalisation de l'organisation scolaire et la préparation de l'organisation des maisons relais. En 2017, il y a eu 20 interventions, en 2018 17, en 2019 31, en 2020 4 et en 2021 1. En 2019, le nombre de congés pour maladie a été particulièrement élevé.*

*Christiane Brassel-Rausch précise que le contrat des employés du service de nettoyage en question stipule qu'ils peuvent surveiller les enfants pendant la pause de midi. Il s'agit de 16 ou 17 personnes choisies par le chef de service.*

*Christiane Brassel-Rausch demande de nouveau à monsieur*

*Hobscheit pourquoi il a choisi ces dates.*

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP)** répond qu'il aurait pu remonter à 2010 ou même 2005. Il répète qu'en 2017, le conseil communal était d'avis que le va-et-vient était trop important. L'année dernière, madame Brassel-Rausch a dit que la situation s'était calmée. C'est pourquoi Pierre Hobscheit a demandé comment la situation avait évolué. Mais il aurait pu choisir 2012 ou 2010. Il a opté pour 2014.

Pierre Hobscheit est conscient du travail que cela a représenté. Mais compte tenu du va-et-vient, un conseiller communal a le droit de poser des questions. En plus, il n'a jamais dit qu'il n'avait que quatre questions. Il ne comprend donc pas pourquoi madame Brassel-Rausch a insisté sur ce point. Les questions étaient subdivisées en quatre thèmes de plusieurs questions. Où est le problème?

Il sait que le personnel communal a du travail. Mais ces questions étaient importantes. Il réagira en détail sur ces chiffres en septembre lors de la présentation de l'organisation des maisons relais. Il remercie la bourgmestre pour les réponses.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** constate que monsieur Hobscheit reviendra donc sur ces chiffres en septembre. Elle lui demande s'il est au courant de la pénurie d'éducateurs.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch précise que des entretiens d'embauche ont eu lieu cette semaine, mais elle ne sait pas si la commune devra recourir à des aides-éducateurs. Mais ce problème ne concerne pas seulement Differdange.

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** rappelle que le bancomat du centre sportif a été enlevé dans le cadre des travaux.

op wéi eng Missioun mer se do géife schécken. 2020 waren et véier Interventiounen. An 2021 genau 1.

Ech hoffen, dass mer Iech konnte Satisfaktioun ginn. An ech géif Iech froen: Firwat genau déi Datumen?

**PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):**

Firwat déi Datumen? Ech hätt och kënnen zréckgoe bis 2010. Ech hätt kënnen zréckgoe bis 2005. Wéi gesot, fir mech ass de Punkt 2017. An der leschter Gemengerotssitzung virun de Walen, ware mer eis gréisstendeels eens, dass ze vill Va-et-vient do wier. Dass mer e Problem hätten. D'lescht Joer am Oktober, hat Dir gesot, d'Situatioun hätt sech calméiert. Wat ech absolutt begrëissen. Wat eng positiv Nouvelle ass.

Ech hu mer einfach d'Fro gestallt: Wéi vill Va-et-vient hate mer reell virun 2017, wou mer eis eens waren, mir hätten es ze vill? A wéi huet d'Situatioun sech entwéckelt? Ech sinn op 2014 zréckgaangen. Ech hätt och kënnen op 2012 oder op 2010 zréckgoen. Ech hu mech fir 2014 entscheet. Dir kënnt gäre soen, datt ech dann déi Zäit geholl hunn, wou meng Partei mat an der Majoritéit war, wou mer zesummen an enger Koalitioun waren a wou mer um Schluss vun der Legislaturperiode festgestallt haten, dass e Problem do wär.

Mir ass bewosst, an et deet mer och Leed, dass dat e risegen Opwand war, fir dat zesummenstellen. Mee ech fannen, wann een awer seet, dass me ze vill Va-et-vient hunn an op eemol seet een, datt alles gutt ass, hunn ech awer och als Conseiller vläicht d'Recht ze froen: Wat heescht dat dann? Wat war virdrun? Wat ass elo? An duerfir déi Zuelen.

Ech hunn net geschriwwen, dass ech véier Froen hätt. Dat steet hei net. Ech hu geschriwwen, datt ech follgend schrëftlech Froe wollt stellen. Duerfir weess ech och elo net, firwat Der esou betount hutt, dass ech esou vill Froe stelle géif. Ech hunn et opgedeelt no Theemen: Een, zwee, dräi a véier. Mat Ënnerfroen. Et sinn der am Endeffekt net véier, et sinn der méi. Mee do gesinn ech awer elo net dee grouss Problem.

Effektiv ass mer bewosst, dass eis Leit vill ze schaffen hunn. Mee trotzdem war et mer awer wichteg, déi Froen do ze stellen. Wéi gesot, ech wäert elo net am Detail op déi Zuele reagéieren, well mer d'Organisatioun vun de Maison-relaisen eréischt am September hunn. Ech hat gemengt, déi hätte mer haut um Ordre du jour. Mee déi hu mer dann elo eréischt am September. Da wäert ech am September d'Informatiounen, déi Der eis haut ginn hutt, integréieren a meng Interventioun, déi ech zu de Maison-relaise wäert maachen.

Ech wëll Iech op alle Fall Merci soen, well Der Iech d'Méi gemaach hutt, dat do alles zesummenzesichen a mer prezis Äntwerten op meng Froe ginn hutt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Dat heescht: Är Konklusioun op d'Zuelen, déi mer Iech elo geliwwert hunn, kréie mir dann am September, wa mer de Plang hunn, fir mat definitiven Zuele kënnen ze schaffen?

Wat ech Iech awer och elo direkt ka soen: Dir wësst, dass um Marché eng grouss Penurie vun Educateuren ass, gellt?

(Ënnerbriechung)

Dat ass näischt Neies. An ech weess net, inwiefern, well mer nach dës Woch Rekrutementsgesprécher haten – well dat hunn eis Leit och nach gemaach –, mir nach Educateuren an Auxiliaire-devien hunn an inwiefern mer op Aide-Educateurë mussen zréckgräifen. Dat ass awer elo net spezifesch d'Gemeng Déifferdeng. Ech wëll et just einfach eng Kéier hei gesot hunn!

Ech soen Iech Villmools Merci. Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Jo, eng ganz kuerz Fo. Ech konnt se virdrun net umellen. Et betrëfft d'Sportshal mam Bankomat, deem do stoung. Deen ass jo mat fort, well ofgerappt gouf. Ass geplangt zu Uewerkuer e Bankomat

# Questions

awer trotzdem iergendwann an noer Zukunft erëm opzeriichten?

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

---

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Sinn a Gespréich.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt. Ech ginn d'Wuert un den Här Krecké weider. Mir hu scho gekuckt. Mir haten Iech dat schonn eng Kéier gesot, mengen ech.

---

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Historesch war et jo d'Spuerkeess, déi am Entréesberäich vun der aler Sportshal de Bankomat hat. Aus deem Gedankegang hu mer mat hinne mol als Éischt Kontakt gehat. Mir haten d'Iddi, elo mat de Fluxen, dass et eigentlech gutt wier, direkt beim Parkhaus e passenden Trakt zur Verfügung

ze stellen. An d'Spuerkeess huet eis, opgrond vun hiren Zuelen, déi si da musse kënnen verantworten an aschätzen, net méi den Interessi bestätegt.

Ech mengen, et wär elo am Sënn vun der Saach, einfach bei allen anere Banken déi nämmlecht Offer unzefroen. Dann ass et eebe vun deenen aneren. Well d'Spuerkeess huet eis op jidde Fall à ce stade gesot, ausser si géifen nach eng Date ginn, dass si elo net méi wélten hei zu Uewerkuer e Bankomat loossen. Mee et gëtt jo nach anerer, déi dat kéinte maachen. Ech soen elo just, wéi de Stand haut ass.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Gëtt et nach eng Bemierkung? Eng Fro?

Da géife mer d'Séance publique ofschléissen an an d'Séance non publique goen. Alleguer deene Leit, déi elo net méi derbäi sinn an der Séance non publique wënschen ech eng schéi Summervakanz. Mir héieren eis den 22. September erëm fir eisen nächste Conseil. Villmools Merci.

*Est-il prévu d'en installer un nouveau?*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*répond que oui.*

---

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)**  
*ajoute que des négociations sont en cours. L'ancien distributeur était géré par la BCEE. La commune est d'avis qu'un bancomat est utile à cet endroit. Mais la BCEE n'est pas intéressée. Henri Krecké propose donc de s'adresser à d'autres banques.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**  
*clôture la séance publique. Elle souhaite de bonnes vacances à ceux qui ne participeront pas à la séance à huis clos.*

# LA FORÊT : UN ENDROIT POUR TOUS

À Differdange, nous avons la chance d'avoir des forêts et plusieurs réserves naturelles tout autour de la ville. Bien entendu, ces forêts sont prisées des randonneurs, des cyclistes, des familles, des séniors ou des propriétaires de chien, qui partagent cet espace avec les animaux et les plantes de la forêt.

Pour que cette cohabitation se passe bien, il est essentiel de connaître certaines règles concernant les chiens :

- Un chien n'a pas besoin d'être tenu en laisse dans la forêt. Cependant, il doit rester sous le contrôle de son maître à tout moment. En d'autres termes, le chien doit retourner auprès de son maître dès qu'il est appelé. Si vous avez le moindre doute concernant son obéissance, gardez-le en laisse — surtout s'il réagit vigoureusement à l'approche d'autres animaux ou de promeneurs.
- Prenez votre chien en laisse lorsque vous rencontrez d'autres chiens ou bien lorsqu'un promeneur vous annonce qu'il a peur des chiens.
- Pour éviter des accidents, prenez votre chien en laisse à l'approche de cyclistes.

Dans les **réserves naturelles**, des règles supplémentaires peuvent s'appliquer :

- Les chiens ne doivent pas divaguer — en d'autres termes, ils ne doivent pas quitter les sentiers afin de ne pas déranger les animaux de la forêt.
- Lisez les informations affichées sur les panneaux. Il est, en effet, possible que les chiens doivent être tenus en laisse certaines périodes de l'année (en fonction de la reproduction de la faune) ou bien parce que d'autres animaux (par exemple des moutons) sont en pâturage itinérant.

**Attention :** certains chiens susceptibles d'être dangereux doivent toujours être tenus en laisse.

Les propriétaires sont toujours responsables du comportement de leur chien. Chaque promeneur est censé savoir quels règlements et restrictions sont en vigueur à quel endroit.

Merci de consulter la loi relative aux chiens pour plus d'informations :

<https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2008/05/09/n2/jo>.

# DEMANDE D'UN PASSEPORT BIOMÉTRIQUE

Pour l'obtention d'un nouveau passeport, les personnes de nationalité luxembourgeoise qui habitent la commune de Differdange adressent une demande au ministère des Affaires étrangères par l'intermédiaire du bureau de la population de l'administration communale de Differdange.

La demande doit impérativement être effectuée par l'intéressé(e) lui (elle)-même. Pour les mineurs, la présence d'un des parents ayant le droit de garde ou du tuteur légal est obligatoire.

La photo et les empreintes à plat de l'index gauche et de l'index droit seront prises directement à la commune au moyen de l'équipement y installé.

## Sont à produire :

- un titre d'identité ;
- le passeport périmé (ancien passeport) ;
- la preuve de paiement de cinquante euros respectivement de trente euros (mineurs jusqu'à quatre ans).

Destinataire : Bureau des passeports

Numéro de compte : IBAN LU46 1111 1298 0014 0000

Code BIC : CCPLLULL

Communication : Demande de passeport biométrique « prénom/nom »

Les passeports peuvent être retirés personnellement au plus tôt sept jours ouvrables après l'introduction de la demande au service **Biergeramt de la commune de Differdange**, ou au Bureau des passeports : 6, rue de l'Ancien-Athénée L-1144 Luxembourg.

Prendre rendez-vous

# DÉCLARER UNE NAISSANCE

Toute naissance doit obligatoirement être déclarée à l'officier de l'état civil de la commune où la naissance a eu lieu et ceci dans les cinq jours calendrier (sans compter celui de l'accouchement).

## Pièces à présenter lors de la déclaration de naissance :

- Avis médical de naissance ;
- Livret de famille ou à défaut les pièces d'identité du déclarant et de la mère.
- Important pour le premier enfant commun: si un des deux parents est de nationalité luxembourgeoise ou s'il est né au Grand-Duché: + déclaration conjointe d'attribution de nom signée par les parents.

## Après la déclaration de naissance

Le bureau des déclarations de naissance vous fournit des copies intégrales de l'acte de naissance, dont un exemplaire est à remettre :

- à votre employeur ,
- à la Caisse pour l'avenir des enfants (BP 394, L-2013 Luxembourg) accompagnée de la demande d'allocations familiales et de naissance ,
- à votre Caisse de maladie.

## Et éventuellement :

- à la Caisse médico-chirurgicale (si vous y êtes assuré),
- à votre compagnie d'assurance (assurance-vie),
- au ministère du Logement (dans le cas où vous bénéficiez d'une aide au logement),
- à l'ambassade ou au consulat de votre pays à Luxembourg (si vous n'avez pas la nationalité luxembourgeoise).

## Pièce d'identité pour votre enfant

L'enfant est de nationalité

**luxembourgeoise :** faire la demande auprès du service Biergeramt de votre commune de résidence (si vous ne résidez pas au Grand-Duché : faire la demande auprès du CTIE)

**autre que luxembourgeoise :** faire la demande auprès de votre ambassade/consulat (pour de plus amples informations veuillez-vous adresser à votre ambassade/consulat)



# Mir si geimpft. An du?

#alldosiszielt

All wichteg Informatiounen  
iwwer d'COVID-19-Impfung op

[covidvaccination.lu](https://covidvaccination.lu)



Schwätzt  
mat Ärem Dokter/  
Ärer Doktesch  
iwwer  
d'Impfung!



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Helpline Santé **247-65533**

# Different together\*

**\* Nous sommes différents!**

Découvre Differdange de façon amusante à travers des vidéos, des portraits et des interviews... #differenttogether



[www.differenttogether.differdange.lu](http://www.differenttogether.differdange.lu)